



Gemengerot Esch

Rapport analytique N° 2 / 2013

*La Flèche du Sud, course cycliste
du Bassin Minier*



www.esch.lu

Séance du Conseil communal du
vendredi 8 mars 2013



AN DER UUCHT (Au Coin du Feu)

L'atelier théâtre « An der Uucht », initiative de la Kulturfabrik, est à la recherche de participants âgés de 50 ans et plus pour son groupe francophone. Ce projet repose sur la collecte et la transmission de témoignages, favorisant la rencontre entre des personnes de tout âge et de toutes cultures. L'échange se fait par le partage d'expériences personnelles et ce sous toutes ses formes : en racontant, en chantant, en écrivant,... Périodiquement, une représentation pour le public est organisée : les participants du projet joueront quelques petites scènes de théâtre, qu'ils ont imaginé, inventé et composé à partir de leurs histoires personnelles.

Où ? : Kulturfabrik - 116, rue de Luxembourg
L-4221 Esch-sur-Alzette

Quand ? : tous les **jeudis de 18h30 à 20h**

Inscriptions : M.Jang Kayser au **55 44 93 1**
ou sur jang@kulturfabrik.lu



Pour plus d'informations en portugais,
espagnol ou italien :



SERVICE INTERCULTUREL

Sandy Lorente & Sonia Ferreira
4, rue Joseph Felten
L-1508 HOWALD

Tél: 46 08 08 415 Fax: 46 08 08 490
Email: interculturel@egipa.lu



AN DER UUCHT (Au Coin du Feu)

L'atelier théâtre « An der Uucht », initiative de la Kulturfabrik, est à la recherche de participants âgés de 50 ans et plus pour son groupe francophone. Ce projet repose sur la collecte et la transmission de témoignages, favorisant la rencontre entre des personnes de tout âge et de toutes cultures. L'échange se fait par le partage d'expériences personnelles et ce sous toutes ses formes : en racontant, en chantant, en écrivant,... Périodiquement, une représentation pour le public est organisée : les participants du projet joueront quelques petites scènes de théâtre, qu'ils ont imaginé, inventé et composé à partir de leurs histoires personnelles.

Où ? : Kulturfabrik - 116, rue de Luxembourg
L-4221 Esch-sur-Alzette

Quand ? : tous les **jeudis de 18h30 à 20h**

Inscriptions : M.Jang Kayser au **55 44 93 1**
ou sur jang@kulturfabrik.lu



Pour plus d'informations en portugais,
espagnol ou italien :



SERVICE INTERCULTUREL

Sandy Lorente & Sonia Ferreira
4, rue Joseph Felten
L-1508 HOWALD

Tél: 46 08 08 415 Fax: 46 08 08 490
Email: interculturel@egipa.lu

Conseillers présents:

M. Marc Baum – M. Zénon Bernard – M. Daniel Codello – M. Marco Goetz – M. Mike Hansen – Mme Annette Hildgen – M. Henri Hinterscheid – M. Théid Johans – M. Pierre-Marc Knaff – M. Martin Kox – M. Frunnes Maroldt – Mme Lydia Mutsch – Mme Vera Spautz – M. Jean Tonnar – M. Paul Weidig – M. Everard Wohlfarth – M. André Zwally

Conseillers absents:

Mme Taina Bofferding – M. Jean Huss

Ordre du jour

	Page
Réunion à huis clos	
1. Questions de personnel (présentations de candidats, nominations aux emplois, promotions, démissions); décision	
Réunion publique	
2. Information au public des décisions de personnel	4
3 Correspondance	5
4. Enseignement:	6
a) Planification d'un nouvel établissement scolaire; discussion et décision	
b) Ressorts et secteurs scolaires, changement du secteur Nonnewisen; décision	
5. Urbanisme:	12
a) PAP 02-02 Square Mile; présentation et décision	
b) PAP rue de l'École; présentation et décision	
6. Développement social:	13
a) Foyer de Nuit:	
- Rapport d'activité; présentation et discussion	
- Convention avec le Ministère de la Famille et de l'Intégration; décision	
b) Projet Valobois: convention avec la société CO-LABOR; décision	
c) Projet Escher Holzmanufaktur: convention avec la société CO-LABOR; décision	
7. Office social:	20
- Élection d'un nouveau président; avis	
- Tableau de préséance; avis	
- Avenant au barème de l'office social; avis	
- Convention entre l'Office social: l'État du Grand-Duché de Luxembourg et la Ville d'Esch-sur-Alzette; décision	
8. «Évolution de la sidérurgie et son impact sur la Ville d'Esch-sur-Alzette»; information et discussion (point mis à l'ordre du jour par Monsieur le Conseiller Communal Zénon Bernard)	21
9. Gestion et tarification de l'eau: motion; décision (point mis à l'ordre du jour par Monsieur le Conseiller Communal Marc Baum)	30
10. Avenants aux conventions de construction de Maisons relais pour enfants; décision	34
11. SIGI: adhésion de la commune de Tuntange; décision	34
12. Questions de personnel; décision	34
13. Promotion de la mobilité du personnel de la Ville: règlement-taxi; décision	35
14. Sports; listing des moniteurs LASEP, Youth Sports-Cool Sports et Fit 60+; décision	35
15. Transactions immobilières; décision	36
16. Relevés et rôles; décision	36
17. Subsidés extraordinaires; décision	36
18. Remboursement des frais de conservatoire; décision	36
19. Commissions consultatives: changements; décision	36
20. Contrats de bail; décision	37
21. Règlements de la circulation routière; confirmation + décision	37



Sëtzung vum Escher Gemengerot Freideg, den 8. Mäerz 2013

2. Information au public des décisions de personnel

Buergermeeschter Lydia Mutsch (LSAP): „Sou, da wiere mer prett fir eis ëffentlech Sitzung unzefänken. Esou wéi et üblech ass wäerten direkt déi Décisiounen déi mer am Huis clos geholl hunn, weider gerecht ginn.“

A) Nominations provisoires.

Carrière de l'assistant social.

Nomination provisoire d'un assistant social (grade 10) au service de l'enseignement. Le poste en question a été créé par décision du conseil communal du 21 septembre 2012.

A été nommée: Madame Sarah Goelhausen

Carrière du rédacteur.

Nomination provisoire de 3 rédacteurs (grade 7) de la Ville. Un poste a été publié par voie de la presse en date du 15 décembre 2012. L'avis de publication s'adressait aux postulants qui ont déjà subi avec succès l'examen d'admissibilité requis pour accéder à la fonction en question.

Ont été nommés: Madame Elisabeth Dury, Messieurs Pit Bieber et Tom Klein.

Buergermeeschter Lydia Mutsch (LSAP): „Vläicht nach eng technesch Informatioun. Dir sollt wëssen, dass bei der Live-Iwwerdroung mer héich sensibel Mikroen hunn, an dass och déi Saachen déi Dir vläicht am Vertrauen Ärem Noper sot, mat enregistriert ginn. Ech wollt lech dat just soen. Also limitéiert lech op dat wat Dir hei am Kontext vum Gemengerot ze soen hutt. An Dir musst och Är Mikroen dann all Kéiers erëm aus maachen. Dat war just eng kleng Informatioun, well ech weess net, ob Dir déi Saache scho gekuckt hutt, mä wann Dir et kuckt, da wësst Dir dass déi klengste Saach déi Dir och nach um Rand matdeelt Ärem Noper, dass déi och mat dran ze héieren ass vum Public. An dat sinn awer net ëmmer Saachen déi dofir geduecht sinn.“

Sou, mir géingen da weiderfueren. Mir hunn haut e Punkt ënner Korrespondenz pour informatioun.

Jo, den Här Baum. Zum Ordre du jour?“

Marc Baum (DÉI LÉNK): „Jo. Mir hunn ënnert dem Punkt 4 Enseignement 2 Ënnerpunkten a) a b). a) ass d'Planification d'un nouvel établissement scolaire, discussion et décision. An eisem Dossier ware keng Dokumenter do derzou. Ech hunn och keen Avis vun der obligatorescher gesetzlecher Schoukommissioun dozou leien, duerfir froen ech, ob Dir dee Punkt nach wéilt um Ordre du jour

behalen? A wa jo, da géif ech plädéiere fir en erofzuehlen.“

Buergermeeschter Lydia Mutsch (LSAP): „Ma mir wëllen deen um Ordre du jour behalen.“

Marc Baum (DÉI LÉNK): „Dann treffe mer hei eng Décisioun iwwert e Punkt deen de Gemengeréit nët 5 Deeg virdrun, nom Gemeengesetz, zougängelech war a wou och keen Avis vun der gesetzlecher Schoukommissioun do ass.“

Buergermeeschter Lydia Mutsch (LSAP): „Gutt. Ech mengen, Här Baum, dass déi Aussoen déi Dir maacht net richtig sinn. Aus 3 Grënn. Éischtens, d'Dossiere sinn asiichteg fir d'Gemengeréit, och wa se hinnen net am Virfeld en détail zougestallt ginn. Dat heescht, mir sinn als Gemeng net obligéiert, maachen dat awer hei zu Esch fir lech en détail heiansdo Freides, meeschtens awer dee Méindeg virun der Gemengerotssëtzung en Dossier zoukommen ze loosse an an deem Dossier gi mer lech Virinformatiounen. Dat ass awer keng gesetzlech Obligatioun.“

Zweetens, mir mengen, dass fir déi dote Punkten ze huele mer deen Avis deen Dir elo grad genannt hutt, net mussen anhuelen.

An drëtzens, mir wollten lech rappeléieren, dass mer eng Aarbechtssëtzung haten, eng technesch Informatiounsëtzung vum Gemengerot wou mer lech an enger Sëtzung, déi, wann ech mech gutt erënneren, zwou Stonne gedauert huet, all Virinformatiounen ginn hunn zu deem heite Punkt, esou dass mer mengen, dass Dir kënnt en connaissance de cause a berouegt deen heite Punkt stëmmen.

Et ass awer Äert gutt Recht eng Ännerung vum Ordre du jour ze proposéieren. Mir huelen dat dann zur Kenntnis. Ech mengen dat ass d'Recht vun all Conseiller an da musse mer eng Ofstëmmung maachen, ob Dir d'accord sidd, dass den Ordre du jour an där Form bäibehale gëtt wéi en elo virläit, da stëmmt Dir mat Jo. A wann Dir d'accord sidd mat der Modifikatiounspropositioun fir dat erofzuehuele vum Här Baum, da stëmmt Dir mat Nee. Au vote.

Wann Dir der Meenung sidd, dass den Ordre du jour bäibehale gëtt wéi en lech elo virläit, da stëmmt Dir Jo. A wann Dir der Meenung sidd, dass déi Propositioun vum Här Baum fir eng Modifikatioun vum Ordre du jour ze maachen, dass de Punkt 4 erofkënn, da stëmmt Dir mat Nee.“

Conseillers présents:

M. Marc Baum – M. Zénon Bernard – M. Daniel Codello – M. Marco Goetz – M. Mike Hansen – Mme Annette Hildgen – M. Henri Hinterscheid – M. Théid Johanns – M. Pierre-Marc Knaff – M. Martin Kox – M. Frunnes Maroldt – Mme Lydia Mutsch – Mme Vera Spautz – M. Jean Tonnar – M. Paul Weidig – M. Everard Wohlfarth – M. André Zwally

Le Conseil Communal décide par 13 voix oui, 3 voix non et 1 abstention de maintenir l'ordre du jour fixé le 28 février 2013.

Ont voté oui, Madame le Bourgmestre Mutsch, les échevins Hinterscheid, Spautz et Tonnar ainsi que les conseillers Codello, Goetz, Hansen, Hildgen, Kox, Maroldt, Weidig, Wohlfarth et Zwally. Ont voté non, les conseillers Baum, Bernard et Johanns. Le conseiller Knaff s'est abstenu.

Pierre-Marc Knaff (DP): „Ech géif meng Abstentioun gär begrënnen.“

Buergermeeschter Lydia Mutsch (LSAP): „Ah, absolut. Dir hutt och e Recht dozou.“

Pierre-Marc Knaff (DP): „Also ech hu kee Problem dee Punkt ze stëmmen. Ech mengen ech wär genuch informéiert, mä déi Explikatiounen, Madame Buergermeeschter, déi Dir elo dem Conseiller Baum ginn hutt, déi fannen ech awer äusserst limite. Mir mussen als Conseiller awer trotz allem eis kënnen drop verloossen, datt déi Dossieren déi Dir eis gitt, datt déi komplett sinn. Soss entweder gitt Dir eis se net méi, an da musse mer eis eben debrouilléieren, trotzdem datt mer näischt anescht dann zu eiser Verfügung hunn. Datt Dir am Schäfferot alles zur Verfügung hutt, Leit déi fir lech schaffen, déi 24/24 fir lech do sinn. Mir hu guer näischt hei soss. Mir kréie just 8 Deeg, et si mol keng 8 Deeg, 4 Deeg virun der Sitzung deen Dossier. Mir mussen eis kënnen drop, wierklech drop verloossen, datt deen Dossier komplett ass. Soss hu mer e Problem. Soss sot eis einfach Dir kritt keen oder Dir kritt esou en Dossier, lalali, lalala. Mä awer, wa mer en Dossier kréien, da muss e komplett sinn. Dat ass meng Meenung an dofir enthalen ech mech an ech muss soen, datt ech Är Explikatiounen, déi ech normalerweis ganz gutt fannen, dës Kéier awer wierklech net gutt fannen.“

Marc Baum (DÉI LÉNK): „Très bien.“

3. Correspondance

Buergermeeschter Lydia Mutsch (LSAP):

„Merci, Här Knaff. Mir géingen da weiderfuere mat Korrespondenz. Do hutt Dir e Bréif dra leien, deen de Schäfferot un d’Madame Kulturministerin geschriwwen huet am Zesammenhang mam Musée de la Résistance. Mir waren der Meenung, dass et wichteg ass fir net dauernd doriwwer ze diskutéieren bei weem de Ball läit. Am Zesammenhang mat der absolut dréngender an noutwenniger Renovatioun vun eisem Musée de la Résistance, dofir hu mir d’Décisioun geholl als Schäfferot fir an engem Bréif ze resüméieren wou mer do stinn. Mir hunn och an deem Bréif nëmme sachlech Argumenter geholl. Mir hunn e klengen Historik gemaach. Mir hunn och virun allem d’Informatioun ginn, dass 2016 de 60. Anniversaire vum Musée ass, an dass mir der Meenung sinn, dass mer awer bis dohinner müssen d’Méiglechkeeten hu fir e fäerdege Projet ze hunn, well mir awer mengen, dass et elo héich Zäit ass fir e Musée, deen national ass a wou mer virun allem wëllen déi jonk Leit motivéieren, fir sech och kënnen ausereenzesetze mat Themen déi eiser Meenung no un Aktualitéit näischt agebéisst hunn. Allerdéngs ass dee Musée wierklech net méi zäitgeméiss an dofir hu mir eise guddé Wëllen an deem Bréif témoignéiert andeem mer eng Proposition gemaach hunn. Mir hunn och nach eng Kéier rapeléiert, dass mir weiderhi bereet si 50% ze contribuéieren wat d’Renovatioun vum Musée ubelaangt. Allerdéngs mécht dann en Deel vun deene 50% den Input aus vum Terrain a vun der Gebailechkeet déi am Besëtz vun der Stad Esch sinn a mir hunn och eng konkret Proposition gemaach wéi mer eis kéinten uleeën. Mir mengen, dass wann e Budget de démarrage vu 7 Mio do wier, dee géing alimentéiert gi vun deenen zwou Säiten, dass dat genuch wier fir wierklech e proppere Projet op d’Been ze stellen an och scho kënnen ze demarréieren. Bon, Dir hutt eng Kopie vun deem heite Bréif an Ärem Dossier leie gehat, esou dass mer lech dat pour information gäre ginn an lech natierlech och als Gemeng, als Memberen direkt informéieren, wa mer eng entspreichend Äntwert kréien. Gutt. Jo, den Här Zwally.“

André Zwally (CSV): „Merci, Madame Buergermeeschter. Ech denken, et ass och déi éischte Kéier wou mer eng Kéier esou e Punkt an der Korrespondenz hei hunn, wat eise Gemengerot ubelaangt. Mir begréissen als CSV, dass Dir op de Wee gitt fir mat Argumenter ze operéieren

wat den Dossier vun dem Musée de la Résistance ubelaangt, dass ee sech kann op de Wee maache fir e Konzept ze maache wat och jiddwereen herno ka verstoen a wou och jiddwereen domatter d’accord ass fir domatter kënnen ze liewen. Mir si frou well mer jo och wossten, dass d’Problematik doranner bestanen huet um Niveau vun de Gebaier, well jo awer verschidde Ministère mat implizéiert waren, dass Dir hei d’Initiativ ergraff hutt fir kënnen op de Wee ze goen, zesumme mam Ministère de la culture fir eng Léisung ze fannen déi eis alleguerten och soll zefridde stellen. An deem Sënn kënne mer lech nëmme félicitéieren fir de Bréif. Merci.“

Buergermeeschter Lydia Mutsch (LSAP):

„Merci, Här Zwally. Den Här Baum an dann den Här Codello.“

Marc Baum (DÉI LÉNK): „Jo, Merci, Madame Buergermeeschter. Als Lénk ënnerstëtze mer déi doen Initiativ déi de Schäfferot geholl huet natierlech voll a ganz. No Joere vun enger Zort Patt-Situatioun, wou op deenen zwou Säiten net vill sech beweegt huet, ass d’Tatsaach, datt d’Escher Gemeng iwwert hire Schiet spréngt an d’Initiativ ergräift fir eng Relance vun der Debatt aktiv ze féieren an dat op eng Aart a Weis déi awer och en neit Element huet, nämlech andeem Dir och finanziell lech verpflichtet oder zumindest Är Intentioun kloer maacht, eppes ass wat absolut fortschrëttlech ass an duerfir ënnerstëtze mer déi doen Initiativ voll a ganz.“

Buergermeeschter Lydia Mutsch (LSAP):

„Merci, Här Baum. Dann den Här Codello.“

Daniel Codello (LSAP): „Merci, Madame Buergermeeschter. Och vun eiser Säit begréisse mer dee Bréif un d’Kulturministes, virun allem well et d’Ëmsetzung och vun enger Motioun ass déi dese Gemengerot hei gestëmmt huet. Wéi mer diskutéiert hunn iwwert d’Renovatioun vum Musée, ech mengen et ass knapp annerhaleft Joer hir, knapp e Joer wou mer eng Motioun gestëmmt hu wou mer de Schäfferot drop opgefuerdert hu mat den zoustännege Ministère, also hei am Fall mam Kulturministère a Kontakt ze trieden. An Dir gitt wierklech carrément vill méi wäit, den Här Baum huet et och elo grad konkret ugeschnidden, Dir maacht eng konkret Propos an ech mengen et ass wichteg ze gesinn, dass an deem Dossier do, och vu Säite vun der Gemeng do Beweegung dra kënnt. De Ball läit elo bei der Regierung. De Ball läit

ëmmer iergendwou, mä d’Beweegung ass drakomm an ech mengen et ënnersträicht och alt erëm eng Kéier d’Wichtigkeet déi mer deem Musée, deem nationale Musée deen op Escher Territoire ass, hei ginn an deen eng ganz sensibel Thematik uschwätzt a fir déi mer müssen all eis politesch Responsabilitéit erhuelen, dass do eppes gemaach gëtt wat digne ass fir där doter Memoire gerecht ze ginn.“

Buergermeeschter Lydia Mutsch (LSAP):

„Merci, Här Codello. Den Här Bernard.“

Zénon Bernard (KPL): „Merci, Madame Buergermeeschter. Meng Partei ënnerstëtzt natierlech och déi Initiativ do. Do si positiv Elementer dran déi ganz konkret sinn, déi an d’Richtung gi fir deem anere Partenaire de financement, loosse mer e mol esou nennen, dat heescht d’Regierung e Virschlag ze maachen, ganz konkret, an ech begréissen dat. Ech hoffe just, dass op där anerer Säit d’Wichtigkeet vun deem Musée de la Résistance kloer gesi gëtt. Dat ass e Musée wou mer déijéineg éieren, déi de Kapp duergehalen hunn, déi hiert Liewen op d’Spill gesat hunn, respektiv hiert Liewe verluer hu fir d’Onofhängegkeet vun eisem Land an déi se wierklech verdéngen, dass mer eis virun hinne verneigen an dee Respekt weisen deen néideg ass. Ech soen lech Merci.“

Buergermeeschter Lydia Mutsch (LSAP):

„Merci, Här Bernard. Den Här Kox wann ech gelift.“

Martin Kox (DÉI GRÉNG): „Ech maachen et just ganz kuerz och. Ech wëll och vun deene Gréngen aus d’Ënnerstëtzung fir dee Bréif ënnersträichen. Ech géif awer just, et ass praktesch alles gesot, ech géif awer heibäi den Direkter, de Chargé de direction awer och nennen, deen e ganz grouse Match an deem Ganze gemaach huet an deen effektiv, dee Musée effektiv elo esou promovéiert huet, dass mer zu esou engem Bréif och komme konnten. Ech soen lech Merci.“

Buergermeeschter Lydia Mutsch (LSAP):

„Merci, Här Kox an alle Virriedner. Wéi gesot, de Schäfferot ... ausser den Här Tonnar wëll nach als Kulturschäffen e Wuert dozou soen – dat ass net de Fall – also mir si wierklech prett fir déi gemeinsam Renovatioun unzegoen a mir hoffen op e positive Feedback vun der Regierung.“

4. Enseignement:

a) Planification d'un nouvel établissement scolaire; discussion et décision

b) Ressorts et secteurs scolaires, changement du secteur Nonnewisen; décision

Buergermeeschter Lydia Mutsch (LSAP): „Mir géingen da weiderfuere mam Punkt 4, Enseignement, wou ech d'Wuert un eise Ressortschaffen, den Här Tonnar ginn.“

Schäffe Jean Tonnar (LSAP): „Jo, Merci, ech wëll fir d'éischt eng preliminaire Remarque maachen. Ech muss soen, ech si ganz erstaunt iwwert dem Här Baum seng Demande hei. Hien, deem soit-disant esou vill un de Schoule läit, versicht – ech kann dat net anescht nennen – a wann et nëmmen ëm ee Mount ass déi ganz Diskussioun ze retardéieren. Ech fannen dat guer net op der Héicht vum Här Baum. Ech wollt dat hei mol ganz kloer soen, well ech fannen, all Dag dee verluer geet fir wa mer eng nei Schoul solle bauen, ass en Dag deen ze vill verluer ass. A wann ech dann all Kéiers héieren, déi aarme Schoulen, den Echec, a wat alles schlecht ass, ma da muss ech soe fannen ech dat hei vum Här Baum ganz schlecht. Dat war mol eng preliminaire Remarque. Den Här Baum war hei viru 14 Deeg wéi mer iwwer d'Schoule geschwat hunn, do huet hie fonnt mir géifen ze vill iwwer d'Schoule schwätzen an et wier Blablabla. An duerfir wollt ech mech haut net repetéieren, ech wëll just soen et gëtt kee *Fait nouveau par rapport* zu deem wat mer ausgedeelt hu viru 14 Deeg, e ganz détailléierten ...

Marc Baum (Déi Lénk): „Wéi eng Décisioun wollt Dir huelen? Et stung nëischt dran!“

Schäffe Jean Tonnar (LSAP): „E ganz détailléierte Rapport vun engem Groupe de travail deen zesumme gesat war aus Leit vun de Schoulen, aus eisen zwee Architekten, aus eisem Direkter vun den Travaux publics an déi eis fir d'éischt mol eng Bestandsopnam gemaach hu vun den aktuelle Schoulen, wéi se sinn, mat hire Points forts, mat hire Faiblessen, wat muss verbessert ginn a wat an der Rei ass. Dann ass komm eng ganz Partie Projeten, dat sinn nach ëmmer deeselwechten Avis deen Dir ausgedeelt kritt hutt viru 14 Deeg. D'Press huet deen och. Dir fannt do eng Analys iwwer all méiglech nei Siten déi a Fro komme fir eng nei Schoul an Esch ze bauen. Déi Sitë sinn, ech zielen déi ganz kuerz op, am Schlass-

goart en neit Gebai opzebauen, an de Kleppen en neit Gebai, de Parking Saint Joseph dee scho ganz laang am Gespréich war, um Cactus, um aktuelle Cactus-Site, dee jo eng Kéier fräi gëtt. En neit Gebai um ARES Site, um Crassier Terres Rouges en neit Gebai opzeriichten, am Îlot central Kanalstrooss / Kuelestrooss / Victor Hugo och en neit Gebai. Et ass riets vum Site vun der Editpress, dee wahrscheinlech iergendwann eng Kéier fräi gëtt a wou d'Gemeng interesséiert ass dat Gebai, le cas échéant, opzekafe wat e ganz groust Areal huet. Wobrécken en neit Gebai. Den ale Garage Losch, op der Lentilles Terres Rouges, um Jeunesse Terrain wann deen eng Kéier géif fräi ginn. D'Spréitendhaus, uewe beim Kierfecht, am Neiduerf wou eise Site ass, am Aerodrom an dann am Quartier Jouhaux/Mâcon den Développement vum aktuelle Site. Déi Méiglechkeete sinn all analyséiert ginn. Mer hunn och, ech wëll dat och nach eng Kéier soen, an der Schoulkommissioun doriwwer geschwat, an d'Konklusioun war am Schäfferot an och d'lescht wou mer driwwer geschwat hunn, an deem technesche Gemengerot, dass als éischt Plaz Wobrécke soll zrëckbehale ginn. Wobrécken, wou actuellement déi Gréng Schoul steet an déi ofgerappt gëtt a wou de ganz groussen Avantage huet, dass mer direkt kënnent ufänken, well mer net riets a lénks musse bei aner Propriétaire goen an déi froe fir ob se d'accord sinn ze verkafen. A wa se richen, dass mer dat wëlle kafen, de Präis esou vill méi héich maachen. Hei si mer eisen eegene Propriétaire. Mer kënnen direkt ukommen a mer kënnen, éischensmol dee Site vill méi flott maachen. Mer kënnen Wunnengen dobäi maachen, et ass e grouse Site, a mer kënnen eng nei Schoul do opriichten déi den Avantage huet de ganze Quartier vum Dellhéicht ze déchargéieren, all déi Stroossen Dunant, Churchill, ënnen Emile Mayrisch, Jean-Pierre Michels an da géif doduercher d'Dellhéicht-Schoul vill méi eidel ginn a mer hätten déi Schoul hei an der Groussaass déi och ganz grouss Problemerkanner huet, kënnent mer décaléieren op de Quartier Dellhéicht zou. Dat war d'Idee, dat ass och d'Propos an dat ass dat wat mer haut dem Gemengerot zur Diskussioun setzen an zum Avis ginn an ofstème loose wëllen, dass mer, wéi ech mengen, eng Unanimitéit hu fir deen neie Site an esou séier wéi méiglech kënnen ukommen. Mir stëmmen haut selbstverständlech net iwwert en Architektoconcours oder wéi d'Still sollen ausgesinn. Mir stëmmen haut, dass mer d'Ënnerstëtzung vum Gemengerot sollen hunn, fir deen neie Site dee mer lech

proposéieren. Net méi an net manner, mä et geet dorëm eenzeg an alleng. Ech wëll awer och nach soen, dass déi Diskussiounen an dat muss jo den Här Baum och interesséieren, net nëmmen iwwert d'Form vun enger Schoul sinn. Et geet och drëm wat an de Schoulen ass. Et geet och drëm wat an de Schoulen ass! Mir hu ganz laang hei iwwert den Echec scolaire geschwat. Mir hu ganz laang geschwat wéi vill Leit an de Seconnaire, wéi vill Leit an den Technique kommen, wéi vill Leit an de Modulaire kommen. Mir hate virun 3 Deeg oder virun 2 Deeg, en Dënschdeg war et, eng Schoulkommissiounssëtzung. Mir hunn do déi Ziffere verglach mam ganze Land an de groussen Ënnerscheid nach ëmmer ass, dass zu Esch 3 Kanner vun 10 an de Modulaire kommen – ganz genee 2,8 – an am Rescht vum Land 1 vun 10. Wat ech och nach fannen, sinn der enorm, och fir de Rescht vun eisem Land an net nëmme fir Esch. An ech fannen, et kann een an et muss een no Schoulraum kucken, mä et muss een och, et ass net verbueden, ze kucke fir wéi ee vläicht och an de Schoulen eppes beweegen kann, fir dass een deen Echec scolaire net ëmmer nëmmen dovou schwätzt a lamentéiert wéi schlëmm dat ass, mä dass een och vläicht eppes an d'Wee ka beweegen an un d'Rulle bréinge fir deen Echec scolaire. A wann et nëmmen ëm 3% erfesetzt oder ëm 5 oder ëm 10% a mer sinn eis eens ginn unanimement an der Schoulkommissioun, dass mer do e Groupe de travail maachen, an dass mer Proposé wäerten ausschaffen, an dass mer zesumme mat eisem kompetenten an engagéierte Personal, souwuel eis Brevetéierter wéi eis Chargéé wäerten zesummen op dee Wee goen a Propose maachen a versichen deen Echec scolaire, a wann et nëmmen an den nächste 5 Joer 1% ass erfesetzen, wäerte mer dat maachen. An deem Zesammenhang wëll ech soen, dass mer d'nächst Woch hei zu Esch mat der Ministesch eng Konventioun fir de Brill ënnerschreiwen. D'Gemeng an de Ministère an de President an de Comité vun den Enseignante vum Brill, eng Konventioun déi an deem do Sënn geet, eng Konventioun wéi mer se och mat der Ganzdaagsschoul hunn, wou mer e Projet hunn a wou mer wäerte versichen an deem do Wee ze schaffen. Dat ass wat ech heizou ze soen hunn. Ech sinn awer ganz frou op all Är Froen eng Äntwert versichen ze fannen.“

Buergermeeschter Lydia Mutsch (LSAP): „Merci, Här Tonnar. Au vote. Nee, um Här Baum.“

Marc Baum (DÉI LÉNK): „Madame Buergermeeschter, an deem leschte Huis clos op deen den Här Tonnar sech jo elo hei a sengen Ausféierung beriff, hu mer zum Schluss gesot gehat, et gëtt eng animéiert Debatt, well ech hu gesot, déi doten Debatt déi kann een net am Huis clos féieren. Et war eng Debatt iwwert d'Schoulinfrastrukturen, do hat den Här Tonnar Recht, an iwwert den Inhalt vun deem wat an deene Schoule geschéie soll. An do huet den Här Tonnar Saache gesot déi ech ganz interessant fonnt hunn an déi mech an héchstem Mooss alarméiert hunn. Well et awer e Huis clos ass, hunn ech jo geduecht, ma da kann ee jo net domatter an d'Éffentlechkeet goen, mat deenen Aussoen déi do gemaach gi sinn. Ech stellen elo awer fest, datt aus deem Huis clos hei an der éffentlecher Sëtzung zitéiert gëtt an da mengen ech, datt een och misst e puer inhaltlech Saachen dozou soen. Dat éischt ass, wat ass d'legal Basis vun engem Gemengerot à huis clos? Ech kenne se net. Esou eppes steet net am Gemengegesetz. A wann, wéi Dir elo hei suggeréiert, déi Diskussioun do gefouert ginn ass an do wier, wat ech bestreiden, do wier erauskomm, datt Dir d'Propos gemaach hätt, d'Nummer 1 wier dat doe Gebai a mir sehnen et haut just of. Mä esou ass dee Huis clos net ofgelaf. Dir hutt keng Propos gemaach. An duerfir insistéieren ech drop, och dat wat mer elo hei decidéieren, ass eppes wou mir als Gemengeréit nach ëmmer, och elo Séance tenante, keen Dokument virleien hunn. Mir hunn et nach ëmmer net virleien. Dir hutt an deem Huis clos net déi Propos gemaach. Dir hutt d'Enumération gemaach vun deene méigleche Siten an Dir hutt gesot, am wärmste si mer fir déi an déi Siten. Dat ass dat wat en fait geschitt ass. Bon, 'net op der Héicht', Här Tonnar. Dat Dokument wat Dir ausgedeeelt hutt, dat hat eng Héicht. An dat war, datt dat Dokument, wat och der Press jo net virläit, datt do déi éischte Kéier drastung, wat eng Schoul ass als Infrastruktur. An dat ass e riise Fortschrëtt vun der Aart a Weis wéi ee probéiert wëssenschaftlech drun erunzegoe wou mer hei zu Esch da Schoul brauchen. An eng Schoul, no deem Dokument, besteet entweder aus engem Train, also aus 8 Klassen oder aus 2 Trainen. Dat ass eng Schoul. Dat bedeit am Émkéierschloss, datt et hei zu Esch ganz vill Schoulraum gëtt, deen an där doter strenger Definitioun net an enger Schoul ass. An da muss een och d'Fro stellen, Här Tonnar, op der Héicht, ass dann an deene leschte 7 Joer hei zu Esch Schoulraum méi geschafte ginn ënnert

där doter Definitioun vu Schoul, nämlech als kohärent ganz Gebai? Oder sinn net an der Vergaangenheet Parkplaze benotzt gi fir dohinner Containeren ze stellen? Bon, dat war d'Héicht vun deem Dokument, datt et eng Definitioun ginn huet. Dat Dokument hat awer och eng Schwächt. Well wann een erausfanne wëll wou mer nei Schoule bauen, da musse mer fir d'éischt ufänken eng Bedarfsanalys ze maachen. Wéi vill Kanner kommen da bäi an 3 Joer, a 5 Joer an der Planifikatioun vun 10 Joer? Wou kommen déi Kanner bäi? A wou feelen elo, wou feelt elo scho Schoulraum? Do kann een natierlech aus engem Bauchgefill erausoen, mä et feelt eng Zentrumsschoul. Jo, dat ass wéi bis elo zu Esch Schoulinfrastrukturpolitik ëmmer gemaach ginn ass, nämlech just aus dem Bauchgefill eraus. Duerfir mengen ech, datt een déi Diskussioun wierklech misst féiere wou baume Schoulen a wat ass eng Schoul? A gehéiert zu enger Schoul, Här Tonnar, net och eng Maison Relais? Gehéiert dat net och dozou? Firwat war an deem Dokument da kee Plang, wa mer nei Schoule bauen, ob dann do och Maisons Relais dobäi kommen? Wat jo zu engem kohärenten Educatiounskonzept misst dozou gehéiere wann een iwwer Schoulinfrastrukture schwätzt. Vun all deem war näischt an deem Dokument dran! Och hunn ech bis elo – Dir hutt och d'Responsabilitéit iwwert d'Maisons Relais – bis elo nach näischt héieren, datt eng weider Maison Relais sollt zu Esch gebaut ginn, wat ee vun deene positive Punkten am Koalitiounsprogramm vun der LSAP an déi Gréng war, datt nämlech gesot ginn ass, mir orientéieren eis mat engem flächendeckenden Ugebuet u Maisons Relais. An deem heiten Dokument an och soss an Dokumenter déi mir virleien, nada, nada! Zweetens, dann zu deem vun lech esou héich geschätzten Inhalt wat den Echec scolaire ugeet. Jo, Dir hutt Recht. Hei zu Esch ginn 3x esou vill Kanner an de Modulaire wéi dat am Rescht vum Land de Fall ass. Mä da muss een d'Fro stellen, wat ass dann en Echec scolaire? Ass den Echec scolaire net dee vun enger gesamter Gesellschaft déi et net fäerdeg bréngt als ee vun deene rächste Länner vun der Welt seng Kanner esou auszubilden, déi Kanner déi hei gebuer ginn an hei an d'Schoul ginn, esou auszubilden, datt se wierklech och Perspektiven hunn. An do ass och d'Escher Gemeng an der Responsabilitéit, well wéi Dir et eben nennt, deen Echec scolaire oder déi Orientéierung an eng Richtung déi manner Perspektiven opmécht, déi geschitt virun allem am Alter vu 6-12 Joer.

Dann hutt Dir net gesot, datt deen Echec scolaire zu Esch ganz ënnerschiedlech verdeelt ass. Et gi Schoule wou bal d'Halbschent vun de Kanner an de Modulaire kommen an et gi Schoule wou dat 5% ass. An déi Schoulen déi leie Loftlinn 500 Meter auseneen. Wéi ass dat méiglech? Ass dat dann net och vläicht en Echec vu Schoulpolitik? Ass dat net och vläicht en Ausdruck vun de sozialen Ursaachen déi hannert deem Echec scolaire leien? Alles doriwwer hutt Dir och d'leschte Kéier kee Wuert verluer an ech probéieren lech elo wuertgeméiss erëmzeginn dat wat Dir ugedeit hutt u Méiglechkeet a wéi eng Richtung vu Reform vun der Escher Schoulpolitik ee misst goen, dat war: Et misst een eng Ecole de la qualité schafe bäi där d'Eltere quasi géife wéi e Kontrakt ënnerschreiwien, datt se, Zitat: 'net direkt bei de Pedopsychiater lafe wann de Schoulmeeschter mol méi e strengt Wuert seet'. Här Tonnar, dat ass Rietspopulismus ënnert deem allernidderegsten Niveau. Ech hu geduecht den ADR géif net méi hei setzen. Ech stelle fest e sëtzt awer nach hei. Ech soen lech Merci.“

Schäffin Vera Spautz (LSAP): „Hutt nach ee sech ageschriwwen? Den Här Kox.“

Martin Kox (DÉI GRÉNG): „Merci, Madame Spautz. Ech war jo och an där Sëtzung gewiescht viru 14 Deeg. Ech hunn awer dann eng aner Notioun gehat wat zumindest déi verschidde Projekte vu Klassementer vun Implantatiounen vun neie Schoule betrëfft. Also ech hat scho verstanen, et ass eng Prioritéit dass a sech all Schoulsite deen ass op seng Vir- a seng Nodeeler ënnersicht ginn. A leschten Ends ass Wobrécken awer a mengen Aen zeréckbehale ginn oder zumindest suggeréiert ginn, well den Terrain effektiv an der Possessioun vun der Gemeng läit, well en eng komplett Schoul zouléisst mat Maison Relais, de Raum ass grouss genuch. Den Terrain ass grouss genuch an et ass en Terrain deen natierlech déi ëmgéigend Quartieren dann och dann entlaascht, respektiv dee konstanten Drock vun enger zousätzlecher Zentrumsschoul eventuell entschäerft. Et ass an deem Groupe de travail effektiv, deem ech natierlech Merci soe fir hir ausféierlech Analys vun der aktueller Schulgebaisituatioun an d'Virschléi vun den aktuelle méigleche Sitë vun enger neier Schoul halt effektiv ganz gutt erausgeschafft huet. Ech mengen et ass halt esou, dass och dee Grupp konnte elo net eng optimal zentral Plaz fir eng Schoul am Zentrum fannen. Ech mengen dat ass halt esou a mer mussen da mat deene

Plazen halt zurecht kommen déi dann eben dann nach fonnt gi sinn. Ech menge mir als déi Gréng ënnerstëtzen dee Site do. An dee Site do erlaabt sécherlech a kierzester Zäit, an der kierzester Zäit, eng nei Struktur déi mer noutwenneg brauchen.

Aus der Analys ergeet sech awer och d'Méiglechkeet d'Renovatioun an e pluriannuelle Plang anzuschreiben. Ech menge vun all grousser Schoul ginn a sech vun alle Siten, gi gutt an déi schlecht Saachen ervirbruecht. Ech mengen et ass richtig, dass och do muss nogehaakt ginn. Infrastrukture si vun ënnerschiddlicher Qualitéit. Grad do wou déi Kanner sinn, Här Baum, déi schoulesch am meeschte Problemer hunn, sinn och offensichtlech d'Zoustänn am schlechtesten. Finanziell ass déi lescht Joeren awer vill vum Budget aus an dës Schoul investéiert ginn, woubäi nach e serieuxe Nohuelbedarf besteet, besonnesch op Grond vun den neien Ufuerderungen an den Installatiounen. Et ass awer net onbedéngt esou, dass d'Qualitéit vum Unterrecht vun der Infrastruktur vum Gebai ofhänkt. Heibäi ass besonnesch d'soziaalt Ëmfeld, dat ass richtig, vun de Schüler als Grond unzeféieren. Ech mengen ech si frou wann ech vum Här Tonnar héieren, dass e Groupe de travail elo agesat ginn ass, wou d'Chargéee respektiv och d'Léierpersonal mat abegraff ass fir effektiv Pisten ze weise wéi mer vun deem Echec e bëssen erof kënnen kommen.

Ech ginn nëmmen e puer Stéchwieder, méi Appui, e Plan d'encadrement périscolaire, de Projet vun der Ganzdaagschoul, Teamteaching, Seniorebenevolat ass och eng Idee. An nach méi Berücksichtigung vum Indice social mat Erhéijung vum Kontingent wat elo am Brill sécherlech mat ënnerschriwwer gëtt. Dat kënnen Stéchwieder a Piste si fir déi schlecht Resultater beim Ofgang vun der Primärschoul ze verbessern. Eng Idee war, an der Zeitung, aus Dänemark, fir e Pilotprojet – dee kënnst een effektiv och hei ubidden, zu Esch – wou auslännesch Kanner primär an hirer Mammesprooch instruéiert gi fir halt effektiv grad do wou déi meescht Problemer sinn, dass déi do aus där Situatioun erauskommen. Insgesamt gefuerdert ass awer net nëmmen d'Gemeng, awer haaptsächlech ass gefuerdert d'Regierung, d'finanziell Hëllef vum Ministère déi och d'Verantwortung fir d'Pädagogik an eise Primärschoulen huet. Ech soen lech Merci."

Buergermeeschter Lydia Mutsch (LSAP): „Merci, Här Kox. Jo, den Här Knaff."

Pierre-Marc Knaff (DP): „Jo, Madame Buergermeeschter. Et seet een, le pouvoir avilit. An ech muss wierklech elo feststellen ...

(Ënnerbriechung)

Le Pouvoir avilit.

(Ënnerbriechung)

Jo, dat ass schued, dann hätt Dir sollten e bëssen oppassen an der Schoul, dann hätt Dir dat vläicht geléiert. Mä ech constatéieren awer trotz allem, ech fannen et awer ganz traureg, dass mer elo hei zu Esch op en Niveau komme wou mer wierklech iwwer Saachen diskutéieren wou mer och elo nach ëmmer keen Dokument hunn. Datt mer et net haten am Dossier wou mer am Fong kënnen erwaarden, dass en Dossier komplett ass, dat ass eng Saach. Mä dass mer elo dee Projet oder deen ënner Infrastructure steet, ofgeliest kréie vum Schoulschäffen ouni dass mir eng Basis hunn, dat fannen ech awer elo nach ëmmer méi schéin. A wann een dann eppes seet dozou, da gëtt een dann nach e bëssen hei, voilà, an d'Gebiet geholl, well ee gewot huet sech iwwert déi Method do ze beschwéieren. Dat kann dach net sinn. Esou war Dir net am Ufank vun Ärer Mandatsperiod. Do hutt Dir gekuckt, d'Rechter vum Conseiller och e bëssen ze wahren. Ech gesinn, dass et elo surtout nach d'Rechter vum Schäfferot gëtt, an, well soss géif esou eppes wéi dat do net virkommen.

An eng Ausso wéi de Schäfte se elo gemaach huet, de Schoulschäffen, wou hie seet, jo dat ass egal, mir fueren dat elo duerch soss kréie mer Retard. Ma da kréie mer eben e Mount Retard. Mir wësse jo dass mer an all den Dossiere relativ hannendra sinn. Et kënnst och elo net op e Mount un. Mä mir mussen kënnen hei en connaissance de cause decidéieren. A mir mussen déi Dokumenter virdrun hunn, well hannert eis, déi hei sëtzen, do ass e ganze Grupp nach hannendrun. Mir gi jo net gewielt einfach esou aus heiterem Himmel. Mir kandidéieren mat enger Lëscht, déi Leit déi mer d'Lëscht ginn déi wëlle gären informéiert si wat hei geschitt a mir mussen Zäit hu fir mat deenen déi verschidde Propositionen ze diskutéieren a mir mussen kucken fir do op en Nenner ze kommen an da komme mer hei hin a mir presentéieren eng Meenung. Also kann et net sinn, dass einfach eppes do schwadronnéiert gëtt, wou mer net am Virfeld wësse wat, well mer et dann net kënnen ofsehne losse vun eisen Instanzen. Also ech mengen dat géif awer mengen ech jiddweree verstoen deen tant soit peu am Lieue vun enger Partei matgeschafft huet. An dofir mengen ech, wier dat dote ganz schlecht wat mer elo hei proObéie-

ren iergendeppes ze stëmmen, ech weess jo nach ëmmer net wat Dir gären hätt? Wat hätt Dir gären dass mer solle stëmmen, eng Schoul wou, wat, a wéi enger Gréisst? Mat oder ouni ... Wat hätt Dir gären hei? Wat hätt Dir gären? Dir schreift heihin e Punkt Infrastructure. Dir sot eis net wéi eng Décisioun Dir wëllt. Dir sot eis net en Emplacement. Wéi oder wat? Ech fannen dat doten net gutt. Mir mussen dee Punkt elo anstänneg preparéieren, well wéi Dir richtig sot, d'Schoulpolitik ass dat Wichtigst wat mer hei ze verrieden hunn an dann ass et net fir et op esou eng wischiwaschi Aart a Weis virzebréngen wéi mer dat elo hei maachen. Merci."

Buergermeeschter Lydia Mutsch (LSAP): „Den Här Zwally huet d'Wuert nach gefrot."

André Zwally (CSV): „Jo, Merci Madame Buergermeeschter. Ech mengen, dass mir als CSV dee Punkt hei am Sënn vun der Iwwerleeung vun enger Stadentwécklung gesinn hunn. Et ass och esou, dass mir an deenen zoustännege Kommissiounen ëmmer drop hiweisen, dass deen Deel vun de Schoulinfrastrukturen, da wann nei PAPen ausgeschafft ginn a wa se virgestallt ginn a mat diskutéiert ginn, deen Deel vun der Schoul ëmmer mat promovéieren. Et ass e Gedanken deen eis och dozou geféiert huet fir hei ze soen, mir géifen dat heite gäre mat diskutéieren, well et jo awer eppes ass wat mer regelméisseg maachen. An der Budgetdiskussioun huet d'CSV hei gesot, dass deelweis an hirer Planung an der Entwécklung vun de Quartieren an der Entwécklung vun der Stad deem och soll Rechnung gedroe ginn. Dass et do kee Konzept ginn ass, dat schéngt eis logesch ze sinn, well ganz einfach och déi Previsiounen an der Entwécklung vun all deem wat mir als Leit vun Immigranten hunn, Leit déi fortzéien, déi bäikommen, nei Quartieren déi entstinn, kloer mussen och deen Deel vun de Schoulinfrastrukture mat betruuechten. Ech mengen dat war u sech déi Iwwerleeung déi mer gemaach hunn.

Mir hunn an dem Deel vu Wobrécken, do wou mer haut d'Diskussioun eigentlech sollte féieren oder op d'mannst wou hei Informatioun matgedeelt gëtt, ass nämlech e PAP deen nach existéiert. Et sinn u sech 3 Phasen déi do virgesi waren. Déi éischt Phas déi ass realiséiert ginn. Déi zweet Phas, dat ass deen Deel dee sollt zum Boulevard Grande-Duchesse Charlotte gebaut gi mat deem Stéck vun deem ganz neien Appartementshaus, ass bis elo nach net realiséiert. Déi drëtt Phas,

an dat ass richteg, dat ass déi iwwert déi mir elo hei diskutéieren oder op d'mannst wat déi doten Infrastrukturen ubelaangt. Do war och virgesi fir Wunnungsraum ze maache mat Appartementer, respektiv och wat eenzel Häiser ubelaangt. D'CSV ass jo net zënter gëschter an haut wou mer hei projezéiert hunn, dass an der Planung an hirer Planungsphas déi mer einfach brauche wat de ganze Schoulraum ubelaangt, wou mer schonn 20 Joer laang soen, dass Wobrécken do wou eng Schoul stung, déi ideaalste Plaz ass. Déi ideaalste Plaz ass fir kloer kënnen ze soen hei, dat doten ass eng Proposition, komm mir ginn op de Wee, well en zentral och läit wat d'Quartieren ubelaangt, fir dat dote kënnen ze maachen. Also a) ass iergendwou an der Entwécklung vun deem wat dat Ganz ubelaangt, eng Suite dran a b) ass elo och déi Proposition déi hei gemaach ginn ass zënter 20 Joer vun der CSV mat a Betuecht geholl ginn a si ass och gesot ginn, si géif prioritär behandelt ginn. Dat gétt eis natierlech och als Partei Satisfaktioun, dass Dir dat dote mat a Betuecht geholl hutt.

Da wëll ech awer och nach soe wat dat anert ubelaangt, well jo am Ufank wéi mer hei eng rout-rout-gréng Koalitioun haten, ëmmer d'Diskussioun vun de Quartierschoulen diskutéiert ginn. Et war jo haaptsächlech en Uleies vun deene Lénken déi ëmmer drop higewisen hunn, dass si méi dezentraliséiert wéilte Schoulen hunn. A mir waren der Meinung, dass et besser ass an eng Planifikatioun ze goen, wou een aner Kaderen hëlt, Mobilitéitskaderen hëlt, wou een op de Wee geet fir kloer ze soen, méi grouss Gebaier ze huelen déi och kloer an déi dote Richtlinn sollé goen. Do huet de Schäfferot changéiert, et ass rout/gréng ginn an an där ganzer Situatioun huet eigentlech an der Konzeptioun nach net vill changéiert an dofir si mer och der Meinung, dass dat wat elo hei proposéiert ginn ass, dat wat Dir elo hei virstellt, fir eis mat ze droen ass.

Allerdéngs, an do bleiwen ech dann och bei deem wat hei allgemeng gesot gétt, dat huet d'Madame Buergermeeschter och scho gesot, et ass och esou, dass mer hei net an enger Obligatioun si fir eng Décisioun ze huelen. Mir waren och der Meinung, dass wéi mer deen technesche Gemengerot haten, dass et kéint an enger Informatiounsdiskussioun sinn, esou wéi mir dat och mat anere Punkten hunn. Wann Dir elo hei vun eis fuerdert oder gären hätt, dass mir sollen eng Décisioun doranner huelen, da géif ech gär drop opmierksam maachen, dass a) nach PAPe bestinn, déi als solches nach ëmmer Bestand hunn an och an der Stadentwéck-

lungskommissioun diskutéiert gi sinn. b) Mir mussen dann awer och drop ausgehen, datt dat heite keng Décisioun ka sinn déi herno zum Nodeel vun deenen anere PAPe ginn, respektiv och en neie PAP da muss geschafe gi fir eis kënnen dohinner ze orientéieren. Also, mir sinn éischter der Meinung, dass dee Punkt schonn hätt sollen op den Ordre du jour kommen, awer als Informatioun a mir hunn eis Problemer domatter wann Dir eis hei an eng Décisioun wëllt eranzwängen déi u sech keng legal Basis doranner fënnt. Ech mengen, dat ass den Deel wat d'Infrastrukturen ubelaangt. Ech géif awer och soen, dass inhaltlech hei dee Mann dee sech eigentlech an der Schoulkommissioun ëm d'CSV-Politik doranner bekëmmert, wäert och nach e puer Wuert soen zu deem wat den Inhalt an d'Organisatioun ubelaangt. Ech soen lech Merci."

Buergermeeschter Lydia Mutsch (LSAP): „Merci, Här Zwally. Den Här Goetz an den Här Bernard, mä ech weess elo net a wéi enger Reienfolleg.“

Zénon Bernard (KPL): „Merci, Här Goetz, dass Dir mer erlaabt virun lech ze schwätzen. Ech wëll eppes kloer stellen.“

Verschiede Stëmmen: „Olala!“

Zénon Bernard (KPL): „Ass et schlëmm wat ech gesot hunn, ech mengen net. Et kann een awer Merci soen, gell.“

Ech wëll eppes kloer stellen hei wat mer net gefall huet, wat den Här Schäffen Tonnar virdu gesot huet. Ech war och ee vun deenen 3 déi Nee gestëmmt hunn an zwar Nee gestëmmt hunn aus der Iwwerzeugung eraus, dass ech hei net wëll e Chèque en blanc ausstellen. Dass ech net wëll iwwer eppes ofstëmme wou ech net en connaissance de cause kann ofstëmme. Ech mengen hei sinn d'Rolle vertauscht ginn. Et ass net déijéineg déi opmierksam maachen op esou en Zoustand déi eppes dergéint hunn oder déi net serieux sinn am Zesammenhang mat der Schoulpolitik, well dat kann awer nu kee mir ënnerstellen. Dat wat éischter de Fall ass, dat sinn déijéineg déi d'Dokumenter net zur Verfügung stellen, déi d'Brems duerstellen. Dat sief awer mol direkt gesot.

Da géif ech gären eppes soen och an där technescher Sitzung do, ech hu selwer d'Wuert ergraff gehat an opmierksam gemaach drop, dass ze wéineg iwwert déi gesellschaftspolitesch Ursache vun där Situatioun, besonnesch an Aarbechterstied wéi Esch geschwat ginn ass. Res-

pektiv raisonnéiert an diskutéiert ginn ass. Et ass e gesellschaftspolitesche Problem an do huet den Här Baum komplett Recht wann hie feststellt, wéi och den Här Tonnar dat gesot huet, dass hei zu Esch 30% vun de Kanner am Modulaire landen. Wann Dir wësst wat d'Konsequenzen an d'Issue vum Modulaire sinn, da kann ech lech dat soen. Dat bedeit de Chômage an héchster Potenz.

Zweetens, verglach mam Landesdurchschnitt vun 10% ass dat jo horrend. Dat sinn 300% méi wéi am Landesdurchschnitt. An da muss een och, an och do huet den Här Baum Recht wann hie seet, et muss een awer nach kucken, do si ganz grouss Differenzen zu Esch selwer. An zwar bei deenen engen, an deenen enge Quartiere pardon, do si 50% déi am Modulaire landen an anere Quartiere 5%. Och dat huet e sozialpoliteschen ekonomeschen Hannergrond.

Wann ech lech transplantéieren op de Secondaire, déi do Diskussioun, da wësse mer, dass nëmme 6,2 loosse mer soe 6% Aarbechterkanner, d'Kanner aus méi bescheide Milieuen, d'Première packen. Während awer 60% de Secondaire technique vun deenen Aarbechterkanner packt. Och do si gesellschaftspolitesch Ursachen déi mer mussen analyséieren. Besonnesch wann ee bedenkt, dass d'Precaritéit vun de Leit, déi Leit déi méi e bescheident Akommes hunn oder mëttler Akommes hunn, dass déi grouss Majoritéit vun eisem Vollek duerstellen. An dass déi sougenannt Räich déi am Classique permanent en Abonnement hunn, e ganz geréngte Prozentsaz duerstellen. Ech wëll lech just weisen, wéi wichteg ass oder soe wéi wichteg et ass déi gesellschaftspolitesch Zesammenhäng vun esou enger Situatioun serieux ze analyséieren. Ech ënnerstelle kengem heibanen, dass hien dat net mécht oder probéiert. Ech hunn awer eppes dergéint wann een aneren ënnerstellt si géifen d'Schoulpolitik bremsen. Ech soen lech Merci."

Buergermeeschter Lydia Mutsch (LSAP): „Merci, Här Bernard. Ech wollt am Fong just eng, ah, den Här Goetz, an hien hat schonn deem aneren de Virtrëtt ginn. Entschëllegt.“

Marco Goetz (CSV): „D'Guttheet ass e Stéck vun der Dommheet heiansdo. Wéi Schoul organiséieren? Jo, wa mer d'Zuelen do kucken déi mer an der Schoulkommissioun schonn elo 2x diskutéiert hunn an och hei schonn, dann ass Handlungsbedarf fir eppes ze beweegen, eppes ze ännere fir deen Echec scolaire ze reduzéieren. Mer begrëissen d'Asetze

vun engem Aarbechtsgrupp dee sech dann elo soll Gedanke maachen. Do sollen et eiser Meenung no keng Scholdzouweisung ginn, datt een oder deen aneren do net dat mécht wat hie soll maachen. Et sollen awer och keng Tabue ginn, et soll een iwwer alles kënnen diskutéieren. Et kann een op de Ministère hoffen, vläicht waart een dann e bësse méi laang fir datt eppes geschitt. Et kann een awer och als Gemeng selwer Responsabilitéit iwwerhuelen an dozou gehéiert dann, datt een net vergësst komplett équipéiert a gutt fonctionnéierend Maisons Relais ze plangen. Dobäi muss dann awer och kloer definéiert sinn, wie wat mécht. Et kann net sinn, datt d'Schoul eppes mécht wat och d'Maison Relais mécht an Omes um 7 Auer sätzen d'Kanner awer nach virun engem Bierg vun Hausaufgaben oder ech weess net wat.

Eng besser Vernetzung mat zum Beispill Conservatoire a Sport gehéiert sécher och dozou. Wichtig ass dann awer och alles dat wat ee resüméierend als Hausaufgabenhëllef bezeechne kann. Mir sinn eng Immigratiounsstad manner wéi vläicht eng Aarbechterstad sot meng Nopesch Annette Hildgen elo grad. Ech menge si huet Recht. Verbesserungen déi mer iwwerall do maache wou et Problemer doduercher ginn, bedeite méi Qualitéit an duerfir mengen ech, datt ee sech net einfach e bëssen effekthascheréich un deem Wuert „école de la qualité“ stéiere soll, well letzendlech ass et mengen ech dat wat mer, wéi och ëmmer geaartet ass et dat wat mer alleguerte gären hätten, nämlech eng Schoul déi qualitativ gutt ass an de Kanner och hei aus Esch eng Perspektiv bitt. Ech soen lech Merci.“

Buergermeeschter Lydia Mutsch (LSAP): „Merci, Här Goetz. Ech mengen elo hunn ech keng Wuertmeldung iwwersinn. Ech wollt eng kuerz an allgemeng Remarque maachen am Zesammenhang mam Charakter vum Punkt 4 a). De Punkt 4 a) ass am Fong zustane komm, well mer gemengt hunn, mir missten eng Virinformatioun ginn iwwert eng Prozedur déi eigentlech eréischt ufänkt. A mir hunn am Schäfferot dowéinst driwwer geschwat ob mer deem Punkt 4 a) de Charakter vun enger Informatioun solle ginn oder de Charakter vun enger Décisioun solle ginn. Mir hunn eis fir eng Décisioun ausgeschwat an aus engem besonnesche Grond, an ech wëll do e klenge Réckbléck maachen. Mir hunn eis am Kontext vun den Diskussiounen vum Budget fir dëst Joer engagéiert, virun allem op Grond vun enger Interventioun

vun der gréisster Majoritéitspartei, dass mer en vue vum Pluriannuell dee mer 2013 wäerte presentéieren, obwuel et nach keng gesetzlech Obligatioun ass, dass mer do eng Planification pluriannuelle des infrastructures scolaires géinge virhuelen. Mir sinn domatter amgaang. Mir sinn domatter amgaang a mir wäerten dat pénktlech den nämlechte Moment wéi d'Presentatioun vum Pluriannuelle presentéieren. Mir hunn dat hei versprach a mir wäerten dat och maachen. Mir sinn awer der Meenung mat eisem Schoulschäffen dee wierklech de Maximum mécht fir déi schwierig Situation souwuel vun den Infrastructures scolaires wéi och vun der Situatioun an de Schoulen, mir sinn awer wéi eise Schoulschäffen der Meenung, dass mer keng Zäit dierfe verléieren. Mir hunn dowéinst en interne Grupp an d'Weeër geruff deen de Schäfferot begleet an dee Grupp huet eis eng Recommandatioun ginn déi mir richtig fanne fir op de Wee vun der Wobréckener Schoul ze goe wat d'Erschléissung vun neiem Schoulraum ubelaangt. Mir wëssen, dass déi Démarche vun enger ganzer Rei vu Leit gedroe ginn. Dat féiert dozou, dass mir wäerten e bestoende PAP modifizéieren. Da wier de Moment gewiescht hei an de Gemengerot ze kommen. Mir waren allerdéngs der Meenung, dass mir am Virfeld sollten an de Gemengerot komme mat just enger Fro déi mer haut stellen: Leie mer richtig wa mer a Richtung vun der Wobréckener Schoul iwwerleeën? Et ass net méi an et ass net manner. An dofir fannen ech et e staarkt Stéck fir dat doten, wat am Fong en Informatiounsplus ass, lassgeléist vun enger Prozedur déi eréischt propper entaméiert gëtt mat enger Studentwécklungskommissioun, mat alle Kommissiounen déi wëllen oder sollen dozou schwätzen.

Et ass en Informatiounsplus, an ech fannen et e staarkt Stéck, dass deen Informatiounsplus deen en plus nach preparéiert ginn ass an enger Schaffssetzung, dass deen dozou féiert fir Aussoen ze maachen, mir géingen hei eis Conseillere manner informéieren. Mir wëlle se méi informéieren.

An dann nach eng lescht Remarque wat de Charakter ass vun deene sougenannten technesche Gemengerotssetzungen. Dat ass soss näischt, a mir hunn et och an der Sëtzung selwer gesot, wéi eng Schaffssetzung. Genee wéi mer och eng hate fir d'Mobilitéit um Belval. Et ass einfach eng Schaffssetzung wou mer kengem, a mer wëssen, dass mer dat och net kéinte wa mer dat wéilten, kengem wëllen de Mond verbidde fir an iergendenger Sujet, an iergendenger öffentle-

cher Sëtzung ze schwätzen. Mir hunn einfach eng Schaffssetzung gemaach.

(Tëscheruff vum Här Knaff)

Ech hat och Krämpes lech nozelauschteren, Här Knaff, wann ech gelift, ënnerbriecht Dir mech och net. Well ech hätt lech och gären ënnerbrach. Mir hunn eng Schaffssetzung gemaach a mir hu jiddwer Conseiller d'Méiglechkeet gi fir do en Abléck ze kréien an déi Diskussioun wéi se am Moment bei eis am Schäfferot lafen. A mir kënnen esou oft wéi Dir et wënscht hei iwwert d'Situatioun vum Echec scolaire hei zu Esch schwätzen. Iwwert d'Situatioun vun den Infrastructures scolaires an enger Optique pluriannuelle. Iwwert d'Situatioun vum Contenu vun de Programmer an eise Schoulen, zu all Moment kënnen mer dat maachen. Mä haut geet et awer net dorëms. Mir wollte just e klenge Go kréie fir dierfen ze plangen a Richtung vun enger Modifikatioun vum PAP fir an der Wobréckener Schoul kënnen Schoulraum ze maachen. Méi ass et net. Oder um Site vun der fréierer Wobréckener Schoul Schoulraum an der Zukunft ze maachen. Et ass net méi an et ass net manner.

Ech wollt awer just déi Ausso maachen zu der Prozedur well ech dovunner ausginn, dass den Här Tonnar am Detail elo wäert d'Fro beäntweren.“

Schäffe Jean Tonnar (LSAP): „Merci. Ech ginn net en détail op d'Froen an. Ech wëll just dem Här Baum soe säi leschte Saz, ech kommen och net méi op deen zeréck, ech hoffe just dass hie vrun der Dier sech entschëllegt formell herno. Dat ass dat Eenzege wat ech dozou wëll soen. Ech ginn net a Polemiken an, dat géif all Mënsch gefalen, mä ech waarden awer op eng formell Excuse virun der Dier herno.

Fir de Rescht kann ech nëmmen dat hei soen, ech héieren nëmmen Zifferen. Souwuel vum Här Bernard wéi och vum Här Baum: Jo et ass schlëmm, jo et ass ganz schlëmm, jo et gëtt ëmmer méi schlëmm. Awer eng Propos hunn ech nach ni a mengem Liewen héieren. Déi ganz Zäit hunn ech nach keng Propos héieren, weder vum Här Bernard nach vum Här Baum.“

Zénon Bernard (KPL): „Da waart Dir net hei wéi d'Schouldebatt war.“

Schäffe Jean Tonnar (LSAP): „Den Här Goetz huet elo Propose gemaach. Hien huet vum Plan d'encadrement périscolaire geschwat. Hien huet vum Conservatoire geschwat. Hien huet vum Nohëllefstonne geschwat an esou weider. Dat alles geet an dee Wee vun deem

berühmte Saz deen ech gesot hunn, deen ech nach eng Kéier wëll widderhuelen, vun enger Ecole de la qualité. Elo kënn Dir dat nenne wéi Dir wëllt.

Ech stinn do derzou an ech wäert och mat der Schoullkommissioun a mer wäerte mam Schäfferot Propose maachen an lech déi dann och ënnerbreeden a mer wäerte kucken ob dat eppes bréngt, op dat anert méi bréngt, manner bréngt an op wéi enge Piste mer kënnen herno weider bauen.

(Zwëscheruff vum Här Bernard)

Dat ass net alles haut an net bis an den Abrëll an net bis an de Juni. Dat ass eng Aarbecht déi dauert Joeren. Déi wäert och nach no mir daueren, well déi dauert Joeren, well si evoluéiert esou wéi d'Schoulen och evoluéieren. Mä et ass net verbueden iwwer all Pisten nozedenken, och ob et net mol erëm soll e bësse méi streng goen, wat den Här Baum gestéiert huet.

Well beim Här Baum an der Schoul sinn d'Kanner Meeschter an anere Schoule sinn d'Enseignante Meeschter. An dat wëll ech ganz kloer...

Marc Baum (DÉI LÉNK): „Wee muss sech hei bei weem entschëllegen?“

Schäffe Jean Tonnar (LSAP): „Dat muss ech ganz kloer hei soen, et gëtt net ee Wee, et gëtt eng ganz Partie Weeër. An et brauch een och kee Bic duerfir ze geheien, dat bréngt der Saach och nach keng Léisung mat op de Wee. Ech wëll dat ganz kloer soen.

Den Här Baum reprochéiert och et kéim keng Maison Relais. Ma eng Maison Relais ass eng Selbstverständlechkeet, Här Baum. Et ass evident, dass bei all nei Entitéit déi mer bauen eng Maison Relais kënn. Duerfir schwätzt ee mol net dovunner. Et ass evident, dass eng Maison Relais do derbäi kënn. Duerfir brauch ech net doropper ganz laang anzegoen. Ech mengen de Moment wier alles gesot. Mer wäerte jo nach e puer Kéieren iwwert déi Schoul hei kënnen zeréckkommen an da konstruktiv weider schaffen.“

Buergermeeschter Lydia Mutsch (LSAP): „Ech menge verlauschtert ze hunn, dass mer de Vote nach eng Kéier solle präziséiere fir dass awer jiddweree sech kann doranner erëmfannen. Mir wëllen e Vote huelen dass de Schäfferot déi Pist Wobrécke ka suivéieren.“

Daniel Codello (LSAP): „Suivéieren.“
Buergermeeschter Lydia Mutsch (LSAP): „Ah jo, et bedéngt eng Rei vu Saache mat deene mer souwisou mussen erëmmen. Et ass net méi...“

Schäffen Henri Hinterscheid (LSAP): „Mir mussen mol nach eng Kéier en Devis stëmme vun enger Schoul ier mer se bauen.“

Buergermeeschter Lydia Mutsch (LSAP): „Mir sinn do nach net. Mir hunn haut just eng Pist fir Wobrécken. Au vote.“

Conseillers présents:

M. Marc Baum – M. Zénon Bernard – M. Daniel Codello – M. Marco Goetz – M. Mike Hansen – Mme Annette Hildgen – M. Henri Hinterscheid – M. Théid Johanns – M. Pierre-Marc Knaff – M. Martin Kox – M. Frunnes Maroldt – Mme Lydia Mutsch – M. Jean Tonnar – M. Paul Weidig – M. Everard Wohlfarth – M. André Zwally

Le Conseil Communal charge le Collège Echevinal par 15 voix oui et 1 abstention de considérer Wobrécken comme site d'une nouvelle école.

Ont voté oui, Mme le Bourgmestre Mutsch, les échevins Hinterscheid et Tonnar ainsi que les conseillers Baum, Bernard, Codello, Goetz, Hansen, Hildgen, Johanns, Kox, Maroldt, Weidig, Wohlfarth et Zwally. Le conseiller Knaff s'est abstenu.

Buergermeeschter Lydia Mutsch (LSAP): „Da komme mer zu ... Entschëllegt, Här Knaff.“

Pierre-Marc Knaff (DP): „Ech wollt meng Abstentioun begrënnen. Also, wann ech elo richteg verstanen hunn, dann ass et drëm gaangen, lech de Go ze gi fir eng Pist ze suivéieren, respektiv fir ze plangen. Mir décidéieren also eng Pist ze suivéieren, wat relativ schéin ass. Wat mech elo e bëssen awer trotz allem stutzeg mécht, firwat frot Dir eis net eisen Avis bei esou ganz aner Saachen, wou mer ëmmer schon ënnerschriwwe Konventiounen am Dossier kréien, wou Dir eegestänneg handelt an ënnerschreift a maacht an dot a mir kënnen just nach kopfnickend soen: Oh, dat war awer gutt.

An dann hei an dësem Fall géif Dir elo vun eis en Accord brauche fir eng Pist ze suivéieren. Ech muss soen, ech verstinn esou eppes net. An och wann et drëm geet lech just ze soe „Jo, suivéiert dës Pist“ da wär et awer ganz héiflech Äre Conseillere vis-à-vis wann Dir hinne géift en Dokument gi mat deem se sech kéinte mat hiren anere Leit beroden. Nach eng Kéier, et wär ganz héiflech a respectueux par rapport zu de Conseillere wann dat kéint an Zukunft geschéien. Merci.“

Buergermeeschter Lydia Mutsch (LSAP): „Mir kéimen dann zum Punkt 4 b) Res-sorts et secteurs scolaires. Eise Schoulschaffen.“

Schäffe Jean Tonnar (LSAP): „Jo, wéi mer virun annerhallwem Joer déi Schoul opgemaach hunn, do hu mer de Secteur erneiert gehat. Dir kënn lech dat erënnere. Et ass esou, dass op den Nonnewisen nach net vill Awunner waren, net vill Leit gewunnt hunn, an dass awer d'Nonnewise sech ëmmer elo méi fëllen. Duerfir komme mer dozou, dass mer de Secteur nach eng Kéier nei redefinéieren. Mir haten an deem leschte Secteur, Dir fannt dat, de ganze Cinquantenaire vun der Avenue de la paix un. Mer hate Raemerech a mer haten och de Belval a mer kommen elo dozou, dass mer de Cinquantenaire ewechhuelen, dass deen erëm zu Lalleng wäert gehéieren an der Zukunft a Raemerech zum Brouch an da gëtt deen neie Secteur e Carré deen tèschent deene grouse Boulevard läit. Dat heescht d'Pénétrante vu Lankelz, rue Jos Kieffer, d'Eilerenger Strooss, déi Säit zu den Nonnewise bleift Nonnewisen, déi aner Säit gehéiert zum Brouch an dann de Boulevard Grande-Duchesse Charlotte wou déi eng Säit alles Nonnewise bleift an déi aner an de Secteur Brouch affektéiert ginn.

Et ass awer esou, den Här Baum huet dat d'éinescht mat Recht gesot, et kann een net op den Dag programméieren. Et ass ugangs gesot ginn et kéimen elo ganz vill nei Kanner an d'Nonnewisen. Elo schéngen d'Donnéen awer ze sinn, dass en fin de compte am September der awer net vill kommen, esou dass mer op jidde Fall wäerten hei large bleiwen, dass mer net mussen Kanner eraushuelen oder esou mann wéi méiglech fir déi an deen neie Secteur ze affectéieren, an dass d'Nonnewise-Schoul zur Halschent oder zwee Drëttel da géif eidel bleiwen. Dat kann et jo net si wa mer déi nei Schoul do stoen hunn, esou dass mer op jidde Fall fir déi nächst Zäit large wäerte bleiwe mat der Interpretatioun.

Mer hunn och decidéiert, dass egal wéi déi Kanner déi elo schon an den Nonnewise si vum Zykle 4, d'5. an d'6. Schouljoer, vum Zykel 3, d'3. an d'4. Schouljoer a wahrscheinlech och vum ganzen Zykle 2, d'1. An d'2. Schouljoer, wäerte weider an den Nonnewise bleiwen, fir dass se esou mann wéi méiglech do aus hirem Milieu erausgerappt ginn. Awer déi nei déi ufänken, Précoce a Spillschoul, déi kommen an deen neie Secteur wéi mer en elo de Muere wäerte stëmmen. Dat sinn d'Donnéen. Et ass net einfach well et hânt dovun of wéi vill

nei Leit an dee Secteur kommen. Et war elo eng Stee wou net vill Haiser iwwer- gaange sinn. Eng vum Fong organiséiert. Dat heescht, et kënnst elo keng bis an de spéiden Hierscht eran. Dann ass d'Schoul un. Wann een da géif dovunner ausgoen do kéimen nach vill Leit, da misst ee Plaz fräi halen. Wann een dovunner ausgeet et kéimen der net vill, da kann een déi Saach esou maache wéi ech lech se elo erkläert hunn. Mä do ass een an engem gewësse Flou deen een och mat Zifferen aus dem Etat civil oder vum Biergeramt net geléist kritt, well dat eben eng ganz Partie Inconnuë sinn op déi mir keng Incidence hei hunn."

Buergermeeschter Lydia Mutsch (LSAP): „Merci, Här Schoulschäffen. Si Wuert- meldungen dozou do? Dat ass net de Fall. Da kéime mer direkt zur Ofstëm- mung."

Schäffen Henri Hinterscheid (LSAP): „Wann de Sekretär do ass."

Daniel Codello (LSAP): „Dee kënnst direkt. Deen ass dringend eraus."

5. Urbanisme:

a) PAP 02-02 Square Mile; présentation et décision b) PAP rue de l'École; présentation et décision

Buergermeeschter Lydia Mutsch (LSAP): „En attendant, wann Dir d'accord sidd, géing ech lech vläicht d'PAPe virstellen ënner Punkt 5 den Urbanismus. Dat sinn d'PAPen 02/02 an de PAP rue de l'École. Dat eent ass e PAP deen am Zesammen- hang mam Square Mile ass. De Square Mile dat ass e ganz groust Areal um Site Belval. An deem Fall geet et ëm eng Sur- face vun 3,5 Hektar. Dee ganze Square Mile ass an ënnerschiddlech PAPen ënner- deelt. An deem heite virgeluechte PAP gëtt d'Baurecht geschaaft fir e weideren Deelberäich am Square Mile, südlech vum Boulevard du Jazz auszewiesen. Et sollt een och vläicht direkt soen, dass et sech, wat déi baulech definéiert Prescrip- tionen an deem PAP ugeet, virun allem ëm d'Gemeng Suessem handelt, wou de PAP och scho votéiert gouf. Bei den Ter- rainen déi um Gebitt vun der Stad Esch leien an déi eben an deem PAP traitéiert ginn, handelt et sech ausschliesslech ëm Erschleissungssurfacen oder wéi mir géin- ge soen, ëm Stroossen. D'Cellule d'évaluation déi huet fir dese PAP getrennten Avise fir déi 2 Gemenge redigéiert. Allerdéngs si fir déi Escher keng Modifikatiounen ze votéieren, esou

dass mer och do net brauchen drop anzegoen.

Wann Dir d'accord sidd, géing ech och direkt de PAP rue de l'École kuerz presen- téieren. De PAP rue de l'École ass d'Suite vun der sougenannter Requalification urbaine vum Baublock tëscht der Lëtze- bueger Strooss an der rue de l'École. Hei ass elo d'Realisatioun vun der zweeter Phas. Bei der éischter Phas gouf d'Bebau- ung laanscht d'Lëtzebueger Strooss revaloriséiert a bei der zweeter Phas ass den Terrain hannert dëser Bebauung betraff. Dat ass do wou am Moment dee provisoresche Parking genotzt gëtt. Well dat projézéiert Gebai sech net laanscht den ëffentleche Stroosseberäich ali- gnéiert, mä an engem Haff, an enger Cours d'habitation implantéiert gëtt, ass d'Obligatioun fir e PAP ze maachen. An dese PAP rue de l'École deen erméiglecht d'Bebauung vun engem Méifamilljen- haus, wou am Rez-de-chaussée eng betreit Wunnstruktur fir mental behën- nert Mënschen amenagéiert gëtt. Mat virgesinn am PAP ass de Bau vun engem ënnerierdesche Parking an den Accès an d'Sortie vun deem Parking dee gëtt iwwert d'Lëtzebueger Strooss ofgewé- ckelt.

Dat Gebai dat steet dann am Alignement zu där Baustuktur déi elo schonn do ass, an der rue de l'École, an doduerch ent- steet dann och Kontinuitéit an och en attraktiven ëffentlechen Haffberäich, wat jo eng vun eise Guidelines ass hei zu Esch.

Et sinn eng Rëtsch vu klengen Upassun- gen déi am Dossiere PAP gemaach musse ginn, ier en definitiv vum Ministère approuvéiert gëtt an déi betreffe virun allem déi Cour intérieure, also déi Haffge- staltung an och d'Reduktioun vun där klenger Surface libre déi do am Recul ass. Dat sinn technesch Adaptatiounen op déi ech net elo wëll agoen. Dat sinn déi zwee PAPen an hier Presentatioun. Den Här Zwally."

André Zwally (CSV): „Merci, Madame Buergermeeschter. Ech wollt zu deenen zwee PAPen, eigentlech zu engem just eppes soen, dat ass dee wat de Square Mile ubelaangt. Mä d'Diskussioun hei wat d'Entwécklung vum Belval ubelaangt, déi mer jo joerelaang mat gedroen hunn a sämtleche PAPen, si mer der Meinung, dass mer zesumme mat der Suessemer Gemeng och sollen op de Wee goen, well dat hei ee vun deenen ass déi an enger gemeinsamer Diskussioun musse bleiwen, wou mer déi geometresch Grenze solle zéien. Mir huelen an uecht, dass mer elo an d'Praxis erakomme wou mer Gebaier mussen histellen a mir hunn nach ëmmer

keng richteg Grenz gezunn um Niveau vun de geometresche Grenzen tëscht Esch a Suessem. Ech wollt dat nach eng Kéier hei kloer soen, dass ee soll mat dee- ne Suessemer Kontakt ophuele fir dat mol kloer ze maachen.

Doriwwer eraus mengen ech och, dass et wichteg ass, dass och op Grond vum Règlement spécial Belval Ouest, wat mer jo elo schonn 10 Joer am Bestand hunn, dofir suergen dass d'Critèren och erfëllt bleiwen. Ech mengen déi wichtegst Cri- tère domatter, wat d'Mobilitéit ube- laangt, d'Mixitéit vum Wunnen ube- laangt an alleguerten dat wat mer fest- gehalten hunn, dass dat fir eis och nach ëmmer nach wie vor als Escher Bestand soll hunn, an dass mer net sollen déi Situatioun verfeelen, dass et herno net méi esou ausgesäit wéi mer eis dat virge- stellt hunn. An deem Sënn géif ech awer vun eis aus déi zwee PAPen als affirmativ matgoe loossen."

Buergermeeschter Lydia Mutsch (LSAP): „Merci, Här Zwally. Den Här Kox an den Här Weidig duerno."

Martin Kox (DÉI GRÉNG): „Ech wollt u sech déi selwecht Remarque maachen. Effektiv d'exakt Grenze vun deenen zwou Gemenge leien nach net vir an e Problem kënnst sech nämlech stellen, et geet jo haaptsächlech hei ëm d'Voirie wat den Entretien vun der Voirie ubetreëft. Et ka jo net sinn, dass op där enger Säit de Won vun Esch fiert an op där anerer Säit de Won vu Suessem fier de Schnéi ze rau- men. Offensichtlech hänkt et nach un der Agora wou nach Bordsténg mussen an Optrag gi fir effektiv en exakte Mesurage ze maachen an duerno kënnst eréischt eng Konventioun mat Suessem, tëscht Suessem an Esch gemaach ginn. Merci."

Buergermeeschter Lydia Mutsch (LSAP): „Merci, Här Kox. Den Här Weidig."

Paul Weidig (LSAP): „Ganz kuerz zu dem PAP Square Mile. Esou wäit wéi ech informéiert sinn, ass elo de Redressement vun de Limite gemaach ginn. Op jidde Fall am ieweschte Beräich wou d'Uni concernéiert ass. Wat elo ënne geschitt ass, sinn ech net esou wäit informéiert. Do kënnen mer vläicht nach zousätzlech Informatiounen kréien. Mä op jidde Fall géif ech soen, dass et wierklech luewenswäert ass, dass dese PAP zesum- me gemaach ginn ass vun deenen zwou Gemengen. Ech mengen do weist een dass déi zwou Gemengen zesumme ver- sichen e sënnvollen an eng zesammen- hängend Entwécklung vum Belval weider ze driewen, wat jo ganz interessant ass. A

mir gesi jo och all Dag wéi schnell dass dat weider geet a wat fir en Effet dass dat op déi zwou Gemengen huet an duerfir mengen ech, ass et net méi wéi normal, dass dese PAP hei gutt geheescht gëtt. An dee PAP ass selbstverständlech konform, net nëmmen zum PAG vun der Gemeng Esch, mä och vun der Gemeng Suessem. Dann awer och no dem Entwécklungsplang vum Belval.

Wat elo de PAP an der rue de l'École ubelaangt, do muss ech soen, dass dat eng ganz positiv Entwécklung ass, well mer do eng Bannenhaffbebauung maachen. En Terrain deen elo am Fong geholl intermédiairement als Parkplaz genotzt gëtt. Mä do entsti Wunnengen an enger Zone déi optimal läit par rapport zum Zentrum vun der Stad Esch. Ech fannen dat wierklech positiv an ech kann dat nëmmen ënnerstëtzen. Et kann een dat nëmmen ënnerstëtzen, dass de Fonds de Logement do wierklech Neel mat Käpp mécht an do e Wunnengsbau erasetzt. Déi awer trotzdem relativ degagéiert ass, well och den Aménagement ronderëm ganz positiv ass.

Wat ech gutt fannen, dass effektiv do d'Recommandatioun gemaach ginn ass vun der Cellule d'évaluation, dass mer déi Bassins de rétention, dass mer déi solle suppriméieren. Do huet sech an deene leschte Méint Muenches gedoen an d'Gemengen hunn do intervenéiert vis-à-vis vum Ministère a virun allem och vis-à-vis vum Wasserwirtschaftsamt, dass et wierklech en non sense ass, dass mir ganz spezifesch fir eenzel PAPe musse Bassins de retenu virgesinn. Bassins de retenu déi doudsécher besser op engem territorialen Aspekt geplangt ginn an och genau lokalisiert ginn, souguer zwësche Gemengen. D'Situatioun ass hei bei eis e bësse spezifesch, well mer eng urban Gemeng sinn. Op deene ländleche Gemengen huet sech erausgestallt, dass dat wierklech net sënnavoll ass déi dezentral Bassins de rétention virzegesinn. Mä dat do ass en Niewenaspekt. Et sinn nach eng Partie Recommandatioune gemaach gi vun der Cellule d'évaluation deenen och Rechnung gedroe ginn ass. Wat och ganz positiv ass.

Nach eng Kéier, dat do gëtt e ganz flotten Eck wann dee mol amenagéiert ass mat deenen Neibauten, Marco Polo an och de Buchholtz deen nei gebaut ginn ass, entsteet do en Quartier dee ganz flott, ganz modern gëtt a wierklech och am Interêt vun der Opwäertung vum gesamte Stadbild wäert bäidroen. Merci."

Buergermeeschter Lydia Mutsch (LSAP): „Merci, Här Weidig. Deem ass net méi vill

bäizefügen. Ech mengen eisen Infrastrukturschäfte wollt nach eng kleng Informatioun ginn.“

Schäffen Henri Hinterscheid (LSAP): „Jo, déi Fro mat de Grenzen op Belval, also eigentlech sinn d'Grenzen definéiert. D'Gesetz ass just nach net gestëmmt, dass et wierklech formaliséiert ass, mä mir sinn eis tèschent de Gemengen eens. Mir hunn eng Délibération concordante geholl a mir wäerten och genau no där Deliberatioun déi mer an deenen zwou Gemengen hunn, den Entretien herno organiséieren. Mä reng formal juristesches ass et nach e bësse méi komplizéiert, well da sinn eigentlech déi al Grenzen elo nach fir déi PAPen en vigueur. Mä mir sinn eis Gott säi Dank tèschent de Gemengen eens a mir konzertéieren eis och regelméisseg, d'Infrastrukturschäffen an d'Mobilitéitsschäffen an och d'Servicer tèschent deenen zwou Gemengen, dass dat herno fonctionnéiert, dass mer net op där enger Säit de Schnéi ewechhuelen an op där anerer Säit e leie loossen.“

Buergermeeschter Lydia Mutsch (LSAP): „Merci fir dës Zousazinformatioun. Mir kéimen dann zum Vote. Bon, ass een deen elo wëllt dass dat getrennt ofgestëmmt gëtt oder kënne mer déi zwee PAPen en bloc ofstëmme? Getrennt? Getrennt. De PAP 02/02 Square Mile fir d'éischt.“

Conseillers présents:

M. Marc Baum – M. Zénon Bernard – M. Daniel Codello – Mme Annette Hildgen – M. Henri Hinterscheid – M. Théid Johanns – M. Martin Kox – M. Frunnes Maroldt – Mme Lydia Mutsch – Mme Vera Spautz – M. Jean Tonnar – M. Paul Weidig – M. Everard Wohlfarth – M. André Zwally
Le Conseil Communal décide à l'unanimité d'adopter le projet d'aménagement particulier «02-02 Square Mile».

Buergermeeschter Lydia Mutsch (LSAP): „Mir haten och nach e Vote ze huelen am Zesammenhang mam Punkt 4. Ech wollt och do soen, dass ech dat net flott fonnt hu wéi dat hei ofgelaf ass. Eise Schoulschäffen ass do zum Deel perséinlech attackéiert ginn. Ech wollt och eng Informatioun ginn déi mer op Grond vun engem Dokument elo krute wat mer vun eiem Gemengesekretär kritt hunn. Déi Gesamtdokumentatioun mat de Konklusione vum Groupe de travail école ass sämtleche Conseilleren den 21. Februar,

den Dag virun der technescher Gemeengerotssëtzung per Email zougestallt ginn. Also déi ganz Diskussioun hätte mer eis kënnte spueren an ech mengen eng Rei vu Leit sollte sech doriwwer vläicht e bësse Gedanke maachen. Ech wëll soss kee Commentaire dozou méi maachen. Mir kéimen dann zum Vote Punkt 4 b)“

Conseillers présents:

M. Marc Baum – M. Zénon Bernard – M. Daniel Codello – Mme Annette Hildgen – M. Henri Hinterscheid – M. Théid Johanns – M. Martin Kox – M. Frunnes Maroldt – Mme Lydia Mutsch – Mme Vera Spautz – M. Jean Tonnar – M. Paul Weidig – M. Everard Wohlfarth – M. André Zwally
Le Conseil Communal décide à l'unanimité de redéfinir les secteurs scolaires à partir de l'année scolaire 2013/2014.

6. Développement social:

a) Foyer de Nuit:

- Rapport d'activité; présentation et discussion - Convention avec le Ministère de la Famille et de l'Intégration; décision

b) Projet Valobois: convention avec la société CO-LABOR; décision

c) Projet Escher Holzmanufaktur: convention avec la société CO-LABOR; décision

Buergermeeschter Lydia Mutsch (LSAP):

„Mir géingen da weiderfuere mam Punkt 6 Développement social an do géing ech d'Wuert ginn un eis Sozialschäffin d'Madame Spautz.“

Schäffin Vera Spautz (LSAP):

„Jo, villmools Merci. Mir hunn haut d'Konvention virleie mam Ministère de la Famille an der Gemeng betreffend de Foyer de Nuit, den Abrisud. An och de Rapport iwwert d'Aktivitéite vun“

Buergermeeschter Lydia Mutsch (LSAP):

„Entschëllegt, ech muss d'Madame Spautz kuerz ënnerbriechen. Mir hunn elo vergiess den zweete PAP ofstëmme. Mir mussen nach de PAP rue de l'École ofstëmme an d'Modifikatioun mat.“

Conseillers présents:

M. Marc Baum – M. Zénon Bernard – M. Daniel Codello – Mme Annette Hildgen – M. Henri Hinterscheid – M. Théid Johanns – M. Martin Kox – M. Frunnes Maroldt – Mme Lydia Mutsch – Mme Vera Spautz – M. Jean Tonnar – M. Paul Weidig – M. Everard Wohlfarth – M. André Zwally

Le Conseil Communal décide à l'unanimité d'adopter le projet d'aménagement particulier «Rue de l'Ecole» tout y apportant des modifications répondant à l'avis de la cellule d'évaluation du Ministère de l'Intérieur et à la Grande Région du 6 février 2013.

Buergermeeschter Lydia Mutsch (LSAP): „Da géing ech der Madame Spautz proposéieren, nach eng Kéier unzefänken.“

Schäffin Vera Spautz (LSAP): „Zweeten Ulaf dann. Wéi gesot d'Konventioun läit eis vir fir ofzestëmme betreffend den Abrisud. Awer och de Rapport vun 2012 wat den Abrisud betrëfft. Ech wollt kuerz dorop agoen, well et awer, denken ech, wichtig ass ze wësse wat am Abrisud a wat hei zu Esch an deem Sënn passéiert. Mir hunn 2012 12,2% méi Iwwernuechtunge gehat wéi 2011. An den Tableau läit lech vir. Et ass gekuckt gi vun 2007 u bis 2012 wéi vill Iwwernuechtungen an dem Abrisud si vun de Fraen a vun de Männer. Mir haten en Total vu 6.018 Iwwernuechtungen. Dovunner 5.415 Iwwernuechtunge vu Männer a 603 vu Fraen. An Dir gesitt datt dat all Joer kontinuierlech an d'Luucht geet wat einfach weist a wéi enger Situatioun mer net nëmmen zu Esch, mä insgesamt sinn, betreffend Wunnengsraum a Sozialproblematik. 90% vun den Iwwernuechtungen si vu Männer. Et ass e kleng Réckgang par rapport vun de Fraen déi am Foyer de Nuit iwwernuecht hunn. Dat huet awer och zum Deel domat ze dinn, datt et natierlech esou Infrastrukture gi wéi de Foyer Sud, spezialiséiert Infrastrukture fir Fraen, besonnesch a Gewaltsituatiounen. Da komme se eventuell een Dag eran, an den Abrisud, a kommen dann an eng spezialiséiert Institutioun. An ech mengen haut um Dag vun der Fra an den Owend mat der Manifestatioun contre la violence wou Dir gesitt wéi vill Wegweisungen dëst Joer waren, dat huet och wierklech absolut de Pique erreecht dëst Joer. Wann ech mech richteg erënnere sinn et der 800, da versteet ee wierklech datt do muss absolut gehandelt ginn. Mir hunn déi regulär Better a mir hunn déi an der Wanteraktioun. Dat sinn der 4 déi dobäi komm sinn, wou mer schonn

2011 kritt hunn, also 4 Better déi supplémentaire installéiert gi sinn. An Dir gesitt och, datt do natierlech och enorm vill Leit vun där Aktioun och dëst Joer am Wanter „profitéiert“ hunn. Et sinn der awer och relativ vill an d'Stad gaangen. De Ministère de la Famille hat jo um Findel déi Hal gelount gehat, déi permanent ausgebucht war. Do sinn och vill Leit hinner gaange well se zum Deel hei zu Esch, well zou war, well alles voll war, keng Plaz kritt hunn.

Wat och absolut an d'Luucht gaangen ass, dat ass einfach d'Moyenne oder wéi soll ech dat ausdrécken, wéi de Foyer iwwert d'ganz Joer fest besat ass. Mir hate mol an de Summerméint datt en net esou besat war, datt de Pourcentage erfogaangen ass. Mëttlerweil d'lescht Joer ass et einfach absolut an d'Luucht gaangen an Dir gesitt, et kéint een, wann ee rechent op déi 18 Leit + déi 4 Better déi mer an der Wanteraktioun hunn, datt een dat alles géif komplett ausnotzen, wiere 6.872 Iwwernuechtunge méiglech. Bon, 6.018 sinn der tatsächlech prestéiert ginn. Dat ass enorm. An et mierkt een einfach et gëtt héich Zäit datt deen neie Foyer gebaut gëtt, deen iwweregens am September ugefaange gëtt ze bauen. Et ass alles ofgeschloss. September ass de Start vun dem neie Foyer de Nuit.

Wann ee vergläicht vun 2007 op 2012 sinn 1.000 Nuechte méi an Usproch geholl ginn am Foyer de Nuit innerhalb vu 5 Joer. 1.000 Nuechte méi. Dat ass enorm an dat beweist de Chiffer 2007 bei de Fraen, also bei de Männer sinn 1.000 Iwwernuechtunge méi. Bei de Frae waren et der 2007 658. De Pique war 2010, do waren et der 998 an dat ass 2012 op 603 zeréckgaangen. Ech hunn d'Erklärung virdu gi firwat dat de Fall ass.

134 ënnerschiddlech Leit hunn iwwernuecht am Foyer de Nuit. Do hale mer d'Moyenne iwwert déi lescht Joeren. Et kann ee soen 137, 134 dat ass d'Moyenne, wéi d'Leit do iwwernuecht hunn, eben am Kader vun deene Plazen déi mer do hunn. Dovunner sinn 111 Männer an 23 ënnerschiddlech Frae gewiescht.

Wéi en Alter hunn déi Leit? Wat jo och eppes seet zu der sozialer Situatioun. D'Majoritéit vun de Leit hunn tëschent 31 a 40 Joer. Dat heescht 29,9% hunn tëschent 31 a 40 Joer. An da sinn déi zwou aner Tranchen déi tëschent 18 a 25 respektiv 41 a 50 Joer leie bei 19,4%. D'Moyenne vun de Leit déi do iwwernuechte läit bei 36,9 an den Alter vun deene Leit déi dohinner gaange sinn ass tëschent 18 a 66. Virun 18 Joer dierf een net dohinner goen, do ginn et speziell Foyeren.

Wat opfällt ass ganz einfach datt déi vill Jonk vun 18 bis 25 dohinner ginn. Do ass en absolute Bedarf u Logementer, u spezialiséierten Infrastrukturen déi musse gemaach ginn. Mir hunn der eng Rei hei zu Esch. Et geet net duer an Esch geet och net duer fir déi unzebidden. Mä Dir wësst, datt dat eng Diskussioun ass déi mer ëmmer erëm an ëmmer erëm féieren an e Baart huet wou mer drop opmierksam maachen, datt och anerer a vläicht soen ech et wierklech eng Kéier ganz haart, och Gemengen aus dem Norden endlech hir Verantwortung iwwerhuelen. Well wann Dir kuckt vu wou d'Leit kommen, dann ass dat einfach katastrofal. Vun der Wanteraktioun kënne Leit natierlech och an de Foyer de Nuit goen déi keng Pabeieren hunn, déi keng Carte d'identité hunn, kee Pass. Normalerweis dierfen déi net eran. Déi dierfen awer an der Zäit vun der Wanteraktioun goen a mir haten der do 2012 40 déi nëmmen un der Wanteraktioun Deel geholl hunn, déi keng Pabeieren haten. A 94 wéi mer déi dann nennen, déi hir Droits sociaux hunn déi eng Attestation de séjour hunn, déi eng Carte d'identité, e Pass oder wat och ëmmer hunn.

Wat sinn d'Ursache vun der Opdachlosgheet? Dir kënnt lech erënnere, datt virun 3 Joer de Foyer Abrisud beschloss huet an un engem europäesche Programm Deel hëlt wou se d'Leit froen, firwat kommt Dir heihinner? Wat ass passéiert an Ärem Liewen? D'Leit maachen dat och, et ass jo anonym. Wann Dir d'Säit 11 kuckt, da gesitt Dir, datt déi éischt Ursach, firwat d'Leit hir Wunneng verléieren, déi ass, datt se hir Aarbecht verluer hunn. Datt se kee Revenu méi hunn. Dat mécht 34 Leit aus déi am Foyer de Nuit dohinner gaange sinn, déi hir Aarbecht verluer hunn, kee Revenu hunn. Da geet et séier. Da kann een de Kontrakt net méi bezuelen. Da gëtt een op d'Strooss gesat. Den zweete Volet ass natierlech deen, besonnesch an der Wanteraktioun, dee vun der Immigratioun. Leit déi op Lëtzebuerg kommen, déi no enger Aarbecht sichen, déi keng Aarbecht fannen, déi natierlech dann och keng Wunneng fannen, déi kee Revenu hunn, déi dann op der Strooss sinn an déi da klappe gi bei d'Dier vum Foyer, vum Abrisud fir dann do kënnen ze iwwernuechten. An den drëtten Volet deen immens héich ass, ass dee vu Konflikter innerhalb vun der Famill, Stierffäll, relationell Problemer. Do sinn esou gutt méi Eelerer wéi natierlech och Jonker dovunner betraff. Ënner autres causes, mä dat kann ee verdeelt och op alleguerten déi aner Ursachen opdeelen, sinn natierlech och Gesondheetsproblemer. Et verléiert ee

seng Aarbecht duerch e Gesondheetsproblem, gëtt een op d'Strooss gesat, huet een nees kee Geld. Dat Ganzt ass e Cercle vicieux.

Et muss een och wëssen, datt am Abrisud Leit sinn, do kommen ech gläich drop zrëck, déi eng Aarbecht hunn a keng Wunneng méi hunn, déi am Auto schlofen, ronderëm den Abrisud. Déi do schlofen am Auto an elo wou et natierlech immens kal ginn ass, war dat eng ganz grave Situatioun. Lo kann een net méi am Auto iwwernuechten an do huet den Abrisud d'Schlofsäck erausginn Owe, fir datt d'Leit déi net méi erakomm sinn, fir datt se op d'mannst e bësse méi waarm hu wéi wa se, wéi gesot, einfach esou am Auto schlofen.

Da kommen ech op déi Säit, vu wou kommen d'Leit? An da gesitt Dir vu wat ech virdu geschwat hunn. Natierlech sinn immens vill Leit vun Esch, 29. An aus anere Länner, déi 40 Leit déi do waren, dat ass d'Wanteraktioun, dat sinn déi 29,9% d'Wanteraktioun, jiddweree weess mir haten en ellene Wanter an en ass nach net eriwwer. Do sinn immens vill Leit dohinner gaangen a vun der Escher Gemeng mécht dat 21,6 aus. D'Stater Gemeng 17,2. Mä do ass och ëmmer esou en Austausch. D'Stater Gemeng huet jo och Infrastrukturen, wann hei zu Esch alles besat ass, gi se an d'Stad oder ëmgedrënt. An trotzdem bieden ech lech awer dann eng Kéier op déi laang Lëscht do ze kucke vun alleguerten deene Leit déi dann aus anere Gemenge kommen a wou mer wëssen, datt se keng Infrastrukturen hunn an da wéi gesot zum 127. Mol, wann ech gelift, iwwerhuet Är Verantwortung. Awer wann ech gelift virun allem och déi Gemengen aus dem Norden, gitt aktiv!

76 Leit si manner wéi eng Woch bliwwen vun deenen 134 an 58 Persounen, dat mécht 43,3%, si méi laang wéi eng Woch am Foyer de Nuit bliwwen. An Dir gesitt och, datt 12 Persoune méi wéi 6 Méint bliwwen sinn. Dat betrëfft dann och déi Leit déi elo an de Logement encadré eriwwer ginn, deen an e puer Wochen definitiv opgeet. An der Konventioun stëmme mer och Finance vum Logement encadré. An e puer Wochen ass et esou wäit, esou datt dann och déi Séjours de méi laang Durée domatter behuewe sinn an d'Leit da kënnen definitiv och eriwwer plënneren an de Logement encadré.

Opfalend ass datt 84,6% vun deene Jonken ënner 25 Joer op d'mannst ee Mount bliwwen sinn, an dat weist dann déi Dramatik déi mer hu bei deene Jonken, Schoulofbriecher sinn dat, si hu kee Revenu. D'Problematiken doheem déi net onbedéngt mat Alkohol oder Drogen ze

dinn hunn, mä Konflikter mat den Elteren an déi dann erausginn, déi vläicht och nach eng kuerz Zäit bei Frënn ënnerkommen. Mä wou dann awer d'Problematik einfach optaucht, datt dat net geet. Si kréie keen RMG. Och do ass sech ze iwwerleeën oder d'Diskussionen hu missten entaméiert ginn ob net och do eppes muss passéiere wat den RMG betrëfft. An déi sinn dann déi Leit déi an de Foyer de Nuit kommen an och den Opruff vum Abrisud, datt endlech nach méi spezifesch Structures d'accueil musse gemaach gi fir déi Jonker en urgence an do kann ech lech soen, datt mir d'nächst Woch als Gemeng e Rendez-vous hu mat den Associatiounen hei zu Esch, wou mer jo schonn drop geschafft hunn un d'Logementer fir déi Jonk, fir da weider mat deenen ze sichen, unzëbiddan an ëmzesetzen datt mer weider Jonker ebe kënnen an esou Infrastrukturen och mat iwwert d'Gemeng zur Verfügung stellen. Opfalend ass och, datt déi Leit iwwer 50 Joer jo en héije Prozentsaz ausmaachen déi iwwert e Mount bleiwen. Do ass et einfach esou och oft finanziell Problemer. Déi ginn entlooss an da stellt kee se méi a mat 50 Joer. Do si mer da bei der Situatioun, do ass een dann ze al. Scho mat 30 oder 35 ass een ze al fir op den Aarbechtsmaart. Si hunn do Problemer fir eng Aarbecht ze fannen an et wier vläicht einfach nach eng Kéier, souguer wann een den RMG huet, ass dat e Problem bei der Wunnengssich. Dat bestätegen ëmmer erëm, ëmmer erëm Leit, Clienten déi den RMG hunn. Dat heescht, si hunn e Revenu, gi sech natierlech um private Maart ëmkucke fir eng Wunneng ze lounen, a kréie keng well se den RMG kréien. Och do ass et zimlech schwierig fir déi Leit.

Mir hu 27 verschidden Nationalitéite gehat déi am Foyer de Nuit waren. Mir hu 54 Lëtzebuurger. Dat mécht 40,3% aus. Duerno kommen déi portugisesch Matbierger mat 28, mécht 20,9% aus. Fransousen, Italiener, Däitscher an da gesitt Dir déi Leit déi vun ausserhalb vun der EU am Foyer de Nuit iwwernuecht hunn, dat geet vum Cap-Vert, Marokkaner, Algerien, Tunesier, Kamerun an esou weider, dat sinn dann déi Leit déi vun eiser Wanteraktioun wéi gesot „profitéieren“, deenen et da kal ass wa se keng Plaz fannen.

Op déi 3 lescht Joere gekuckt kann ee soen, datt den Undeel vu Fransousen an Däitscher am Foyer de Nuit zeréckgaangen ass an dee vun de Portugisen an Italiener massiv ufänkt an d'Luucht ze goen. An do huet et einfach mat der Kris ze dinn. Ech denken Dir kritt dat jo och mat an der Press, mir hunn, an dat gëtt

ëmmer erëm gesot, och vun eise Ausseminister, e grouse Problem mat de portugisesche Matbierger, wou der och vill mëttlerweil hir Familljen rofkommen op Lëtzebuerg, well se menge se géifen eng Aarbecht fannen, eng Wunneng fannen. Do sinn och hir eege Leit net ganz mat onschëlleg drun an den Ausseminister huet jo schonn oft gesot, datt hie mat der Ambassade, mam Ambassadeur geschwat huet, fir datt si och schonn dohanne soen, datt mer net méi Schlarafeland hei sinn. Datt mer Problemer hu beim Logement, datt mer e Problem hu wat de Chômage betrëfft, mä et ass natierlech nozevollzéien, datt jiddweree probéiert eppes ze maachen. Si kommen dann hei un, hu keng Wunneng, hu keng Aarbecht an duerfir hält deen Undeel wierklech massiv zou un de portugiseschen a mëttlerweil och un den italienschen Leit déi hei an d'Land kommen, well se eben hoffen eng Aarbecht oder eng Wunneng ze fannen. Oder well se virun enger Regierung wëlle flüchten, genau, genau, Dir hutt Recht mat Är Bemierkung, wat och nozevollzéien ass. Ech maache keng Bemierkung zu eiser, dat ass dann en anert Thema.

39 Leit aus dem Foyer, 39 Persounen erfëllen d'Konditiounen fir e Suivi à longue terme ze maachen an dem Abrisud. Dir wësst, datt mer e Modell hei hunn, dat heescht mir, d'Equipe déi ënnert dem Maureen Lanners am Abrisud schafft, deenen ech iwwert dese Wee hei wëll e riise grouse Merci fir hir onwahrscheinlech Aarbecht soen, well déi maachen eng immens Aarbecht. Déi hunn am Laf vun de leschte Joeren och hiert Konzept adaptéiert. Si maachen dat ëmmer erëm an ee vun de Virdeeler, datt d'Gemeng do wierklech och nach mat d'Soen huet, datt mer eng Konventioun mat dem Ministère hunn, ass einfach deen, datt mer séier kënnen reagieren, séier kënnen eis upasse vun de Konzepter hier an dat hu si gemaach a si si jo an déi Richtung gaangen, datt se mat de Leit déi wëllen e Kontrakt maache betreffend hir Aarbecht, hir Wunneng, dat heescht e Plang opstellen, e Suivi maachen, deen e groussen Erfolleg huet. Dat gesitt Dir wierklech elo hei och um Schluss vun dem Rapport.

Mir hunn e weidere Problem, net nëmmen am Foyer de Nuit, mä och am Office social, dat gesitt Dir herno och, mir hunn e weidere Problem, bedéngt duerch dat neit Gesetz vun der Aide social. D'Leit déi keng Adress hunn, solle jo bei hiren Office social, hire kompetenten Office social goe wou se domiciliéiert ware fir hir Pabeieren ze kréien an do hu mer e riise Problem. Do si vill Gemengen déi réckelen déi Pabeieren net eraus. Déi

schécke ganz bewusst Leit op Esch, ganz bewusst. Do ginn et extrem Fäll wierklech, jo, vu Wolz, vu Péiteng. Also ech kann eng ganz Rei Gemengen do nennen, déi op eng Aart a Weis eis d'Leit hei op Esch schécken. Et sinn net d'Leit selwer. Et gétt jo och gesot d'Leit kommen heihinner well mir vill Angeboter hunn. Nee. Bewusst vun der Politik a vum Office social, vun Administratioune ginn d'Leit op Esch geschéckt, fir datt mir e Suivi maachen. Ech ginn ee Beispill, dat muss ech wierklech soen, enger Damm déi e Revenu vun 1.100 € huet ass eng Kautioun ausgestallt gi vun 3 Méint fir en Appartement hei zu Esch ze loune wat 1.800 € kascht. D'Fra huet 1.100 € an et kascht 1.800 € de Mount, kouw vu Péiteng. Bon, mir hunn do intervenéiert, dat ka jo hannen a vir net opgoen, mä dat weist einfach: Mir wëlle se lass ginn, gitt op Esch an déi sollen iwwerhuelen. Bon, mir versichen natierlech do iwwerall ze intervenéieren. Ech soen och elo net datt et och vläicht dem Buergermeeschter seng Schold, mä et ass einfach eng Aart a Weis d'Leit lass ze ginn déi net méi akzeptabel ass. Mir hunn d'nächst Woch déi Reunion mat der Plattform a mam Ministère de la Famille a wäerten dat dann och do matdeelen. Dat geet einfach net.

Dir gesitt dann nach d'Resultat vun de Suivien, wat wierklech ganz ermunternd ass a wat frou mécht iwwert déi Aarbecht déi am Foyer geleescht gëtt. Vun deenen 39 Persounen déi e Suivi, e ganz noe Suivi an dem Foyer de Nuit gemaach hunn, hunn der 6 e Logement fonnt. 4 e Logement an eng Aarbecht. 3 sinn an Therapie oder an engem Sevrage. 4 si bei hir Famill zeréckgaangen. 1 wësse mer net wou en drun ass. 11 sinn nach domiciliéiert, dovunner 4 mat Aarbechtskontrakt a 6 sinn amgaange mat deenen anere Gemenge wou se hierkomme mam Office social ze streiden, datt se hir Pabeiere kréien. Ech hu virdrun dozou eppes gesot.

Kuerz op d'Wanteraktioun agoen. Mer haten insgesamt 19 Leit gehat, mat 159 Iwwernuechtungen. Dat war einfach esou well mer total besat waren. D'Leit sinn awer, déi dunn do stoungen, also déi keng Plaz fonnt hunn, konnten an d'Stad goen an um Findel eng Plaz fannen.

Op den Alter sinn ech schonn agaange gewiescht vun de Leit déi mer en charge huele wéi gesot, och betreffend d'Wanteraktioun ass do gekuckt ginn an do waren déi Leit tëschent 41 a 50 Joer den héchsten Undeel vu Leit déi bei der Wanteraktioun en charge geholl gi sinn. Dir gesitt ënnendréiner dann och 6 aus Portugal, 2 aus Rumänien, Spuenien,

Frankräich, Italien, Irland. D'Länner kommen engem bekannt vir, liest d'Press da wësst Dir firwat se kommen a firwat se hiert Gléck hei zu Lëtzebuerg versichen.

Dann e ganz kuerzt Wuert zu der Asbl vum Foyer de Nuit. Les amis du foyer de nuit, wou eise Kolleg den Här Paul Weidig jo President ass, déi sech ganz staark engagéieren, wierklech, an et ass jo net nëmme den Här Weidig, ech gesinn den Här Zwally deen do engagéiert ass. Ween ass nach hei am Gemengerot? Genau, de Marc Baum deen an der Asbl ass, déi maachen eng onwahrscheinlech Aarbecht. D'lescht Joer ass erëm eng Kéier e Bon d'achat un d'Leit vum Foyer de Nuit gaange wou se sech konnten en Artikel gewiescht. Dës Kéier konnte se dat wat se wollten, en décke Pullover oder esou, kafen an en plus maache se mat hinnen Ausflich. Si huelen u Manifestatiounen deel. Dir gesitt, datt och Sportsaktivitéiten ugebuede ginn iwwert de Sportförderprogramm, Samschdes Mëttes. De Streetsoccer un deem se Deel geholl hunn, wou se och elo wäerten un der Weltmeeschterschaft, d'Coupe du monde vum Streetsoccer Deel huelen déi am September a Polen ass. Do sinn och 3 Leit déi Deel huelen. Also dat ass och e wichtegen Aspekt deen ugebuede gëtt vum Foyer de Nuit, wat einfach hëlleft mateneen och Leit déi opdaachlos si mat aneren, fir se zesummen ze bréngen, fir sech besser ze verstoen. A bei esou grouse Manifestatiounen ebe vläicht och mol einfach de Misère ze vergiessen an ee Moment ofzeschalten an an der Gemeinsamkeet och kënnen zesummen eppes ze maachen.

Si hunn och d'lescht Joer un der Journée mondiale du refus de la misère Deel geholl deen op der Gare an der Hal stattfonnt huet. Wat e groussen Erfolleg war, wou och e Chouer opgetrueden ass. Eis Leit vum Foyer de Nuit hunn do Crêpê gemaach an ech war do an ech hu gesi wéi d'Passante reagéiert hunn déi laanscht gaange sinn an dat war absolut, absolut positiv gewiescht. Do si flott Gesprécher entstanen an ech denken dat huet jiddwerengem wierklech eppes bruecht gehat.

Niewendrun Aktivitéite wéi Kultur, Sport, Kachen, an de Kino goen an esou weider an esou fort, hu stattfonnt 2011 an och wat eng ganz flott Initiativ war, dat ass datt eng Klass vun dem Secondaire technique, eng 7e sech ugemellt hat fir an de Foyer de Nuit eng Visite ze maachen, fir sech auszetauschen. Och dat fannen ech, ass en absolut positive Punkt fir ervirzehiewen, datt Schüler sech interesséiere fir déi Problematik, datt d'Leit dann och

sech weisen. Dat ass jo net ëmmer evident, datt och Leit sech weisen déi opdaachlos sinn a schwätze mat deenen. Dat fannen ech e ganz wichtege Punkt.

2 Stagiäre waren d'lescht Joer do. De Foyer de Nuit ka Stagiären ausbilden. Dir hutt och gesinn, datt se de Logo kritt hunn „mir bilden aus“. Si sinn eng Entreprise formatrice. De Bruno Martins huet déi Formatierung matgemaach. Och dat ass wichteg, och do iwwerhuele se hir sozial Verantwortung, bilde selwer Leit aus an iwwerhuelen och esou hir sozial Verantwortung wat am Fong geholl och den Aarbechtsmaart ugeet. Domatter géif ech ofschléissen.

D'Konventioun, ech hänken dat direkt hannendrun, ass am Fong geholl näischt Neits ze soen, ausser datt zousätzlech elo och déi Konventioun vum Logement encadré dobäi kënn, mat enger Zomm vun 123.458,14 € an da géif ech lech bidden der Konventioun zouzestëmmen. Merci.“

Buergermeeschter Lydia Mutsch (LSAP): „Merci, Madame Spautz. Ech hat als Wuertmeldung schonn den Här Johanns an duerno d'Madame Hildgen.“

Théid Johanns (DÉI LÉNK): „Ech wollt ofwaarden, Madame Buergermeeschter, bis dee Projet Valobois an d'Holzmanufaktur och duerch ass, do wär am allgemengen eppes ze soen.“

Schäffin Vera Spautz (LSAP): „Ok. Dir sot elo näischt?“

Théid Johanns (DÉI LÉNK): „Herno.“

Buergermeeschter Lydia Mutsch (LSAP): „Gutt, majo da fuere mer weider mat der Madame Hildgen.“

Annette Hildgen (CSV): „Merci, Madame Buergermeeschter. Am Numm vun der CSV soen ech der Madame Schäfte villmoools Merci fir hiren ausféierleche Rapport dee si hei ginn huet iwwert de Rapport vum Foyer de Nuit. Ech menge mir hunn dat all Joer. Et gétt och vun der Wanteraktioun geschwat. Mir hoffen inständeg datt dat elo eriwwer ass, datt de Wanter eriwwer ass. Et soll jo nach eng Kéier e klenge Stouss nokommen. Dat heescht net datt dann erëm eng Kéier d'Nuitéen an d'Luucht ginn, well dat wier fir déi Leit och net gutt. Mir wëlle Merci soen deene Persounen, deene Leit déi gehollef hu fir hei dat Dokument zesummen ze stellen, wat ganz ganz ausféierlech ass. Wat ganz gutt gemaach ass a wat och ganz vill Zäit an Usproch hëlt, dees si mer eis voll a ganz

bewusst. Wann een dat Ganzt duerchgekuckt huet, da gesäit een datt nach ëmmer d'Männer an der Majoritéit sinn, 90%. Wat d'Fraen ubelaangt, bleift méi oder wéineger konstant. Et ass och ugeschloe gi firwat. Dat heescht déi Fraen hu verschidden aner Méiglechkeete fir nach an aner Haiser ënner ze kommen.

Wat interessant war fir eis, dat war, aus wéi enge Länner datt déi verschidde Leit kommen. An do fällt et effektiv op, datt wéi d'Madame scho gesot huet, d'Madame Schaffen, datt ganz vill Leit aus anere frieme Länner kommen. Länner déi ganz wäit ewech sinn, déi guer net zur EU gehéieren. An ech wëll nach eng Kéier op dat agoe wat den Här Goetz virdu gesot huet, Esch gëtt ëmmer méi eng Immigratiounsstad. Och deem muss mer Rechnung droen. An heiansdo froe mir eis, wéi schwätzt Dir mat deene Leit? Et wär mol interessant fir ze wësse wéi d'Kommunikatioun ass, well wann d'Leit heihinner kommen, muss ee jo awer och vum soziale Plang muss ee jo och mat enger Sprooch, eng Langue véhiculaire hunn an ech ka mer virstellen, datt dat och net ëmmer ganz einfach ass. An déi Fro déi mir elo ze stellen hunn, ass, hutt Dir wann eng Kéier Schwierigkeete si fir ze schwätzen, stinn do Iwwersetzer, kann een op déi zeréckgräifen, fir datt een iwwerhaupt ka mat deene Leit schaffen? Wat den Alter ubelaangt, dat ass tëschent 31 a 40 Joer, do ass absolut d'Majoritéit. Mir wëssen, datt no 50 Joer d'Leit immens Schwierigkeeten hunn, iwwerhaupt jiddweree fir do op den Aarbechtsmarché ze kommen.

A wat och interessant war, dat ass, aus wéi enge Gemengen datt déi verschidde Leit kommen an et ass schonn hei ugeschwat ginn, datt et och absolut noutwenneg ass, datt am Norde vum Land eng ähnlech Struktur opgebaut gëtt. Well wa mer kucke vu wäit déi Leit hierkommen, do sinn der vu Bettenduerf dobäi, vun Esch-Sauer. Et kommen der vu Réimech erop. Vu Veianen kommen der erof. An da kommen der vu Baving erof, wat héchstwahrscheinlech wuel esou wäit ass wéi Veianen. Dat heescht, Esch ass fir déi Leit héchstwahrscheinlech déi allerlescht Rettung déi se iwwerhaupt hu fir nach kënne ënner ze kommen.

Wat och erschreckend ass, dat ass wéi laang datt déi Leit hei bleiven. Dat heescht, do sinn der bis zu 6 Méint déi hei am Foyer de Nuit sinn. Firwat? Well se einfach den Trakt héchstwahrscheinlech net fanne fir erëm erauszekomme fir do eng Wunneng ze fannen, eng Aarbecht ze fannen, respektiv fir erëm an hir Familjen zeréckzegoen. An datt mat deene Leit do muss duebel geschafft ginn,

dat ass natierlech selbstverständlech an och dat ass eng Erausforderung déi déi Leit sech mussen stellen.

Da si mir frou fir ze héieren, datt deen neie Foyer de Nuit, datt do am Hierscht d'Aarbechten uginn. An et wier interessant ze wëssen, Madame Spautz, wéi vill Plazen, datt mer do zur Verfügung hätten? Gutt, da wiere mer frou fir eng Äntwert ze kréien. A mir hoffe jo instänneg, datt d'Plazen déi mer do virgesinn hunn an deem neie Foyer de Nuit, datt dat net och schonn ze kleng ass. Well, wéi mer gesi wéi d'Evaluatioun ass, dat ëmmer méi Leit kommen. Et ass och ugeschwat ginn aus deene Länner wou d'Leit finanziell ganz schlecht dru sinn, haapt-sächlech aus Portugal, Italien a Spuenien, wou ëmmer méi Leit heihinner kommen. Dat heescht, mir mussen och do iergendwéi plangen an Zukunft fir ze soe mir mussen deene Leit eng Méiglechkeet gi fir datt se herno net einfach op der Strooss sätzen, respektiv an den Autoe mussen schlofen.

Dann eis Félicitatioun fir d'Amicale, well jiddwereen deen an enger Amicale schafft, dee weess wéi wichteg datt dat ass, och fir déi Leit déi do schaffen, net nëmme fir déi Leit déi do ënnerbruecht gi sinn, mä och fir déi Leit déi do schaffen, fir déi moralesch ze ënnerstëtzen, fir déi ze entlaaschten, fir mat deene sech positiv auszetausche fir eventuell mol Ustéiss ze gi wat een nach kéint maachen. An eng Amicale ass an all Haus, an all eenzel Institutioun ass eng Institutioun déi net ze negligéieren ass. Félicitatiounen dofir. Merci."

Buergermeeschter Lydia Mutsch (LSAP): „Merci, Madame Hildgen. Den Här Weidig wann ech gelift.“

Paul Weidig (LSAP): „Ech menge fir d'éischt géif ech virun allem drop hiweisen, dass déi Leit déi do schaffen eng ganz valabel Aarbecht maachen. Mir hu mat hinnen ze doen an iwwert d'Amicale an do wëll ech och meng Kollegen a Kolleginnen aus dem Comité Merci soen. Ech mengen et ass eng Aarbecht déi ganz interessant ass. Et mécht ee ganz gutt Erfahrungen a mir waren 2x mat hinnen zesummen, mat hinnen en Ausflug gemaach. Mir hu mat hinne geschwat an esou an da kritt een e bëssen Androck wat sech do wierklech alles ofspillt. Do muss ech soen, dass do Leit aus ganz verschiddene Verhältnissen dohinner kommen, aus ganz verschiddenen Ursachen a wéi gesot, dat ass eng wierklech gutt Erfahrung déi een awer och e bësse mat zwee Féiss op de Buedem zeréck hält, well dat si ganz oft verstoppete Precaritéiten

den déi déi Leit do erfueren, déi een net gesäit an dann op eemol féint ee Leit zeréck déi awer aus Milieue kommen déi engem och eigentlech bekannt an och vertraut sinn.

Ech wollt awer nach eng Kéier drop zeréckkommen op e puer Remarquen zu deem Bericht hei dee gemaach ginn ass, iwwregens dee ganz gutt ass an deen och vun der Madame Spautz explizit hei virgedroe ginn ass. Interessant, wat heescht interessant, a Klammeren, ech meng virun allem wat elo d'Cause ass vum Sans abrisme, ech mengen dat ass ganz kloer, dat ass eng Perte d'emploi ganz oft. Da Surendettement spillt eng grouss Roll wou een awer och sech muss bewusst sinn, dass nëmme déi Leit surendettéiert sinn déi effektiv Revenuen hunn. Well wann ech keng Revenuen hunn, da kréien ech och keng Sue geléint an ech ka mech och net surendettéieren. Et ass ganz interessant, an dass ee ganz oft ganz schnell ofrëscht, dass een dann och keng Moyene méi huet zu de Wunnengen an esou weider an esou fort. Natierlech, och mat jonke Leit wann ee mat deene schwätzt, wat wierklech frappant ass, dass eng ganz Rei vu jonke Leit op eemol vun haut op mar einfach fort gi vun doheem a wann een da fret, jo firwat bass de do fort gaangen, da soe se all, mir schwätzen net driwwer. Ech mengen dat ass awer, besonnesch déi Jonk, dat si mol zum Deel keng Leit déi net onbedéngt am Drogemilieu, déi vläicht dra sinn, awer net onbedéngt ganz staark do agebonne sinn, mä déi einfach fort ginn an iergendwéi op der Strooss sinn an dann heihinner kommen, awer déi dann iwwert e Suivi dee mat hinne gemaach gëtt, wat jo och ganz wichteg ass, déi dann awer d'Méiglechkeete fir eraus ze goen an ech mengen dat ass jo och ganz positiv. An dat ass jo elo grad och gesot ginn, dass da mat verschiddene Leit, dass een et fäerdeg bréngt duerch Projeten déi ee mat hinne mécht, se erëm op en normale Wee ze bréngen, dass se och kënne erëm wunne goen, dass se kënne eng eege Situatioun opbauen, besonnesch fir déi Leit, jonk Leit ass et ganz wichteg. Dat ass sécher kloer.

Wat mech ëmmer frappéiert erëm dat ass eng ganz Partie Leit iwwer 6 Méint oder iwwert e Joer, deelweis souguer méi laang an deem Foyer sinn an do, dat weist drophin, dass mer einfach net déi néideg Strukturen hu fir déi Leit herno weider iwwer Zwëscheweier an d'Gesellschaft erëm ze integréieren, well et ka jo awer bal net sinn, dass Leit do praktesch de Foyer als Home, als Heem betruuechten, wa se da méi wéi e Joer do sinn an

ech mengen do ass et wichteg, dass mer do Iwwergangsstrukture schafe wéi dat gemaach ginn ass. Ech mengen et sinn 9 Wunnengen elo, Madame Spautz, accompagné, 12. 12 Wunnengen, et ass ganz wichteg, dass mer déi Leit awer no enger gewësser Zäit kënnen aus dem Abrisud eraushuelen, an dass dat net eng Gewunnecht gëtt a se sech iergendwann eng Kéier domatter offannen. Well ech mengen, déi Leit hunn dann einfach keng Zukunft méi, si gleewen un näischt méi a si loosse sech dann einfach dreiwien. Ech mengen dat ass e ganz wichtige Aspekt, dass mer do eppes maachen.

Do kommen ech awer ni derlaanscht fir net drop hinzeweisen, dat ass, dass Esch, effektiv déi Escher déi dra si just 21% ausmaache vun deene Leit déi dra sinn. A wann een déi aner Gemengen drop hiweist wat fir eng Virleeschungen dass vun de Gemenge bruecht gëtt, da gëtt ëmmer gesot, jo Dir kritt jo och Subside vum Stat. Sécher, mir kréien, wéi vill ass et? 75%? Oder wéi vill kréie mer? Ongeféier, ganz grob, mä doraus kann een awer och ganz kloer schléissen, dass déi 25% déi d'Gemeng bezilt, domat bezuele mer eis eege Leit. An déi aner 75% déi, deenen aneren hire Gemengen hiren Undeel, gi vum Stat bezuelt. An da fänke se un ze iwwerleeën an dann ass déi Diskussioun iwwer Solidaritéit fir herno, wou driwwer geschwat gëtt, beim Waasserpräis, eng ganz anescht.

Voilà, dat sinn a just e puer Wieder nach eng Kéier. An da wëll ech awer och deenen déi Done gemaach hunn, deelweis ganz substantiell Done maache fir de Foyer de Nuit fir deene ganz häerzlech Merci ze soen. An et ass wierklech flott fir mat deene Leit da kënnen fir Chrëschttag e kleng Kado ze maachen. A si sinn herno ganz stolz drop fir mat engem neie Pullover oder mat esou enger neier Jeans kommen. Si kréien natierlech keng Suen, dat ass ganz kloer. Si kréien e Forfait an da ginn normalerweis d'Educatoure gi mat hinnen dann an e Geschäft an da kënnen se sech eppes kafen. A wann ee gesäit wéi frou déi Leit sinn, ech mengen dann deet et engem net leet, dass ee wierklech déi Zäit an och deen Opwand do investéiert fir kënnen deene Leit, déi wierklech à la limite sinn, fir deene kënnen ze hëllefen. Ech soen lech Merci."

Buergermeeschter Lydia Mutsch (LSAP): „Merci, Här Weidig. Vu dass den Här Johanns gesot hat, hie géing herno no der Presentatioun vum drëtte Punkt schwätzen, géing ech dann elo d'Madame Spautz froe fir op d'Wuertmeldun-

ge kuerz anzegoen an dann déi aner Punkte virzestellen.“

Schäffin Vera Spautz (LSAP): „Jo, just kuerz. Jo, wa Leit aus anere Länner kommen, wou et Problemer gi mat de Sproochen, gëtt natierlech probéiert en Iwwersetzer ze huelen, mä Dir hutt e bësse gesi wéi eng Nationalitéiten, wéi eng Leit kommen. Et ass net ëmmer evident. Et ass net ëmmer evident, mä et gëtt probéiert a vun de Leit déi am Foyer de Nuit schaffen, ginn et der och déi méi Sprooch schwätzen, portugisesch oder spuenesch schwätzen. A wann et wierklech ëm Dokumenter geet, wéi gesot gëtt dat mat erbäigezunn.

Da war d'Fro deen neien Abrisud wäert tëschent 25 an 30 Better hunn. Dat sinn der vill. Mir hate gesot gehat, een Dausendstel vun der Escher Bevëlkerung géife mer huelen, also tëschent 25 an ausbaubar op 30. An da kënnt jo nach dobäi de Logement encadré fir 12 Leit, esou dat ech denken, dass mer awer eis Verantwortung an deem Ganzen iwwerhuelen, nieft souwiesou alleguerten deenen anere Logemente wou mer Leit eranhuelen. Et muss een zum Beispill wëssen, dass den Abrisud och eng Konventioun mat eis mat der Gemeng huet fir eng Wunneng, wann et dann dréms geet Leit dann definitiv erauszehuelen, fir da Leit och an eng Wunneng ze setzen. Also dat ass zousätzlech och dobäi.

Ech mengen dat waren alleguerten d'Froen an ech géif lech bieden der Konventioun zoustëmme.“

Buergermeeschter Lydia Mutsch (LSAP): „Da kéime mer zur Ofstëmmung.“

Conseillers présents:

M. Marc Baum – M. Zénon Bernard – M. Daniel Codello – M. Marco Goetz – M. Mike Hansen – Mme Annette Hildgen – M. Henri Hinterscheid – M. Théid Johanns – M. Pierre-Marc Knaff – M. Martin Kox – M. Frunnes Maroldt – Mme Lydia Mutsch – Mme Vera Spautz – M. Jean Tonnar – M. André Zwally
Le Conseil Communal approuve à l'unanimité la convention précitée entre la Ville d'Esch-sur-Alzette et le Ministère de la Famille et de l'Intégon.

Schäffin Vera Spautz (LSAP): „Ok. Dann hu mer d'Konventioun mat Co-Labor, respektiv zwou Konventiounen, des Kéier mat Co-Labor. Op där enger geet et ëm de Projet Valobois, deen lech bekannt ass. D'Holz fir Brennholz wat elo schonn e puer Joer verschafft gëtt. D'Holz

an eise Bëscher wat verschafft gëtt vu Co-Labor a wou si Chômeuren astellen déi hei vun Esch kommen.

Ech wëilt, well lech de Projet bekannt ass, vläicht just 2, 3 Saachen ervirhiewen. Si hunn 2011 1.455 Aarbechtsstonnen, respektiv Formatiounsstonne mat hire Leit gemaach. Wat ganz spannend ass bei Co-Labor, Dir wësst dass si sech zu 80% praktesch scho selwer finanzéieren a si hu selwer konnten d'Contrats de travail à durée indéterminée bei sech schafen, well eben déi Projeten déi mir mat hinne maachen, an déi Formatiounen déi si hire Leit ubidden, et néideg gemaach hunn, dass si fest Leit missten astellen. Bon, déi hu se forméiert. Do sinn der derbäi gewiescht déi sech absolut gëeegent hunn, esou dass ee Contrat de travail à durée déterminée a 6 à durée indéterminée vun deenen déi do forméiert gi sinn, wat e groussen Erfolleg ass, wat weist, dass mer e gudde Choix getraff hu mat hinnen, eben Aktiounen a Projeten ze entwéckele géint de Chômage.

Ech ginn elo net op déi eenzel Stëren a Boxen an. Déi Metallboxen, dat mengen ech domatter wou d'Holz gelagert gëtt. Dir gesitt awer, dass et iwwert déi lescht Joere wierklech an d'Luucht gaangen ass. Duerfir hu si och méi Leit missten astellen. 2009 waren et 50 Stëren. 2010 76, 2011 schonn 146, 2012 126. Et gëtt wierklech do eng gutt Aarbecht geleescht an dat ass wichteg.

Si probéieren natierlech, hiren Challenge ass dee selwer kënnen iergendwann sech ze autofinanzéieren, wéi een dat nennt. An den zweete Projet deen ech lech elo virstellen, dee beweist dat och. Dat ass deen oder Dir kennt en och schonn, dass ass dee vun der Escher Holzmanufaktur, wéi mer dat nennen. Dir wësst, dass den Escher Fierschter eis gesot huet, nieft deem Holz wat hei verbraucht gëtt fir Valobois, ass nach esou vill Holz an eise Bëscher dass mer och nach aner Projete maachen. An dunn hu mer déi gemeinsam Idee entwéckelt. Ech stellen deen einfach direkt mat vir. Vu déi absolut katastrofal Situatioun déi mer hei zu Esch hunn, 25% Jugendchômage ënner 25 respektiv 30 Joer, ëmmer manner Industrie, hu mer dee Projet hei entwéckelt fir déi berühmten Hochbeeter. Den Här Huss ass elo net do, dee kéint lech en Detail dovunner ginn.

Ech beschränke mech elo op, soe mer dee méi sozialen Aspekt vun deem ganze Projet. Do gëtt eben zesummen drop geschafft. Do geet et och drëm ebe fir déi Jonk kënnen ënner ze bréngen am grénge Beräich, deen ëmmer méi gefrot ass, ëmmer méi gefuerdert ass, am grénge Beräich deene Jonke Perspektiven

unzebidden, Formationen unzebidde fir Aarbechtsplazen ze kréien. Schonn eleng, datt Co-Labor op der Öko-Foire war d'lescht Joer an e Prototyp vun deem Hochbeet virgestallt huet, haten d'Telefoner schonn iwwerall waarm lafe gelooss gehat vu Leit déi Hochbeeter bestallt hunn a mir kréien oder si kréien hei op der Gemeng iwwert den Här Jemp Gillen, deem ech och e ganz grouse Merci wëll soen am Kader, genau esou wéi dem Manu Cornelius, deen déi ganz Projeten do begleeden an drop schaffen. Mir mieren datt do wierklech eng Marktlücke entdeckt ginn ass a mer Bestellungen erakréien. Wat ganz wichteg ass.

Déi Hochbeeter déi gi jo heem geliwwert. Déi kann een an ënnerschiddleche Mesurë kréien, an ënnerschiddleche Gréissten, mat Deckel, ouni Deckel, ugestrach oder net, perséinlechen Design, wéi och ëmmer. Den Här Huss huet mech absolut dovunner iwwerzeegt, ech planze mäint elo erëm, beplanzen et. Et gëtt, an do si mer dann dobäi, en Hochbeet gëtt och mat geliwwert mat engem klengen Säckelche mat ënnerschiddleche Geméisssorten déi ee kann da planzen an dat Hochbeet. Et ass natierlech, déi Këscht ass natierlech certifiéiert och a kënnt hei aus eisen Escher Bëscher a wann een esou en Hochbeet keeft, ginn am Géigesaz dozou och 5 Beem geplanzt als Kompensation hei zu Esch. Den Atelier wou se produzéiert ginn, ass um Barbourg. Dat heescht et ass och hei zu Esch. Den Atelier gëtt a stand gesat. Mir kënnen do dann an d'Produktion goen an da soen ech lech nach de Chiffer wat déi zwou Konventionen dann ausmaache finanziell.

Dat eent ass beim Valobois bleiwe mer bei der Konvention vu 50.000 € wéi mer se iwwert déi lescht Joeren haten. An déi Recetten déi erakommen, ginn erëm investéiert, wat ganz wichteg ass, bei Co-Labor. A bei deenen anere leie mer bei engem Präis vun 36.443 €. Ervirzehiewen ass, mir wëllen op de Wee goen, a Co-Labor ass dat schonn, datt et eng Kooperativ gëtt, datt se sech selwer droen herno. Dat wëlle mer och mat eisen anere Projete maachen a Richtung Kooperativ. Si sinn eng Kooperativ. Si kréien awer och en Deel finanziell Ënnerstëtzung selbstverständlech vum Ministère du travail, betreffend aner Projeten an dat ass de Wee dee mer eigentlech hei zu Esch sichen an déi Richtung ze goen. Ech géif domatter ofschléissen an e grouse Merci soe fir d'Nolauschteren an lech bieden déi zwou Konventionen ze stëmme wann ech gelift.“

Buergermeeschter Lydia Mutsch (LSAP): „Den Här Johanns wann ech gelift.“

Théid Johanns (DÉI LÉNK): „Merci, Madame Buergermeeschter. Ech wollt zu deenen 3 Punkten Abrisud, Valobois an Holzmanufaktur zesummen eppes soen elo. Ech sinn erfreet, datt de Problem vun de sansabri esou konsequent ugepaakt gëtt. Ze begrëssen ass och de Versuch fir all déi Leit an deene verschiddene Strukturen op sportlech a kulturellem Plang eng Méiglechkeet ze ginn, sech net aus dem soziale Liewen ausgeschloss ze fillen. Leider ass et esou, dass an Zukunft warscheinlech ëmmer méi Opdaachloser wäerte ginn. Déi Situation entsteet momentan jo haaptsächlech aus sozialer Precaritéit. Dee Misère wäert an Zukunft ëmmer méi duerch e Mangel un Aarbechtsplaze fir Onqualifizierter gesponsert ginn an do fannen ech déi Idee an d'Realisierung vum Projet Valobois an d'Escher Holzmanufaktur als e Coup de maître. Bei aller Opposition wou och oft berechtigt ass, muss ech an dëser Saach mäi Respekt ausschwatzen. Natierlech muss een och ofwaarde wéi déi zum Deel nach Theorie herno an der Praxis funktionéiert, mä do hunn ech e gutt Gefühl. Der Lénker hir Ënnerstëtzung zur Réussite vun esou Projeten ass lech do sécher.

Leider kënne mer domat net staark genuch de Chômagetaux, haaptsächlech bei eise Jonken an de Grëff kréien. Eng vill besser Schoulinfrastruktur mat allem wat dozou gehéiert wär eng Méiglechkeet fir och eng handwierklech Qualifikation ze erreechen. Mä souguer dat wär nach ëmmer net a ganz ville Fäll den Impfstoff. Et mussen onbedéngt grouss Betriber op Lëtzebuerg an esou mat och an de Minett geleet ginn. An zwar Betriber, wou net eenzeg an eleng studéiert Leit brauchen, mä wou och Aarbechtsplaze geschafte gi wou manner qualifizéiert Jonker eng Aarbechtsplaz fannen. An dat muss reell sinn an net nëmme eng politesch Theorieshow iwwer Medie wéi et virun 2 Deeg nach de Fall war. D'FEDIL huet do Hoffnung gemaach bei technesche Beruffer datt an deenen nächsten 2 Joer 1.120 nei Aarbechtsplaze geschaaft ginn. Datt warscheinlech an där Zäitspan dat dräifacht vu Plazen zu Lëtzebuerg ofgeschaaft gëtt, war do elo keen Thema. Den Här Nicolas Schmit huet du vun engem positive Signal fir d'Zukunft vun der Industrie zu Lëtzebuerg geschwat. Ech weess bis elo just sécher, dass d'nächst Joer Chamberwahlen sinn an datt d'Regierungsparteien elo onbedéngt ënnersträiche wëllen, datt mer um séchere Wee sinn. Geschitt dat awer net reell, dass mer de Jonken eng

Formation ginn an hinne virun allem eng Aarbechtsplaz ubidde kënnen, wäerte mer do op e sozialen Dilemma mat all logesche Konsequenzen duersteieren an do si mer iergendwéi op eng Manéier alleguer dovunner beträff. Merci.“

Buergermeeschter Lydia Mutsch (LSAP): „Merci, Här Johanns. Sinn nach weider Wuertmeldungen do? Den Här Knaff an dann den Här Kox.“

Pierre-Marc Knaff (DP): „Ech wollt just op eppes opmierksam maachen, datt mer als sérieux Conseiller opgefall ass wéi ech mech preparéiert hunn, dat ass beim Projet Escher Holzmanufaktur, do gëtt e Constat gemaach fir d'éischt fir duerno op déi Ausféierungen ze kommen déi Madame Spautz eis gemaach huet. Do ass, 'partant du constat: la situation du chômage en général a évolué: augmentation du taux des demandeurs d'emploi (triplé en 10 ans) et surtout du chômage des jeunes, notamment plus de 25% des chômeurs ont moins de 30 ans.' An dann, dat huet mech jo scho stutzeg gemaach, well dat jo am Fong e bësse schonn en Aveu ass awer vun där Politik déi hei zu Lëtzebuerg gefouert gëtt, mä dann nach 'le marché traditionnel de l'emploi à l'intérieur d'une économie néolibérale devient de plus en plus difficilement accessible ...' Elo ass am Fong just meng Fro, étant donné datt d'LSAP jo an der Regierung ass a mat responsabel ass fir d'Politik déi gefouert gëtt, féiert Dir eng Economie néolibérale? A wann dat net esou ass, firwat schreift Dir et dann?“

Buergermeeschter Lydia Mutsch (LSAP): „Merci, Här Knaff. Den Här Kox.“

Martin Kox (DÉI GRÉNG): „Merci, Madame Buergermeeschter. Ech wëll heibäi zunächst d'Madame Spautz an den Här Huss félicitéieren fir hiren Engagement an och fir den Enthusiasmus dee se fir dës 2 Projeten hunn. Déi 2 Projete Valobois an den Escher Holzmanufaktur déi separat opgefouert sinn, ginn an déiselwecht Richtung. Ech mengen et ass vun der Madame Spautz gesot ginn. Zum enge sozial equitabel mat Integratioun vun onqualifizierten Aarbechtssichenden déi doduerch eng Chance op en Job kréien, respektiv scho krut hunn. Domat ginn an där prekärer Situation vum Aarbechtsmaart nei Aarbechtsplaze geschaaft, wat och ganz gutt Virzeigepilotprojete vun Esch si wäert. Zum aneren d'Valorisierung vun engem lokale Produkt, FSC certifiéiert Holz aus den Escher Bëscher dat zur Entwécklung vun neien Escher Produkte benotzt gëtt. Och gëtt méttelfris

teg, an dat ass richteg, un eng Kooperativgründung geduecht, woubäi insgesamt eng maximal Autofinanzierung ugestriift gëtt. Mir kënnen esou Projeten nëmme voll ënnerstëtzen. Merci.“

Buergermeeschter Lydia Mutsch (LSAP): „Merci, Här Kox. Den Här Codello wann ech gelift.“

Daniel Codello (LSAP): „Merci, Madame Buergermeeschter. Och ganz kuerz fir ze ënnersträchen an ech menge mir widerhuelen eis an deem Sujet hei ëmmer dës öfteren, fir ze soe wéi grouss awer d'Responsabilitéit vun der Escher Gemeng op deem dote Plang ass an déi Konventioun mat Co-Labor, Co-Labor déi eng ganz serieux Société coopérative ass, eng vun de wéinegen Initiative sociale en faveur de l'emploi déi de Statut vu Société coopérative hunn. Dat muss een och mol eng Kéier ënnersträchen. Dat wat awer ganz wichteg ass, datt déi Konventiounen natierlech onheemlech wichteg sinn.

Ech hu just eng Zousazfro, well dat och an der Finanzkommission zur Sprooch komm ass an dat muss net haut beäntwert ginn, mä dat kéinte mer vläicht zougeschéckt kréien. An der Konventioun steet, datt déi Travaux am Kader vun dem Parc transfrontalier sinn an ob mer do eng Kéier kéinten en Dokument kréie wat d'Konzept vum Parc transfrontalier ass? Déi Idee ass scho méi al, déi loung e bësse brooch. An elo kënnst dat awer an deene Konventiounen do erëm zréck an et wier flott wa mer dat net haut Séance tenante, mä wa mer e kleng Mail kéinte kréien als Conseillere wou eist Konzept vum Parc transfrontalier awer erkläert gëtt.

Fir de Rescht ënnerstëtze mer dat doten natierlech. Mir wäerten herno an enger anerer Debatt, wann et ëm d'Waasser geet, d'Solidaritéit tëschent de Gemenge schwätzen, mä ech wéilt awer nach eng Kéier hei och nach eng Kéier drop hiweisen, och hei iwwerhuele mer als Escher Gemeng erëm eis voll Responsabilitéit a mir wiere frou wann déi eng oder aner Gemeng aus dem Land och do géing eis op deem Wee do suivieren an och grad esou vill an d'Economie solidaire géing erastieche wéi mir. Merci.“

Buergermeeschter Lydia Mutsch (LSAP): „Merci, Här Codello. D'Wuertmeldung sinn elo ofgeschloss.“

Schäffin Vera Spautz (LSAP): „Deem ass näischt bäizefügen an d'Schlusswuert huet den Här Codello gehat an et ass richteg an ze ënnerstëtzen.“

Buergermeeschter Lydia Mutsch (LSAP): „Kënn mir déi Punkte 6 b) a 6 c) en bloc ofstëmmen? Jo.“

Conseillers présents:

M. Marc Baum – M. Zénon Bernard – M. Daniel Codello – M. Marco Goetz – M. Mike Hansen – Mme Annette Hildgen – M. Henri Hinterscheid – M. Théid Johanns – M. Pierre-Marc Knaff – M. Martin Kox – M. Frunnes Maroldt – Mme Lydia Mutsch – Mme Vera Spautz – M. Jean Tonnar – M. André Zwally
Le Conseil Communal approuve à l'unanimité les conventions entre la Ville d'Esch-sur-Alzette et la société coopérative CO-LABOR relative aux projets «Valobois» et «Escher Holzmanufaktur».

7. Office social:

- **Élection d'un nouveau président; avis**

- **Tableau de préséance; avis**

- **Avenant au barème de l'office social; avis**

- **Convention entre l'Office social, l'État du Grand-Duché de Luxembourg et la Ville d'Esch-sur-Alzette; décision**

Buergermeeschter Lydia Mutsch (LSAP): „Sou, mir kéinten da weiderfuere mam Punkt 7, den Office social an och hei bleiwe mer bei eiser Sozialschäffin fir d'Präsentatioun.“

Schäffin Vera Spautz (LSAP): „Mir hunn iwwer 3 Deliberatiounen déi am Office social geholl gi sinn och hei ofstëmmen. Dat eent ass op Grond vun der Démissioun vun dem viregte President, dem Här André Müller, dee säi Bréif vum 2. November geschéckt hat un den Office social. Do hunn natierlech Neiwahlen do misse stattfannen. Ech wéll awer wierklech vun dem Moment hei profitieren an dem Här Müller als President e riise grouse Merci ausschwätze fir déi onwahrscheinlech Aarbecht déi hie gemaach huet déi leschte Joeren, wat net evident war vu que déi riisen Unzuel u Clienten déi un Office social sinn an deen eng immens Präsenz hat an dat och ganz gutt a senger Qualitéit als President gelescht huet.

Wéi gesot, hien ass zréckgetrueden an et hu Wahle stattfonnt am Office social. Et waren 2 Kandidaten. Den Här John Back an den Här Wohlfarth an den Här Back ass mat 4 Stëmme gewielt ginn, esou datt mer hei déi Deliberatioun zur Kenntnis kritt hunn an hien ass ab 1. Januar

President a mir hunn dozou ze befannen. Soll ech einfach direkt weiderfuere och mat deenen, ech fuere einfach weider mat deenen aneren, ok. Dann hu mer doropshin zweetens den Tableau de préséance dee jo geännert huet, och ze stëmmen an dee läit lech vir. Tableau de préséance, Dir kennt dat och hei am Gemengerot. De President, den Här John Back, dann d'Madame Christiane Schmit-Celli, d'Madame Antoinette Stocklausen-Schroeder, den Här Dan Codello, den Här Wohlfarth, den Här André Müller an den Här Jean-Philippe Schmit, och dee musse mer dann hei nach ofstëmmen.

An da gesitt Dir datt et en Avenant gëtt zu dem Barème vum Office social, Barème deen an all Gemeng anescht ass an deen hei elo wäert ugepasst ginn. De 6. Januar huet de Conseil d'administration de Barème ugepasst wéinst eben der Situatioun, der kritescher Situatioun déi mer och hei zu Esch hunn. E gëtt an deem Sënn ugepasst, datt de Montant op 250 € gehuewe gëtt fir en Demandeur d'aide sociale dee regelméisseg bei e spezialiséierte Service am Beräich vun dem Domaine sociale geet. Dat heescht, déi regelméisseg och wierklech suivéiert gëtt. Da ginn d'Frais d'alimentation a Kleedung eropgesat vun 300 op 400 € de Mount bei engem Adulte. An domatter gëtt dann de Pourcentage vun de Frais déi all Mount komm si wat d'Alimentatioun an d'Kleedermass ugeet annulléiert. Et geet näischt erf. Et ass just méi kloer de Barème definéiert ginn, well de Conseil arbitral drop opmierksam gemaach huet, datt eng Onklerheet waar wéi et berechent ginn ass. Et ass elo méi kloer, wéi gesot, et ass guer näischt un de Montanten, am Géigendeel un de Montante geännert ginn.

Ech wéll lech awer zousätzlech als Informatioun ginn, datt mer op den 31. Dezember 2012 5.173 Interventiounen hate un Office social. Dat heescht, mir hunn all Kap dépasséiert, et ass wéi viru beim Foyer de Nuit wou ech lech gesot hunn, 5.173, dat ass enorm. An datt mer elo schonn op den 28. Februar bei 1.185, 2 Méint, bei 1.185 Interventiounen leien, wat onwahrscheinlech ass, an och do, ech muss dat einfach eng Kéier ervirsträchen, ech hat virgëschter eng Sitzung mat den Assistances sociales, mat all den Assistances sociales gehat. Ech maachen dat regelméisseg. Also ech muss lech ganz éierlech soen, wann ech duerno eraus ginn, da mengen ech, ech misst mir d'Kugel ginn, wéi déi et fäerdeg bréngen all Dag wierklech do nach Aarbecht kënnen ze maachen, well si hunn net méi genuch Zäit fir iwwerhaapt nach kënnen präventiv eppes ze maachen. Ech

hunn lech gesot, mir hunn d'nächst Woch d'Plattform mam Ministère de la Famille. Mir bräichten duebel esou vill Leit déi do schaffen, also deenen e riise grouse Merci fir déi onwahrscheinlech Aarbecht a mir gi jo weider zougeschott, elo ass den tiers payant social komm, de Fonds du Logement. Den Här Miltgen mengt, datt och dat an Zukunft soll geregelt ginn um Office social, datt do och nach d'Sozialwunnenge solle mat iwwerholl ginn an d'Suivie gemaach ginn. Och do si mer amgaangen ze matchen. Si ginn zougeschott a kréien alles wat net méi geregelt gëtt u grousem Niveau an dat ass bal net méi méiglech ze schaffen, mä dat wäerte mer matdeelen esougutt an der Plattform wéi och der Madame Ministesch déi jo souwisou all Joer wëll e Rapport hunn.

Bon, ech bieden lech deenen 3 Deliberatiounen do zouzestëmme, datt se hir Aarbecht kënne gutt weider maache wéi bis elo.

Ajo, ech hu jo nach eng Konventioun. Soll ech déi och direkt, ok. Jo, also et ass déi normal Konventioun déi mer all Joer maache mat dem Ministère de la Famille op Grond vun dem neie Gesetz vun der Aide sociale. Wat vläicht nei dobäi komm ass als Tiret ass elo déi Saach mat dem Tiers payant social, wat elo drasteet, wat elo jo beschloss ginn ass vun der Regierung. Dat ass en neie Punkt dee bäikomm ass. An ech kann lech vläicht nach eng Matdeelung ginn, dass d'Konte vum Budget vun 2011 kontrolléiert gi si vum Ministère an do absolut keng Remarquë komm sinn un den Office social, datt mat Geld ronderëm sech gehäit gëtt oder net genuch oder ze vill oder wéi och ëmmer. Dee Budget ass kontrolléiert ginn, ugeholl ginn a si waren immens séier, well normalerweis dauert et 4, 5 Joer, dës Kéier ass 2011 scho kontrolléiert. 2012 amgaangen, do och Merci eisem Recevreur, deen dee Budget jo do och, eise Recevreur vun der Gemeng, deen dee jo mat mécht.

An da bieden ech lech elo deem Ganzen zouzestëmme wann ech gelift.“

Buergermeeschter Lydia Mutsch (LSAP):

„Vu dass keng Wuertmeldungen do sinn, wollt ech just froen, ob dat alles mëndlech ze maachen ass oder ob dat ... ok. Freet do een e Vote séparé oder kënne mer dat en bloc ofstëmme? Dann au vote en bloc.“

Conseillers présents:

M. Marc Baum – M. Zénon Bernard – M. Marco Goetz – M. Mike Hansen – Mme Annette Hildgen – M. Théid

Johanns – M. Pierre-Marc Knaff – M. Martin Kox – M. Frunnes Maroldt – Mme Lydia Mutsch – Mme Vera Spautz – M. Jean Tonnar – M. André Zwally
Le Conseil Communal approuve à l'unanimité les points concernant l'Office Social.

8. «Évolution de la sidérurgie et son impact sur la Ville d'Esch-sur-Alzette»; information et discussion (point mis à l'ordre du jour par Monsieur le Conseiller Communal Zénon Bernard)

Buergermeeschter Lydia Mutsch (LSAP):

„Mir kéimen dann zum Punkt 8, dat ass e Punkt deen eis vum Här Conseiller Zénon Bernard op den Ordre du jour gesat gouf. Et geet ëm d'Evolutioun vun der Siderurgie an hirem Impakt op d'Stad Esch a mir géinge proposéieren him direkt d'Wuert ze gi fir eis an den Thema anzeféieren an eis seng Meenung dozou ze soen.“

Zénon Bernard (KPL):

„Dat wäert ech maachen, Madame Buergermeeschter. Dee bekannten däitsche Schrëftsteller Bertolt Brecht, huet an engem vu sengen Theaterstécker gesot, ech zitieren: „Der aufhaltsame Aufstieg des Arturo Ui.“ Haut kënnt een eng ähnlech Theaterstécker, en ähnlecht Theaterstéck schreiwe mat dem Titel „Der aufhaltsame Abstieg der Luxemburger Stahlindustrie“.

Wann ee fréier zu Lëtzebuerg eventuell Gäscht hat, offiziell Gäscht, da war eis Regierung an aneren Instanzen ëmmer frou an houfreg fir eng Visite ze maache vun den Installatiounen vun der Arbed deemools, vun der Hadir deemools, vun der Arcelor och nach an esou virun, an dat war all Kéiers och ageplangt an déi offiziell Visite. Mat Recht géif ech soen. Haut kann een net méi vill vun eiser Stolindustrie weisen. Et ass net méi vill do. Nächst gëtt méi hei zu Lëtzebuerg iwwert eis Stolindustrie entscheet. Den Entscheidungszentrum läit am Ausland. Entschet gëtt also alles am Ausland. Och déi Illusioun vum Siège déi laang hei nach geegesichert ass an der Hoffnung eventuell awer ze retten. Mir si jo vu Sieg zu Sieg geeilt. Vu 27.000 op 3.000 si mer vu Sieg zu Sieg geeilt. Aarbechtsplaze schwätzen ech natierlech. Also wéi gesot, d'illusioun vum Siège déi ass elo viru kuerzem, et ass nach net laang hier, geplatzt wéi eng Seefeblos.

Wéi ass also d'Situatioun haut. Ech mengen et muss een, ier een, wann ee sech selwer sérieux hält, och e klenge Compte rendu maachen, e klengen His-

torik maachen iwwert déi Entwécklung déi dozou gefouert huet, dass mer haut deen Débat hei am Escher Gemengerot maachen. Dat ass dat vun der weltbekannter Stolindustrie, hunn ech elo grad virdru gesot, bleift näischt méi. Bal näischt méi ass vläicht méi gerecht. Loosse mer drun erënneren, dass aus dëser Stolindustrie vill weltbekannt technologesch Prozesser ervirgaange sinn. Zum Beispill d'Andüsung vum Kuelestëpps an d'Héichwien. Oder dat kombinéiert Blossen oder dat thermomechanesch Walzen. Genau esou wéi besonnesch dee glacklosen, deen Dichtverschluss vum Héichwien deen haut op kengem Héichwien vum der Welt feelt. Den Knowhow ass husch.

Wat sinn also d'Ursaachen, doriwwer muss ee jo och schwätzen, vun esou enger ekonomoscher Katastroph? Den Haaptgrond, esou menge mir, läit an enger iwwer Joerzéngrter falscher Wirtschaftspolitik. Dës Politik, déi vun de sougenannt staatstragende Partei gréisstendeels oder ganz gedeelt oder gedroe gouf, huet zu enger Desindustrialiséierung vun eisem Land gefouert a gläichzäiteg zu der Errichtung vum sougenannte Finanzparadies fir Steuerluchtgelder, Schwarzgeld a Spekuliatioun op Lëtzebuerg ze lackelen. Dat sinn Aktivitéite vun deene jiddweree weess, dass se keng Plusvalue, kee Mehrwert produzieren, sondern scho realiséierte Mehrwert nëmmen hin an hier schieben. Wann een dann och nach vun der Stolindustrie, wéi dat viru Joere geschitt ass, vun enger Industrie crépusculaire schwätzt, da kënnt een noutgedrongen zu esou falsche Schlussfolgerungen a Besuch op Bevirdelegung vun der Finanzplaz par rapport zum Stolsecteur.

Wéi esou Bemierkunge vu verantwortleche Minister gemaach goufen, louch, an dat ass wichtig, dass een dat weess, d'Weltstolproduktioun bei ronn 700 Mio Tonnen. Haut bedréit se ongeféier 1.800 Mio Tonnen, dat heescht 2,5 x esouvill wéi deemools wéi vun enger Industrie crépusculaire geschwat ginn ass. Dat ass, géif ech mengen, keng schlecht Leeschtung fir eng Industrie crépusculaire. Mëtt der 70er Joeren, wéi d'Stolkris ugefaangen huet, gouf gesot, dass d'Rettung vun eise Betriber doranner géif bestoen, en Ofbau vun deene sougenannte „net rentablen“ Anlagen ze vollzéien, esou ze soen, fir de Rescht deen, wéi dat deemools esou gesi ginn ass, deen nach profitabel wär, ze retten a méi sécher ze maachen. Wat ass awer d'Resultat? Erënner lech mol, als grouss Victoirë goufen och déi sougenannt Tripartiteofkommens gefeiert. Wou leider och d'Gewerkschafte

sech iwwert den Dësch zéie gelooss hunn. Dat wësse mer haut an dat soll och mol eng Kéier gesot ginn. Ech bedauern dat natierlech, well dat ass ni positiv.

Wann ee sech un d'Titelsäiten deemools vun der Press erënnert: 16.500 Arbeitsplätze gerettet. D'Realitéit ass déi, dass haut an der Kärindustrie vun eise Produktionsbetreiber vun der Arbed/Arcelor nach 3.000 Leit beschäftegt ginn. Wéi gesot, 16.000 wurden gerettet. Et ass all Kéiers, mir si vu Sieg zu Sieg geeilt bis mer elo do sti wou mer sinn a praktesch näischt méi verstoppt hunn. No der feindlecher Iwwernam vum Här Mittel géintwärtig Arcelor, déi iwwer Scholde finanziert gouf, ech mengen dat brauch ech hei kengem ze erklären, sougenannt als Spekulationsobjekt, gouf praktesch näischt méi an d'Stolindustrie investéiert. D'Mëtteleisestross vum Belval, déi lescht gréisser Investéierung, déi ass nach aus der Zäit vun Arcelor. Zu dëser feindlecher Iwwernam konnt et nëmme komme well d'Regierung an de Joere virdu sech geweigert huet déi staatlech Bedeelegungen ze behalen an auszubauen an domat déi wirtschaftlech a strategesch Linn vun eiser Stolindustrie matbestimmen ze kënnen an net parallel niewendru lafen, Suen investéiert, Milliarde Steiergelder investéiert ze hunn an näischt méi ze soen ze hunn. Wann dat nämlech geschitt wär, an ech sinn och stolz enger Partei unzegehéieren déi dat ëmmer erëm verlaangt huet, als eenzeg Partei, laang Joeren iwwereng, hätte mer haut nach eng Stolindustrie an der Gréisst an der Modernitéit vun där éisträichescher Stolindustrie, wou mer jo wëssen, dass déi dee Wee gaange sinn, den éisträichesche Stat.

Am Verlaf vun dësen Entwécklungen ass och de Rapport Gandois wat e Begrëff ass a war, verluer gaangen, an deem de Lëtzebuurger Héichueweprozess als ee vun deene wirtschaftlechten op der Welt betruucht an analyséiert ginn ass. Gläichzäiteg gouf de Schwenk gemaach op Elektrostol. Och dat ass deemools als grouss Victoire, als grouse Sieg gefeiert gi mam Resultat, dass dat éischt Elektrostolwierk dat zu Lëtzebuerg gebaut gouf, elo scho still gelegt wurde, seet een. A kaum eng Chance huet, jee erëm betriebsfäeg ze ginn, wann d'Politik net agräift. D'Gefor ass, näischt gouf investéiert an d'Konsequenz dovunner ass natierlech dann, kuerzfristeg oder mëttelfristeg, alles geet verluer. Ech sinn net hei fir Pessimismus ze streeën, mä et ass nach Zäit do ze konterkaréieren wann een an d'Richtung geet, d'Verstaatlechung vun deene Betreiber fir d'Garantiere vun der Existenz vun dausenden an dausenden

Aarbechtsplaze vun den Aarbechter hei ze garantéieren.

Wann d'Grey Patent, ech mengen Dir wësst wat dat ass, d'nächst Joer ausleeft, da bleift glat näischt méi. Inwiefern elo huet eis Stad Esch mat dëser Entwécklung ze dinn oder ass haaptsächlech d'Opfer vun dëser Entwécklung? De gréissten Deel vun Arcelor Schëffleng läit, dat wësse mer, um Territoire vun der Stad Esch. Mir haten zu Esch, ech erënneren drun, 3 Schmelzen, Terres Rouges, Schëffleng a Belval. Haut bleift nëmme nach Belval, wou awer och, an dat soll och gesot ginn, a mer wëssen dat, säit ronn 10 Joer net méi an näischt méi investéiert ginn ass. Ech mengen de Gemengerot hei vun der Stad Esch wier gutt beroden eng Direktuwendung vun de Gemengentaxen op Industri Terrain ze beschléissen. Do wou Industrieanlagen déi rentabel bedriwwen kënnen ginn, esou wéi dat och am Rapport vun der Chambre des salariés däitlech ervirgeet, däitlech ervirgeet, a stëll geluecht gi sinn, muss eng Taxe erhewe ginn. Sollt dat net geschéien, dann huet d'Gemeng ëmmer nach Recht ze requisitionéieren an duerno misst et da wierklech méiglech si wirtschaftlech Aktivitéiten ze maachen an dat géif zur Schafung vun neien oder alen Aarbechtsplaze féieren.

Ech hunn an deem Zesammenhang eng Motioun deponéiert déi ech gär ofgestëmmt hätt, verschléisse mech awer net nom Vote iwwert dës Motioun, eng gemeinsam Motioun vum Conseil hei unzestriewen déi an d'Richtung geet vun deenen Iwwerleungen déi hei a menger Motioun dra sinn. Ech resüméiere se kuerz, ech halen lech net ze laang op, jiddwereen huet se verdeelt kritt, ech hunn der Press se och verdeelt. Do ass eigentlech resüméiert dat wat ech a menger Ried gesot hunn. Ech schwätzen do vun enger feindlecher Iwwernam vum Här Mittel op d'Arcelor. Dat hat e ganz spekulative Charakter. Vun Ufank u war déi Gesellschaft vu grouse Scholde plombéiert. Kee strategesch Investissement ass jee gemaach ginn. D'Mëtteleisestross vu Belval wou investéiert ginn ass, do ass, hunn ech och gesot virdu an menger Ried, virun 10 Joer investéiert ginn an dat war nach ënnert der Direktioun vun Arcelor. Mir invitéieren hei de Schäfferot, eis Verrieder oder eis Verriederin an der Chamber, esou wéi all Deputéierten aus dem Südbezirk dofir ze suergen, dass déi Politik vun der Desindustrialiséierung a vun der Finanzialiséierung vun der Lëtzebuurger Industrie ënnerstëtzt gëtt. Eng Taxe déi eidel Haiser an Terrains à bâtir déi net benotzt ginn, soll applizéiert ginn an och op Industrieter-

raine wou d'Activitéiten opgehale hunn, contrairement zu Rapporten déi beweisen, dass se nach lukrativ sinn, an dass se nach kënnen mat positiven Zuele schaffen an operéieren.

Mir proposéieren och e Comité ze créieren dee soll e Suivi maache vun der industrieller Entwécklung an dee soll sech zesumme setzen aus Verrieder vun alle Parteien, aus Verrieder vun alle Syndikater a vun der Geschäftswelt hei zu Lëtzebuerg a mir wëlle stimuléieren eng Kollaboratioun, eng enk a solidaresch Kollaboratioun tëscht de Gemengen aus dem Süde fir eng staark Oppositioun kënnen ze maachen, géint déi Politik vun der Desindustrialiséierung. Ech soen lech Merci fir Är Opmierksamkeit."

Buergermeeschter Lydia Mutsch (LSAP):

„Merci, Här Bernard. De Schäfferot wëllt lech fir d'éischt mol Merci soen dass Dir dës Initiativ geholl hutt.“

Zénon Bernard (KPL): „Ech hunn elo net héieren, pardon.“

Buergermeeschter Lydia Mutsch (LSAP):

„De Schäfferot wëllt lech fir d'éischt Merci soen, dass Dir dës Initiativ geholl hutt, déi eis et dann erlaabt fir iwwert d'Situatioun am Stolsecteur am allgemengen an d'Situatioun hei zu Esch am besonneschem ze diskutéieren. De Schäfferot huet elo net wëlles eng Stonn laang hei d'Wuert ze huele fir iwwert d'Situatioun vun der Stolindustrie op nationalem an op internationalem Plang ze schwätzen. Ech mengen dat ass och net de Rôle vun engem Gemengerot, mä e wëll awer den Interpellant doranner begleeden, fir op d'Wichtigkeet hinweisen, dass mir eis Gedanke maache wéi et ëm d'Stolindustrie steet an am besonnesche wat d'Repercussioune vun der aktueller Kris a vun den aktuelle Verhandlungen op de Stol-site Esch ubelaangt.“

Vläicht au préalable eng allgemeng Remarque. Mir hu ganz oft hei um Ordre du jour d'Entwécklung vun der Stad Esch als Universitätsstad mat alle Chancen déi dorunner leien, och wat d'Dynamiséierung vun der Wirtschaft ubelaangt an och wat an eisen Aen d'Veerännerung vun der wirtschaftlecher a sozialer Struktur vun Esch ubelaangt wa mer an deenen nächste Joerzénge, an deenen nächste Generatiounen d'Avantages dovunner wäerte gesinn. Mir waren awer och ëmmer der Meening a mir hunn dat och am Zesammenhang mat der Entwécklung vun der Stad Esch als Universitätsstad gesot, mir sinn eng Industriestad. Mir sinn eng Stolstad a mir wëllen dat och bleiwen. Mir mengen net, dass déi nei

Pilieren a Richtung vun deene sech eis Lëtzebuerger Economie zousätzlech soll diversifiéieren, dass déi alleng duerginn, sief et fir eist Land aus der Kris ze bréngen oder sief et fir op d'Dauer eng stabil, wirtschaftlech a sozial Situatioun hei am Land ze garantéieren. Dat wollte mer vläicht au préalable hei bemierken, well mir eigentlech hei méi oft iwwert déi zukünfteg Vocatioun vun der Stad Esch als Universitätsstad schwätze wéi mer vun der Entwécklung vun der Stolindustrie schwätzen.

Bon, Dir hutt elo manner dovunner geschwat, mä mir wëssen all dass mer eis an enger Kris befannen. An enger Kris déi méttlerweil sech op d'ganz Eurozone ausbreit huet, dass mer an engem ganz schwierige makroekonomeschen Ëmfeld eis beweegen, dass d'Konkurrenzentwécklung an engem globaliséierten Ëmfeld e ganzt schwieregt ass, an dass déi kommerziell Praktiken déi well Usus sinn, dass dat an eisen Ae ganz oft deloyal Praktike sinn déi déi Mechanismen déi mir bis elo als Land haten, och zum Deel riskéieren ausser Kraaft ze setzen, d'Präisfluktuationen déi legal Contrainten, d'Ëmwelterausforderunge sinn Themen déi eis beschäftegen an déi op all Moment Repercussionen hunn an d'Conditions financières an och d'gesellschaftlech Situatioun affectéieren. Et ass also eng ganz breet gefächert Diskussioun déi ee muss féiere wann een iwwert deen dote Sujet schwätzt. An et kann een natierlech och net ignoréieren, dass dat schwieregt Ëmfeld och de Stolsecteur affectéiert huet. Net nëmmen an Europa, mä an der Welt, well Arcelor/Mittal ass jo e Weltkonzern an do kann een dovunner hale wat ee wëll an och ënnerschiddlech Interpretatiounen hunn, mä et kann een awer net ignoréieren, dass insgesamt d'Demande vun de Stolproduiten an Europa ëm 20% erofgaangen ass. Dat huet natierlech Repercussionen, an dass doduercher och duerch déi Baisse bedéngt eng Rei vun Démarche vu Säite vun Arcelor/Mittal geholl gi si fir deem entgéint ze wierken.

Bon, wat sinn elo d'Repercussionen op Esch? Dir hutt hei vun der Tripartite geschwat. Dir hutt och vun deenen ënnerschiddlechen Aktiounspläng geschwat déi tëscht Regierung, Arcelor a Gewerkschaften ausgeschafft gi sinn, wou jo zu all Moment och Investitiounen a Milliounenhéicht virgesi waren an och eng ganz Rëtsch Mesuren am Interêt vum soziale Fridden ausgeschafft gi sinn.

Eng vun deenen Auswierkungen dovunner dat waren déi Investissementer, déi och zum Deel en cours si wat Esch/Belval ubelaangt. Mir wësse jo, dass d'Sitë Bel-

val an Déifferdeng um internationale Plang nach ëmmer ganz kompetitiv sinn. Do si ganz sophistiquéiert Produiten déi do hiergestallt ginn. Ech ka mech erënnere wou an deene leschte Joeren oft Riets gaange vun Ground Zero zu New York an Amerika, dass do oft Arcelor/Mittal och genannt ginn ass, wat d'Livraisonen vun héich sophistiquéierte Stolproduiten ubelaangt. Et ass ëmmer vun Arcelor/Mittal gesot ginn an deene leschte Méint, an deene leschte Joeren, dass déi Produiten déi zu Schëffleng an déi zu Rodange hiergestallt ginn, déi vun enger manner komplexer sophistiquéierter Natur sinn, dass déi och kënne manner deier op anere Plazen hiergestallt ginn oder verlagert ginn. Mir sinn där Meeung am Fong net. Mir mengen, dass hei bewosst vermësst ginn ass zum richtigen Zäitpunkt ze investéieren, dann hätten déi Siten do och kënne kompetitiv weider fonctionnéieren. A mir mengen och net, dass et dann zu där degradéierter Situatioun hätt misste kommen a wéi och elo déi Perten op de Sitë Schëffleng a Rodange et ausweisen. Dat si jo 100 Mio € fir d'Period 2009-2011 mat där dann och de ganze Ralentissement vun der Produktioun justifiéiert ginn ass.

Mir schwätzen dann ëmmer vum Wierk op Belval, wat jo e ganz modernt Wierk ass a wou dann eben och soll elo an den Elektrouewen an an de Fonctionnement vun deem Wierk investéiert ginn an och eng strategesch Etude gemaach ginn iwwert d'Palplanchen, wat jo och da wichteg ass. Mä eigentlech misste mir iwwer 2 Wierker hei zu Esch schwätzen. Mir missten iwwer Belval schwätzen, wat en Deel ass vun engem Gesamtareal vun 100 Hektar. Déi Schmelz läit op engem Deelareal, well Belval ass jo och nach en Deel op Suessemer Säit, läit op engem Deelareal vun 100 Hektar an et ass eng Schmelz déi komplett op Escher Territoire läit. Et ass eng Schmelz déi héich Gewënner verbucht, vun deenen d'Stad Esch keen Cent gesäit. Dat sollt och mol eng Kéier hei gesot ginn, well si fléissen an – mir hunn awer all Nuisancen – déi fléissen an e Gesamtdéppe wou da mir bei der Ëmverdeelung a bei der Gesamtverdeelung näischt dovunner gesinn, wat an eisen Aen och eng ganz ongerecht Situatioun ass déi een och eng Kéier hei sollt soen. Mä mir hunn awer en anert Wierk wat nach zu 95% op Escher Territoire läit an dat ass de sougenannte Site Arbed/Schëffleng. Dat sinn 42 Hektar an dee läit zu 95% op Escher Territoire. Dat ass gewalteg an do kann ee praktesch einfach vun enger Escher Schmelz schwätzen. Quitte dass mir an enger Solidargemeinschaft eis ëmmer gesinn hu mat de

Schëfflenger Kollegen an och mat all deenen anere Kollegen, iwwer Gewerkschaften oder iwwer aner Aktiounspläng an aner Aktivitéiten oder Pläng déi zum Deel och mat auslänneschen Organisationsen zesummen ëmgemat ginn, vun eiser Säit aus och begleet gi sinn.

D'Situatioun vun den Effektiven op Belval déi weist och an déi falsch Richtung. Ufank 2013 hat dee Site 974 Persounen. Dat waren der nach 997 2012, an déi aktuell Previsiounen fir 2014 déi belafen sech op 950 Persounen, also nach erëm weider erof. De Site Esch/Schëffleng ass nach vill méi dramatesch. Dat ware 85 Persounen 2012. Dat sinn der nach elo 55 an do gouf ugekënnegt, dass déi Zuel bis Ufank 2014 nach just op 16 Persoune sech soll belafen an dat limitéiert sech da plus au moins op de Gardiennage vum Site. Dat ass natierlech eng Tendenz déi geféierlech ass, déi mir dramatesch och fannen, net nëmme fir déi Leit déi do schaffen, mä och fir hir Familjen déi drunhänken a fir d'Situatioun vun der Stolindustrie am allgemengen.

Et muss een natierlech och soen, dass déi Chifferen do net nëmme ganz oft änneren, mä dass déi an eisen Aen och an Zukunft nach wäerte substantiell variéieren, well jo dauernd Ajustement gemaach ginn, erëm weider Deplacement, ënnerschiddlech Deplacement geholl gi vun engem administrative Service an deen aneren. Ech gi just ee Beispill. Mir haten eng Gebailechkeet um Site Schlassgoart ausgewise wou mer wollte préiwen ob een do net kënnt déi eng oder déi aner Aktivitéit maachen am kulturelle Beräich, am Fräizäitberäich. Mir hate knapps eis Idee artikuliert, do krute mer scho gesot, dass elo en Deel vun deene Leit déi net méi am Hauptverwaltungsgebai an der Stad schaffen, dass déi elo an de Schlassgoart kommen. Dat war dunn erëm eng ganz aner Donnée déi am Fong ni offiziell un eis als Schäfferot erugebroe ginn ass. Esou wéi mir insgesamt ganz oft Saachen nëmmen um Rand matgedeelt kréien, wéi och elo nach ganz rezent eng Gebailechkeet no bei der Eisebunnsbréck déi och eng Affektatioun soll kréien, sozialer Natur, an Zesummenaarbecht mam Ministère du travail. Och hei si mer ni offiziell dovunner a Kenntnis gesat ginn. Dat heescht, déi ganz Démarché vun Arcelor/Mittal sinn och aneschtens wéi mer dat an der Vergaangenheet gewinnt waren.

Ech wëll och dozou awer soen, dass mir mat Arcelor/Mittal zesumme schaffen, dass mer eis regelméisseg gesinn op ënnerschiddleche Pläng, um technesche Plang, iwwert eis Servicer, an och um politesche Plang, well Arcelor/Mittal

occupéiert hei zu Esch 22% vun eisen Terrainen. Ech mengen dat sollt ee vläicht och mol eng Kéier soen. Dat ass och eng interessant Informatioun. Dat ännert awer näischt dorunner dass mir fundamental net mat där Politik d'accord sinn als Schäfferot déi am Moment do bedriwwen gëtt. Mir fannen, dass et nach soll Hoffnung gi fir e Site wéi Arbed Schëffleng. Mir sinn och der Meenung, dass een dat net ad acta soll leeën an elo mat der urbanistescher Planung soll ufänken. Do hu mir wierklech eng gewaltig Hemmschwell fir dat ze maachen, och wa vill Leit eis soen: Majo, dat sinn awer iwwer 40 Hektar. Wat kéint een dann do eng Kéier alles domatter ufänken? Also och am Zesammenhang mat den Diskussionen an eisem PAG, mir si wierklech nach net dobäi a mir fannen déi Hinhaltepolitik déi do um Bockel vun deene Leit do gemaach gëtt, déi nach ëmmer un d'Stolindustrie gleewen, mir fannen déi och wierklech net gutt a mir ënnerstëtzen och d'Regierung an hiren Démarché fir weider ze verhandele mat Arcelor/Mittal, fir hir Meenung weider ze soen iwwert déi ganz Delokalisatiounspolitik déi amgaangen ass. Mir hunn elo gesinn, wou mer déi direkt Schaltung hate mat Coimbra, wou et drëm gaangen ass, dass der Europäescher Kommissioun, an deem Fall an der Persoun vun der Madame Reding, konnte Froe gestallt ginn. Eng vun de Froen déi artikuliert ginn ass, war déi, wéi et dann ausgesäit mat deem Plan européen pour la sidérurgie. Dee soll am Juni 2013 virgestallt ginn. Dat ass fir eis e ganz wichtige Aktionsplang, e ganz wichtige strategesche Plang, ëmsou méi Arcelor/Mittal sech engagéiert huet vis-à-vis vun der Europäescher Kommissioun fir, en attendant dee Plang, keng nei Restrukturatiounsmesure virzehuelen. Ech mengen dat heiten ass wierklech eng konzertéiert Aktioun déi noutwenneg ass. Hei kënnen mir um lokale Plang net alles bewierken. Mir mussen just kucken, dass mer am Detail informéiert bleiwen, dass mer eis rechtzäiteg abränge wa mer kënnen en Input als Gemeng ginn, dass mer dauernd a Kontakt mat der Regierung sinn, wat de Fall ass. Dass mer wëssen, wat lass ass. Dass mer an der Chamber all déi Echangé suivéieren déi och mat den entspreche Kommissiounen sinn, quitte dass ech selwer net Member an der Economieskommissioun sinn, mä mir kréien awer déi Dokumentatiounen, fir dass mer och gesi wéi d'Chamber sech artikuliert an deenen dote Froen. Mir fannen et och gutt, dass d'Lëtzebuerger Regierung en haut comité pour le soutien, le développement et la forma-

tion de l'industrie au Luxembourg op d'Plaz gesat huet, pilotéiert vum Economiesminister Schneider an och vum Minister Frieden. Do kann een ëmmer soen, hei gëtt net genuch gemaach, do gëtt net genuch gefuerdert, dëst geet net wäit genuch, dat geet net weider, mä ech sinn awer der Meenung, dass mir am Moment als Lëtzebuerger Land nach eng Schicksalsgemeinschaft mat Arcelor/Mittal hunn, an dass mer och déi Instrumenter déi eis zur Verfügung sti fir déi Schicksalsgemeinschaft e maximum gewënnbréngend fir d'Economie vun eisem Land oprecht ze erhalen, dass dat awer richtig ass. A mir soen dofir als Schäfferot, dass dat eng gutt Saach ass, dass am Public, well och am grand Public gëtt dat vill diskutiert. Mat der Arbed si vill Famillje grous ginn. Dat heescht, och am Public ass e ganz groussem Interêt wéi et weider geet mat der Stolindustrie an dofir fannen ech et gutt, dass mir och hei d'Geleeënheet kréien am Gemengerot driwwer ze schwätzen an ech sinn iwwerzeugt, dass mer och an der Zukunft nach vill wäerten doriwwer schwätzen. Ech hat agangs gesot, dass de Schäfferot net wëll hei d'Diskussioun monopoliséieren. Mir hunn och zur Kenntnis geholl, dass sech hei Fraktiounen Gedanken gemaach hunn. Ënner anerem den Interpellant deen eis haut eng Motioun eraginn huet. Ënner anerem och d'sozialistesch Fraktioun, als Majoritéitsfraktioun mat deene Gréngen zesummen, déi eis och eng Motioun eraginn hunn. Dat heescht, och an de Parteie ginn déi doten Diskussiounen gefouert. Mir fannen dat dote gutt a wichtig a wollten nach eng Kéier dem Här Bernard Merci soe fir seng Preparatiounen a fir seng Beméiungen. Sinn Demanden do fir d'Wuert zu deem Punkt ze huelen? Den Här Codello."

Daniel Codello (LSAP): „Merci, Madame Buergermeeschter. Ech ka mech kuerz faassen, well Dir sidd op Villes agaangen, esou dass ech eigentlech kéint direkt op de Volet vun der Motioun kommen déi mer als Majoritéitsparteien ausgeschafft hunn. Mir waren eis net am kloeren ob den Interpellant géif eng Motioun presentéieren oder net, hien huet dat Recht dat séance tenante ze maachen, dat ass geschitt. Ech wollt awer nach e puer kuerz Bemierkung maachen. Ech soen natierlech och als LSAP-Fraktioun si mer frou gewiescht wéi den Här Bernard ugekënnegt huet deen heite Punkt op den Ordre du jour ze setzen, well ech mengen, datt den Escher Conseil aus historeschen an och aus aktuelle Grënn an Ursaache sech där heiter Problematik muss unhuelen. An

dat heite soll awer och nëmmen eng éischt Debatt sinn an ech denken, datt mer déi Debatt och ausserhalb vum Conseil mussen féieren an och net nëmmen an institutionelle Gremie wéi Kommissiounen. Ech denke schon, dass dat heiten eng Diskussioun muss sinn déi mer als politesch Responsabel vun der Stad Esch ganz genee mussen suivéieren an och le moment venu ëmmer mussen agéieren a reagéieren an duerfir ass dat heiten, Här Bernard, e gudd Startschoss. Ech si mat Villem d'accord wat Dir an Ärer Interpellatioun gesot hutt. An et ass mer e bëssen esou en, ech hunn un eppes dru geduecht wéi Dir de Rapport Gandois zitéiert hutt. Dat ass mer erëmmkomm, wësst Dir firwat? Well elo all Sonndes Mëttes weise déi Rediffusiounen vun den Heielei vu virun 30 Joer."

Zénon Bernard (KPL): „Do waart Dir nach an der Spillschoul.“

Daniel Codello (LSAP): „Nee, do war ech am 1. Schouljoer, maacht mech elo net méi jonk wéi ... Mä Sonndes Mëttes wann Dir lech do déi Rediffusiounen vun den Heielei-Sendunge vu virun 30 Joer ukuckt, an elo virun 2 Woche war eng Table ronde mat de Fraktiounspresidente vu senger Zäit aus der Chamber an em wat ass et gaangen? Et ass em d'Arbed gaangen. Virun 30 Joer war dat och eng grous Problematik an dat ass ganz interessant do gewiescht well een esou, virun 30 Joer ech mech där Problematik do net gestallt hunn, mä fir ze kucke wéi awer 30 Joer duerno deen dote Sujet alt erëm eng héich Polemik erfiert.

Eppes just Här Bernard, wat mer an Äre Considéatiounen an Explikatiounen gefeelt huet, dat ass dass, an Dir hutt et gesot, Arcelor/Mittal ass e Weltbetrib, mä ech denken datt mir awer hei als Escher Gemeng och mussen deen heite Problem um Niveau vun der Groussregioun ugoen. Zweek Siten déi net wäit vun eis ewech sinn, si jo vun Arcelor/Mittal och betraff. Dat ass op där enger Säit Florange, d'Vallée de la Fensch, Florange, Gonderange, also Gonderange war et, elo ass et Florange. An deen zweeten ass an eiser Partnerstad vu Léck, wat och net grad wäit ewech ass, mä ech denken, dass mer awer och mat eiser Partnerstad Léck mussen eis voll Solidaritéit ausschwätzen. A virun allem awer och mat de Kollegen, mat de responsabele Politiker hei aus der Vallée de la Fensch, well déi grausam getraff gi schon an enger éischter Desindustrialiséierungsphas an de 70er 80er Joeren. Ech mengen, wann Dir an d'Vallée de la Fensch kucke gitt, dat si Communes dortoires. Do ass quasi kee

sozialt, kulturellt Liewen, déi Gemenge si quasi dout an duerch déi Décisioun Florange d'Héichuewen do net méi unze-maachen, ass dat e ganz schreckleche Coup fir déi Region. Mat hiren Implikatiounen och fir eis, well wa mer Grouss-region schwätzen, a mer hu scho méi wéi eng Kéier hei drop higewisen, datt fir eis awer d'grenziwwerschreidend Politik e wichtige Piliere ass, dass mir eis als Esch mam Site Belval awer an där Grouss-region ëmmer méi als wichtige Standuert gesinn, da musse mer awer och alles maachen, datt mer mat deene Kollegen do, net nëmme solidaresch sinn, mä ech denken datt vun haut, haut muss en Opruff hei aus dem Gemengerot goen, datt eis Buergermeeschtesch zesumme mat hire Lëtzebuurger Kollegen déi vun de Sitë concernéiert sinn, dat ass mam Péitenger Buergermeeschter an dat ass och mam Schëfflenger Buergermeeschter, och mam Schëfflenger Buergermeeschter. Dat hei muss wierklech eng konsequent Aktioun erausgoen, datt d'Minister mussen op Lëtzebuurger Säit hei op Esch geruff ginn, zesumme mat den Deputéierten aus dem Südbezirk wéi Dir et gesot hutt, mä awer och mat den Deputéierten hei aus der Lorraine, aus der Lorraine, an do zesummen eng Strategie ze entwéckelen, wéi industriell Zukunft huet eis Region nach? An ech mengen, dass mer nëmme kënnen zesumme mat deenen anere Partner do diskutéieren an och e Konzept ausschaffen, wat wëlle mir fir eis Region um industrielle Plang? Wat wëlle mer um industriellen Niveau? Ech mengen, do musse mer un engem gemeinsame Strang zéien, wéi d'Regierungen dat och maachen. Dir hutt viru kuerzem gesinn, datt déi 3 Minister, de lëtzebuergeschen Economiesminister, de Ministère pour le redressement productif a Frankräich an de belschen..."

Zénon Bernard (KPL): „An den Här Mittal hat keng Manéieren.“

Daniel Codello (LSAP): „Ech wëll lech awer just soen, datt vu politescher Säit um Regierungsniveau awer och un engem Strang gezu gëtt, da kommt mir maachen dat doten och um Gemengeplang. A wann haut aus deem heite Gemengerot deen Opruff soll goen, datt eis Buergermeeschtesch soll den Initiateur si vun esou enger Sitzung, ech mengen da geet e wichtegt Zeechen hei eraus.“

Mir hunn an eiser Motioun, Här Bernard, hutt Dir gesinn, stelle mer eng ganz Partie Froen. Eng ganz Partie Froen déi de Site, also de Site vu Schëffleng an de Site

vu Belval betreffen, dat geet méi elo op eis spezifesch Escher Situatioun an. Mir hätte gärden déi Froen do vun der Regierung a vun Arcelor/Mittal beäntwert. Dir sidd an Ärer Motioun drop agaangen, datt eis Buergermeeschtesch déi an der Chamber eis och vertritt, do soll och hire Rôle iwwerhuelen. Ech ka mer virstellen, datt déi eng oder aner Fro déi mer hei an där Motioun stellen, wa mer déi Motioun hei ofstëmmen, datt dat iwwert eng Question parlementaire schonn och en éischte Suivi kann hunn, wou dann déi zoustänneg Ministeren, de Wirtschafts- an den Aarbechtsminister kënnen och aus den Tripartites sidérurgies, wou virun 3 oder 4 Méint déi lescht Sitzung war, kënnen déi noutwenneg Äntwerte ginn.

Ech denken, datt mer eis an deenen zwou Motioune wéi se hei leien, erëmfannen. Ech denken, dat eenzegt wat mer misste vläicht eng Kéier iwwerfraktionell diskutéieren, dat wier d'Geschicht vun der Taxe. Ech weess elo net ob mer haut kënnen iwwert d'Taxe eis eens ginn iwwerfraktionell, mä ech wëllt awer e wichtegt Zeechen, an dat ass dass awer hei aus dem Gemengerot Unanimitéit an där doter Fro erausgeet, well nëmme wa mer hei unanime elo zu där doter Problematik eis ausschätzen, geet och e wichtegt positivt Signal eraus. Duerfir denken ech, Här Bernard, wann Dir drop bestitt datt Är Motioun soll ofgestëmmt ginn, also d'Majoritéitspartei bestinn natierlech och op de Vote vun hirer Motioun, ech denken, dass mer eis awer am Grondsaz an an de Grondideeën an an de Grondsuergeren erëmfannen. Ech mengen, all déi Froen déi mir opwerfen an eiser Motioun, dat sinn der déi Dir an Ärer Interpellatioun och opgeworf hutt, an dass mer vläicht d'Fro vun der Taxe géingen ausklameren, an dass mer eng Commission jointe Stadentwécklung/Finanzen zu deem Punkt géingen organiséieren an dann do en Avis dem Schäfferot doriwwer géinge ginn an dat da le moment venu vläicht nach eng Kéier an enger nächster Gemengerotssitzung bréngen. Mä da kéinte mer awer zwou Motiounen unanime stëmmen an dat wier e wichtegt positivt Zeeche fir déi Leit wou mer awer am Hannerkapp hunn. An d'Buergermeeschtesch huet et gesot, do hänke Familljen drun an ech denken, mir als Politiker mussen awer hei d'Solidaritéit unanime ausdrécken. Wann dat e Kompromëss ass, Här Bernard, dat géing ech vun Ärer Säit ganz respektabel fannen.“

Buergermeeschter Lydia Mutsch (LSAP): „Sinn nach weider Wuertmeldungen do iert mer den Interpellant ...“

Zénon Bernard (KPL): „Kann ech kuerz drop äntweren?“

Buergermeeschter Lydia Mutsch (LSAP): „Ah, Dir wëllt direkt doropper äntweren. Wëllt Dir vläicht nach déi aner ofwaarden, Här Bernard?“

Zénon Bernard (KPL): „Jo, dat ass besser.“

Buergermeeschter Lydia Mutsch (LSAP): „Den Här Baum hat sech gemellt an och den Här Zwally.“

Marc Baum (DÉI LÉNK): „Jo, Merci, Madame Buergermeeschter, och Merci dem Här Bernard fir dës Interpellatioun mat enger Motioun. Ech wëllt vläicht e puer Gedanken äusseren, eng ganz Rëtsch Saache si scho gesot ginn. Ech wëllt vläicht nach e puer Gedanke bäiflécken an do usetze wou och den Här Codello ugesat huet, nämlech datt et eng Fro ass déi um Niveau vun der Grouss-region ze beäntweren ass. Déi Siten, déi am Moment betraff sinn, dat ass Florange a virdu scho Gonderange, Léck, Schëffleng a Rodange. An déi Territoiren déi betraff sinn an déi Leit déi dovunner betraff sinn, liewen, hunn eng gemeinsam Geschichte an och eng gemeinsam Traditioun mat der Sidérurgie a bilden och, mengen ech, eppes Homogenes.“

Dat, wat Mittal mécht, a firwat mer elo och déi Situatioun hu vun de Schléissungen, an do sinn ech net ganz mat averstane mat dem Gesotenen, datt et just eng Fro, net just, dat hutt Dir och net gesot, mä datt d'Baisse vun der Demande een entscheidende Faktor ass. Ech mengen een entscheidende Faktor ass, datt Mittal eng Politik bedreift déi bewusst Sitën aus sengem eegene Konzern géinteneen ausspilt an datt dat ee vun den Hauptpunkten ass, firwat Sitë wou d'Gewerkschafte gewisen hunn, datt se alleguere fir sech rentabel kéinte sinn, wou Etudë gemaach gi sinn, déi dat ganz kloer beleeeën, firwat se awer zou gemaach ginn a firwat et just eng Geschichte vu Financiarisatioun vun deem Betrib ass, dee sech ewech beweegt vum Industriekapitalismus hin zu engem reng finanzkapitalisteschem operéierenden. An dat wou den Här Codello och Recht huet an ugeschwat huet, et gëtt d'Verantwortung vun der öffentlecher Hand an deenen dräi Länner déi och zum Deel Bewosstsinn duerfir entwéckelt hunn. Den Här Codello huet och gesot, datt d'Ministeren zesumme komm sinn, datt d'Parlamentspresidenten zesumme komm sinn, eng gemeinsam Resolutioun votéiert hunn, déi alleguer an eng Richtung ginn,

nämlech datt ee verstärkt zesumme schaffe muss, also de Gedanke vun der Kooperatioun deem entgéint stellt wat Mittal am Moment mécht, nämlech déi blann Konkurrenz, ee géint deen aneren. An do ass effektiv politesche Volontarismus gefuerdert, fir deem entgéint ze wirken, deem blanne Konkurrenzdenken a méi kooperativ ze schaffen.

An et geet och drëm e Kräfteverhältnis hierzestellen. E Kräfteverhältnis, wou déi belsch an déi franséisch Regierung zumindest an hiren Aussoen oppe Méiglecheet gelooss hu vun enger öffentlecher Interventioun déi dann doropshin kéint zu engem kooperativen Handeln an der Groussregioun féieren. Ech hu meng Bedenken oder bedauern datt esou Aussoe vum Lëtzebuurger Wirtschaftsminister an där Kloerheet op jidde Fall nach net komm sinn. Well et gi Beispiller wou en öffentlechen Afloss dee ganz staark ass an enger privater Gesellschaft, wou iwwerens Mittal och mat bedeelegt ass zu 30%, nämlech Saarstahl, awer ebe just zu 30%. A Saarstahl huet déiselwecht konjunkturell Problemer wéi déi ganz Sidérurgie, just et ass d'öffentlech Hand déi den Afloss drop huet firwat et esou ass, datt d'Saarstahl am Moment keng Leit entléisst, datt Saarstahl hir Beneficer déi se an de Joere virdu gemaach hunn, op d'Säit geluecht huet a fir esou kënne kuerzfristeg konjunkturell Defiziter wéi se am Moment bestinn auszegläichen. An ech mengen datt dat eng wichteg Richtung ass an déi ee misst goen a fir déi d'ailleurs och d'Gewerkschaften plädéieren.

Ech hunn et virdu gesot, wann een dann op déi zwee Sitë konkret ageet hei zu Esch, also Schëffleng a Belval, denken ech datt een zu Schëffleng zwou Saache soe muss. Dat eent ass, et ass eben net nëmmen d'Baisse vun der Demande, well déi Demande ass och Resultat vu politesche Prozesser vun enger Austeritéitspolitik a ganz Europa wou öffentlech Ausgaben zréckgeschrauft ginn, déi natierlech dann och Repercussiounen hunn op d'real Economie. Dat soen net ech, dat hunn ech elo wéini geliest, datt de Michel Wurth dat als een Argument ginn huet firwat de Chiffres d'affaires erofgaangen ass. Dat heescht eng feelend öffentlech Ausgabepolitik. An da gëtt et déi ëmmer erëm gär zitëiert Etude Laplace, déi zesumme vu Mittal mat der Regierung a mat de Gewerkschaften an Optrag ginn ass an aus där ganz kloer erausgeet, datt mat ganz klengen Investitiounen an Héicht vu 6-7 Mio €, Schëffleng kéint fonctionnéieren. Fonctionnéieren am Sënn datt Schëffleng erëm ka Gewënner ofwerfen a wann een dat bedenkt a

bedenkt wat dat fir déi ganz Minettegioun vun Aarbechtsplazen a vun industrieller Aktivitéit bedeit, mengen ech, datt dat eppes ass wou d'Regierung awer och d'Zivilgesellschaft, d'Gewerkschaften an och d'Gemengeréit mussen Drock maachen, datt déi Investissemter kënne stattfannen.

An dann en zweete Punkt wat Esch/Belval, wat den Här Bernard kuerz virdrun ugeschwat huet, betrëfft. Esch/Belval huet de Virdeel, datt e bis viru kuerzem nach no engem onheemlech erfollegräiche Prinzip fonctionnéiert huet an och weider fonctionnéiere kéint a vun deem Esch och direkt a senger egener Entwécklung profitéiere kéint. Dat ass den Zyklus Recherche, Innovatioun a Produktioun an duerfir ginn do och Produiten hirgestallt, weider hirgestallt déi e ganz héije Mehrwert hunn.

Dëst gesot, Madame Buergermeeschter, ënnerstëtzen ech dem Här Codello säin Ënnersträiche vun der Wichtigkeet datt et eng Fro ass déi d'Groussregioun betrëfft an datt een och iwwert deen Niveau muss nodenke wann ee wierklech wëll eng kooperativ, iwwerregional Industriepolitik maachen. Ech mengen awer och, datt déi zwou Motioune sech net ausschléissen. Et ass net u mir fir Proposen ze maache wéi een dat mat der Taxe kéint esou formuléieren, datt et eventuell deenen zwee Interpellante géif gefalen, mä ech mengen, datt do awer eppes méiglech wier. Dat eenzegt wat ech géif den Här Bernard froen, dat ass am véierten Tiret: 'invite le collègue échevinal', ënnerstëtzen ech, 'de créer un comité de suivi de l'évolution industrielle composé de représentants des partis politiques, de représentants des syndicats et de l'association', de Geschäftsverband. Nee, ech mengen, datt et méi wichteg wier, datt ee vläicht d'Idee vum Geschäftsverband méi allgemeng géif formuléieren a géif soen, Société civile. Grad wann een en vue dovunner ass wat den Här Codello gesot huet, datt et méi eppes Grousses ass wéi just Esch. Duerfir wier dat meng Propos datt een ACAIE géif duerch Société civile ersetzen. Soss, mengen ech, datt vun eiser Säit aus déi zwou Motioune allen zwee esou unhuelbar sinn. Merci."

Buergermeeschter Lydia Mutsch (LSAP): „Den Interpellant, ah nee, entschëllegt. Den Här Zwally.“

André Zwally (CSV): „Merci, Madame Buergermeeschter. Ech mengen, dass mer och hei wollte félicitéieren, dass dat heiten op den Ordre du jour komm ass. Ech sinn der Meenung, dass et awer an

där Form, esou wéi mer elo hei diskutéieren, ze spéit komm ass. Wéi d'Diskussiounen ugaange sinn, haaptsächlech schonn deene verschiddene Komponente wat deen neie Lux ubelaangt, de Lux 2016, hätt mer dat dote kënne méi intensiv maachen. An da mengen ech och, dass déi Pabeieren déi dann nach aktuell waren, an do wou mir dann hätt kënne mol Afloss huelen an datt déi nach méi waarm gewiescht sinn an der Ëmsetzung, an dass een do hätt kënne wierklech en Avis ginn als Escher, respektiv och als regional Ausrichtung wéi déi déi mer elo haut kënne maachen.

Ech wollt awer hei soen, dass als een deen elo 40 Joer laang an der Stolindustrie geschafft huet, viles vun deem wat och de Lux 2016 a respektiv och déi strategesch Ausleeung vun der neier Firma wat virdrun Arbed war, herno Arbed/Arcelor ginn ass an herno Arcelor/Mittal, dass do net vill Neies dra komm ass. Et muss ee wëssen, dass bei esou Fusiounen, grouse Fusiounen déi komm sinn, ëmmer erëm Friemkapital mat dra war, an dass och op deen ëmmer erëm verschidde Produktiounsanlage zesumme geluecht gi sinn. Well wann een dat doten ausriicht a sech eng Strategie zurecht leet, sief dat um Niveau vun der Arbed, sief dat um Niveau vun Arcelor, Arbed Arcelor/Mittal, wat deemools och Usinor war, wou awer haaptsächlech am Flaachprodukt bekannt war a bal iwwer 90% vun hire Produkter doranner haten, dass do an deenen Iwwerleeungen, strategesch neien Iwwerleeungen och do Verhandlung gefouert gi si wou Siten hu missten zougemaach ginn a wou och gläichfalls anerer hu missten nei gebaut ginn, fir dat elo mol lokal an engem europäesche Kontext kënnen ze gesinn.

Ech wollt och soen, dass deen neie Patron deen et jo gëtt, Arcelor/Mittal, jo awer weltwäit dee gréisste Produzent ginn. Wat bedeit dat? Ech mengen, wann een d'Zuele kuckt an et kuckt een dat mol wierklech méi no, da gesäit een dass eigentlech Arcelor/Mittal mat 280.000 Ugestallter weltwäit a 60 Länner aktiv ass, domatter verbonne wat d'Stolindustrie eleng ubelaangt, nëmme 6% vum Weltmarché bedeit. Dat heescht, Arcelor/Mittal als dee gréisste Produzent wat de Stalmarché ubelaangt, nëmme 6% vum Stalmaart. Also och do wollt ech dat awer mol eng Kéier soe fir ze wëssen, a wat fir enger Diskussioun dass mer eis hei beweege wa mer deelweis Wirtschaftspolitik wëlle gestallten an och Fuerderunge wëlle maachen.

Ech mengen hei am Land, an dat wëll ech awer och ganz kloer soen, hu mir eng Gegebenheet, déi mer säit jeeher

ëmmer hunn, dat ass déi Affaire vum zesumme schaffen, zesummen diskutieren an och versichen zesummen, gemeinsam Léisungen ze fannen. Do ass de Modell vun der Tripartite entstanen. Deen ass entstan well an deenen einzelnen Dialogen, zu deenen eenzelne Chamberen déi Responsabilitäten haten, Leit waren déi dat als wichteg empfongt hunn a mir als klengt Land hunn natierlech an eiser Ausrichtung aner Iwwerleeungen ze maache wéi d'Fransousen, wéi dat an der Belsch de Fall ass oder wéi dat an Däitschland de Fall ass. Dat Instrument wat mer eis ginn hunn, huet sozial fonctionnéiert. E war domatter verbonnen, dass mer ëmmer erëm Plans industriels gefrot hunn, déi d'Ausrichtungen am ganze gesot hunn. Domatter verbonne sinn dann och d'Modernisatiounen. D'Modernisatiounen, zesumme mat neie Planifikatiounen an Ofbau vu Leit, wat selbstverständlech ëmmer bedauerlech ass, huet awer och doranner bestanen, dat muss een och soen, dass d'Produktion eigentlech net an den Tonnage esou extrem erofgaangen ass. Dat ass leider mol déi Komponent déi een erëmfënnt, dass am Laf vun 30 Joer, mir sätzen och haut do mam Computer do ze spille par rapport zu deenen déi fréier iergendwou geschafft hunn, hu se iergendwou op enger Schreifmaschinn nach mat ville Bleue sech missten erëmploen. Also och do muss ee bedenken, dass en industrielle Wee zu der ganzer Ausrichtung och do nei Momenter komm sinn, an dass och op deem Wee huet missten Adaptatiounen gemaach ginn. Also d'Produktion als Ganzes ass u sech nach net esou drastesch erofgefall par rapport zu deem wat den Ofbau vun de Leit ubelaangt.

Mir hunn am ganzen, wat d'Instrument vun der Tripartite ubelaangt, jo awer verschidde Scenarien opgeléicht wou mer eis gesot hunn, wa mer öffentlech Gelder wëllen do investieren, dann hätte mer awer och gären, dass Resultater erauskommen. Domatter verbonnen ass deen Deel CDR deen Dir alleguete kennt, wat u sech awer och erëm en Instrument ass deen eigentlech an deene leschte Joeren ausgewielt gi war fir de Maintien dans l'emploi ze maachen. Also et si jo och do aner Iwwerleeunge wat den CDR ubelaangt, déi u sech hu misste geholl gi fir d'Leit an hirer Aarbecht ze halen a Gott säi Dank, ech mengen alleguerten déi Leit déi kënne vun deem dote profitieren, sinn zefridde mat där Affaire Tripartite, sinn zefridde mat den Aushandlungen tëschent deenen 3 Partner wat déi sozial Ofsécherung ubelaangt a sinn och der Meenung, dass nach wie vor nach

ëmmer Handlungsbedarf ass. Ech sinn u sech mat engem Volet d'accord, deen och hei diskutiert gëtt. Dat hu mer selwer mat erlieft, Madame Buergermeeschter, Dir hutt dat och selwer mat erlieft wéi mer um Belval 2007 de Centenaire gefeiert hunn, nodeem mir dann esou gentil waren, an dat an eiser Tradition och ass, well mer un deem Ganzen hänken, e Kado iwwerrecht ginn ass, net méi spéit wéi eng Woch duerno ass Mittel komm an huet deklaréiert, dass se wëlle Siten zou maachen oder op d'mannst wëllen amotte fir eng onbestimmten Zäit. Ech mengen, dat ënnerstricht eigentlech déi Politik déi mir net wëllen. Déi Lëtzebuerg net wëll, déi d'Regierung net wëll, déi d'Gewerkschaften net wëllen an déi d'Leit op kee Fall wëllen. Mir sinn der Meenung, dass wann een esou Engagementer huet, an dat ass senger Zäit beim Accord och ënnerstrach ginn, dass wa regional Identitéiten do sinn, wa regional Gegebenheeten do sinn innerhalb vun Europa oder och Landesinitiative sollen do sinn, da sollen déi respektéiert ginn a berücksichtegt ginn. Allerdéngs ass de Versteesdemech zu där doter Approche beim Här Mittel an och bei deenen déi ganz oft d'Führung hunn, eng aner. Elo kann ee soen, jo, dat ass nun eben emol esou wann ee weltwäit agéiert, mä mir hunn op jidde Fall mat der Ausrichtung, esou wéi dat elo am Moment geschitt, e Problem.

Zousätzlech, Madame Buergermeeschter, wollt ech awer och soen, dass mer jo awer hei an der Logik vun der Tripartite mat deene Garantien déi mer gären hätten, et net ka sinn, dass do nach e Kollektivvertrag einfach esou suppriméiert gëtt oder gekënnegt gëtt. Mir hunn zwar eng Gesetzgebung déi dat doten erlaabt, sinn awer der Meenung dass dat awer e schwierigen, e ganz schwierigen Deel ass vun esou enger Garantie, an dass et wichteg fir eis ass, dass mer an eisen Iwwerleeungen déi mir säit jeeher maachen, déi sozialpolitesch Iwwerleeunge fir dem Mënsch ze hëlfe andeem wat hie kann als Zukunft garantéiert kréien, dass déi muss bleiwen.

Elo hu mer deen Deel Engagement Regierung an och dat wat elo vun Initiative geholl gi sinn um Niveau vun Europa. Um Niveau vun Europa muss een erkennen, dass et do och e Grupp gëtt deen Eurofair heescht, an dass een och muss wëssen, dass et an der Kommission selwer Leit ginn déi och Sidérurgie mat ënnerstëtzen, respektiv och musse kucken, dass dat virun evoluéiert. Ma hei ass dat dote gemaach ginn. Et ass eng Initiative geholl gi vum franséische Minister, zesummen och mam belsche respek-

tiv mam lëtzebuergeschen. Ech sinn der Meenung, dass déi Initiative gutt ass. Et muss een awer och erkennen, dass wann een higeet, och bei de Fransousen, ech kommen elo op deen Deel Florange zréck, an et mécht een do eng Initiative, an et gëtt een eng Proposition eraus andeem ee seet, aus techneschen, oder wéi och ëmmer, aus zukunftstechneschen Iwwerleeungen, andeem ee seet, majo wann Dir an deenen nächste 60 Deeg en neie Propriétaire fannt dee bereet ass een Deel vun enger Anlag ze iwwerhuelen, deen déi iwwerhëlt, also entschëllegt, dat sinn awer Saachen déi sinn an engem Plan industriel, esou wéi mir se kennen, einfach net drobar. An esou enger Solution ass dat nëmme eng Deelléisung. Ma wa keng Strategie derhannert hânt, a mir kënne dat als Stad och net. Et muss een och iwwerleeën, et kann een dat net esou maachen, och net esou soen.

Dann hutt Dir hei gesot, dass et gutt wier wa mer eis regional, iwwerregional géifen domatter befaassen. Ech wëll drop opmierksam maachen, dass mer am Land selwer schonn eenzel Institutiounen hunn, notament deen Deel vun der Tripartite, wou vereenzelt Comitéen dra sinn déi dat dote wierklech à la source kënne suivieren. Also dat sinn effektiv och déi, an ech géif bieden, dass wa mer dat heiten elo nëmme just maache fir an d'Fenster ze stellen a keng Struktur dohannert stellen, déi och wierklech fonctionnéieren an deem wat mer da wëlle maachen an och d'Zilsetzungen déiselwech sinn, da mussen et Zilsetzung sinn, mat deenen déi Leit eigentlech an der iwwergeuerdeter Struktur hir Décisiounen parlamentaresch mussen huelen, nëmme als Avis kënne gëllen an da wiere mir och bereet dat doten an deem Sënn mat ze ënnerstëtzen. Wéi gesot, et dierf keng Contrainte gi par rapport zu deem wat mir hei an eise parlamentaresche Kommissiounen, respektiv a Regierungskommissiounen festgeluecht hunn zu der Diskussioun wat de Lux 2016 a wat och déi Moosnamen ubelaangt.

Ech mengen dat wollt ech u sech als dat soen. An dann, ech maache mer elo bestëmmt keng Frënn domatter, mä wa mer awer de Gedanke féiere vun der Solidaritéit, ech mengen awer dass mer awer um Niveau vun de Gewerkschaften hei zu Lëtzebuerg Solidaritéit brauchen. Mir sinn awer gutt an der Diskussioun a mir sinn och gutt an deem wat mer fuerderen, mä wa mer natierlech politesch dat dote fuerderen, da kann ech domatter d'accord sinn, dass mer dat kënne maache mat deenen Avisen. Awer ech géif awer och hei e waarmen Appel maachen,

well d'Problematik déi selwecht ass an net eng aner, dass och do misst gekuckt ginn op d'mannst wat déi eenzel Avisen ubelaangt zu deenen eenzelne Kommissionen, dass déi och sollen op de Wee goe vun enger fonctionnéierender Asbl, déi ass et ginn, Sidérurgie Asbl ass et ginn, wéi verschidde Leit do waren déi gäre bereet ware fir een deem aneren nozelauschteren, fir Léisunge virzeschloen. An dofir mäin Appel och nach eng Kéier. Et geet net duer, dass mir hei politesch Messagen, mä et misst awer och esou sinn, dass gewerkschaftsméisseg hei am Land ee misst op de Wee goe fir dat kënne ze maachen.

Jo, wat d'Motiounen als solches ubelaangt. Déi zwou sinn, ech géif déi vun der LSAP, LSAP Motioun déi wou elo do ass, an déi Gréng, et steet elo net um Ziedel, dofir wollt ech dat awer nach eng Kéier bemierken – ass vergiess ginn, ok – éischer ennerstëtze wéi elo déi vun dem Här Bernard. Och wann eenzel Dealer dra sinn déi richteg sinn, déi konkordéieren och mat deem wat Dir als LSAP/Déi Gréng hei an d'Motioun eraginn, esou dass ech der Meenung, dass mir op jidde Fall déi vun der sozialistescher/Déi Gréng kënne mat ennerstëtzen a wann dann och nach Dealer sollten dra si vun dem Kolleg Zénon Bernard, da wäerte mer dat selbstverständlech och esou mat ennerstëtzen.

An deem Sënn soen ech lech Merci."

Buergermeeschter Lydia Mutsch (LSAP): „Merci, Här Zwally. Den Här Knaff wann ech gelift.“

Pierre-Marc Knaff (DP): „Jo, Madame Buergermeeschter, just ee Wuert. Et ass elo scho vill gesot ginn, ech wollt just soen, datt mir och inquiet sinn iwwert d'Evolution déi Mittel hei zu Lëtzebuerg awer och am noen Ausland ageschloen huet. Den Här Codello huet scho méi laang doropper geäntwert, den Här Zwally och, ech wëll elo net erëm dat selwecht paraphraséieren, just fir ze soen, datt bei de Motioune mer wäerten d'Motioun vun der Majoritéit ennerstëtze well se méi komplett ass. Well se méi och op dat mënschlecht Leed wat mat där ganzer Saach zesammenhängt, well se méi doropper ageet a well déi Geschicht an där anerer Motioun, déi Geschicht mat deenen Taxen. Ech mengen net, datt dat d'Solutioun ass wéi een hei dozou ka kommen, datt weider Industrie zu Lëtzebuerg ass. Ech mengen net datt dat de Wee ass an deene Betriber erëm iergendwou do nach mat Taxe belaachten. Ech mengen net, datt dat dee richteg Wee ass. Dofir géif ech d'Motioun vun der

LSAP an deene Gréng stëmmen. Ech weess net wie se nach ennerstëtzt an déi vun der KP géif ech net stëmmen.“

Buergermeeschter Lydia Mutsch (LSAP): „Merci, Här Knaff. Ech mengen et si soss keng Wuertmeldung méi do. Ajo, nach, jo jo.“

Pierre-Marc Knaff (DP): „Ech mengen, wann Dir mer nach eng Kéier d'Wuert gitt, do steet an där Motioun *soucieux de la*, an iergendengem Tret, *soucieux de la suppression d'une cinquantaine d'emplois*, dat ass net franséisch, dat ass net dat wat Dir wëllt soen. Dir wëllt soe wann Dir *soucieux de la suppression*, dann ass et wéi wann Dir da particulièrement lech géif nach Méi gi fir se ze suppriméieren.“

Daniel Codello (LSAP): „Gitt eis e beseren...“

Pierre-Marc Knaff (DP): „Jo, ech hu kee bessert elo direkt. Jo, inquiète vläicht am plaz suppression.“

Buergermeeschter Lydia Mutsch (LSAP): „Gutt, majo dann huet den Interpellant d'Wuert.“

Zénon Bernard (KPL): „Merci. Ech hu mat ganz vill Opmierksamkeit deene Stellungnamen nogelauschert. Ech schécke viraus, dat wat mech freet dat ass, dass d'Madame Buergermeeschter och d'Drénglechkeet an och d'Noutwenegkeet vun där Diskussioun hei am Gemengerot ennerstrach huet. Dat wat mech freet, dat ass, dass eigentlech ausser e puer Detailer an ausser dem Här Knaff, deen natierlech a sengem Rôle ass am Numm vun der DP, keng wesentlich politesch ekonomesch a sozial Widerstänn géint d'Motioun do sinn déi ech hei am Numm vu menger Partei virgedroen hunn.

Ech menge just dat hei. Ech faasse mech och kuerz. Ech hat d'Ae genuch kuerz vir d'wou ech alles erkläert hunn. Ech soen dat hei awer ganz däitlech. Den Här Mittel huet eis vun Ufank u bedrunn a belunn a mir stinn elo virum Schierbelokoup deen hie provoziert huet. Ech hu mam Här Mittel näischt gemeinsam. A wann ech vum Klassestandpunkt dat aus soen, dann ass dat ganz klip a kloer.

Zweetens, ech menge mir sollen, ech versti wann Dir schwätzt vun iwwerregionaler Solidaritéit an ech sinn och ganz d'accord domat. Ech ennerstëtzen all solidaresch Aktioun déi d'Aarbechter an d'Aarbechterinne vu Florange, Léck an esou viru brauchen. Ech sinn awer der Meenung, mir sollen elo mol hei eis Lek-

tioun maachen. An dat maache wat mir als Gemengerot vun Esch maache kënne um Territoire vun eiser Stad wou mer d'Responsabilitéit hunn, besonnesch da wa 95% vun deem Wierk um Territoire vun der Stad Esch leien. Ech betounen awer, d'Solidaritéit vun der kommunistescher Partei a vu mir ass natierlech och fir d'Aarbechter déi Säit der Grenz. Florange ass e regelrechte Skandal. Belunn a bedru gi se a se si souguer belunn a bedru gi vum Här Valls, dee stellvertriedende, dee stellvertriedend fir d'Regierung do war an deen den – entschëllegt, den Här Montebourg, entschëllegt ech hu mech verschwat – dee stellvertriedend fir d'Regierung do de Leit Illusioune gemaach huet, obwuel hie keng Garantien hat.

Zweetens, sinn ech der Meenung, ech ennerstëtzen déi Proposition vum Här Baum, am plaz ACAIE ze soen, Société civile ze soen. Ech mengen hien huet Recht, am Fong geholl, dat gëtt der Saach méi e breede Charakter. Soss halen ech déi Motioun tel quel oprecht an ech hätt gär, dass de Gemengerot en âme et conscience doriwuer ofstëmmt.

Ech soen nach e Wuert iwwert d'Motioun vun der sozialistescher grénger Majoritéit. Déi Motioun ass mir ganz sympathesch. Wann ech awer dat konkret a menger Motioun nach berücksichtegen, da sinn ech der Meenung, dass soll eng Diskussioun hei an de Gemengerot kommen iwwert d'Taxatioun vun esou Industrieterrainen an nächster Zukunft. Well do këne mer, mengen ech, e Konsens fannen. Ech sinn och d'accord, den Här Codello huet gemengt, dat soll ee fir d'éischt an d'Kommissioun bréngen. Selbstverständlech, firwat net, an dann eng Diskussioun heiriwwer féieren, well da këne mer konkret Aktiounen geschlossen hei beschléissen. An ech halen och duerfir meng Motioun oprecht, stëmmen net géint déi vun der LSAP/Déi Gréng. Ech wäert déi och ennerstëtzen, mä fir d'éischt halen ech mer op dass déi déi ech deponéiert hunn, ofgestëmmt gëtt.“

Buergermeeschter Lydia Mutsch (LSAP): „Merci, Här Bernard. Majo da kéime mer an där doter Logik fir d'éischt zur Ofstëmmung vun Ärer Motioun an dann zu der Ofstëmmung vun der Majoritéitsmotioun.“

Conseillers présents:

M. Marc Baum – M. Zénon Bernard – M. Daniel Codello – Mme Annette Hildgen – M. Henri Hinterscheid – M. Théid Johanns – M. Pierre-Marc Knaff – M. Martin Kox – M. Frunnes Maroldt – Mme Lydia Mutsch – Mme Vera

8. «Évolution de la sidérurgie et son impact sur la Ville d'Esch-sur-Alzette»

Spautz – M. Jean Tonnar – M. André Zwally

Le Conseil Communal approuve par 3 voix oui, 1 voix non et 8 abstentions la motion du KPL.

Ont voté oui, les conseillers Baum, Bernard et Johanns. Le conseiller Knaff a voté non. Se sont abstenus Mme le bourgmestre Mutsch, les échevins Hinterscheid, Spautz et Tonnar ainsi que les conseillers Codello, Kox, Maroldt et Zwally.

Le texte de la motion:

Le Conseil communal de la Ville d'Esch-sur-Alzette,

- Considérant que la mainmise de Mittal sur Arcelor a été le résultat d'une OPA hostile, financée par les banques en vue de s'emparer des liquidités et réserves importantes d'Arcelor;
 - Considérant que toute l'opération avait donc un caractère essentiellement spéculatif, manquant de stratégie industrielle;
 - Considérant que par conséquent la nouvelle société a été plombée dès le début par des dettes importantes;
 - Considérant que par la suite aucun investissement stratégique n'a été effectué, le train moyen de Belval datant encore de l'époque d'Arcelor;
 - Considérant qu'au contraire Mittal a vendu Paul Wurth SA, le fleuron de la recherche industrielle dans le domaine de la sidérurgie, d'où étaient issues maintes technologies innovantes;
 - Considérant que la fermeture de l'usine de Schifflange constitue un préjudice important pour la ville d'Esch-sur-Alzette;
- invite le Collège des Bourgmestre et Echevins
- À faire appel à sa représentante à la Chambre des Députés ainsi qu'à tous les députés de la circonscription du Sud de prendre sur le plan national une attitude ferme contre toute politique de désindustrialisation et de financiarisation de l'économie luxembourgeoise;
 - D'introduire une taxe calquée sur celle frappant les maisons vides et les terrains à bâtir non utilisés et s'appliquant sur les terrains industriels, sur lesquels les activités ont été arrêtées;
 - De soutenir toute initiative allant dans la direction d'investissements dans le secteur productif;
 - De créer un comité de suivi de l'évolution industrielle composé de représentants des partis politiques, des représentants des syndicats et des sociétés civiles;

- De stimuler une collaboration étroite et solidaire entre les communes du Sud afin de garantir une opposition forte à tout démantèlement de notre industrie créant des plus-values.

Conseillers présents:

M. Marc Baum – M. Zénon Bernard – M. Daniel Codello – M. Mike Hansen – Mme Annette Hildgen – M. Henri Hinterscheid – M. Théid Johanns – M. Pierre-Marc Knaff – M. Martin Kox – M. Frunnes Maroldt – Mme Lydia Mutsch – Mme Vera Spautz – M. Jean Tonnar – M. André Zwally

Le Conseil Communal approuve à l'unanimité la motion de la majorité.

Texte de la motion:

- Le Conseil communal de la Ville d'Esch-sur-Alzette,
- manifestant sa solidarité et son soutien à tous les travailleurs et à leurs familles, au Luxembourg et à l'étranger et comprenant leur angoisse;
 - tenant compte des efforts des travailleurs et des syndicats en acceptant le gel des salaires et la "flexibilité";
 - rappelant le non-respect des accords conclus d'Arcelor-Mittal dans le passé, quant au respect des accords conclus avec ses partenaires;
 - constatant la situation difficile sur le marché de l'acier;
 - considérant les investissements d'Arcelor-Mittal à hauteur de 150 millions d'Euros annoncés dans le cadre du plan Lux2016;
 - saluant la création du «Haut Comité pour le soutien, le développement et la promotion de l'Industrie au Luxembourg»;
 - s'inquiétant de la prospection de 1.100 personnes en Cellule de Reclassement à terme au Luxembourg et des effets de la baisse de la production d'ArcelorMittal sur ses fournisseurs et sous-traitants;
 - déplorant la baisse continue de l'effectif sur le site de Schifflange, ramené à 16 personnes pour début 2014;
 - déplorant fortement la suppression d'une cinquantaine d'emplois sur le site de Belval prévue pour la période 2012 – 2014;
 - tenant compte des activités de R&D menées par ArcelorMittal incluant le développement de nouvelles palanches et procédés de fabrication;
 - saluant les investissements à hauteur de 200 millions annoncés pour la modernisation du site de Belval;
 - critiquant de manière ferme la fermeture de sites européens (surtout les sites de Florange et de Liège) et de la volonté d'ArcelorMittal d'acquiescer

d'avantage de sites sur des marchés émergents;

demande au Collège des Bourgmestre et Echevins d'intervenir auprès du Gouvernement et d'Arcelor-Mittal afin de clarifier les questions suivantes:

- Quel est l'avenir de la société au Luxembourg et plus spécifiquement à Esch?
 - Quelle stratégie le Gouvernement poursuit-il pour revaloriser l'industrie au Grand-Duché, notamment dans la région Sud?
 - Quelles actions concrètes sont envisagées dans le cadre de la création du «Haut Comité pour le soutien, le développement et la promotion de l'Industrie au Luxembourg»?
 - Quel sera l'avenir du site de Schifflange, situé majoritairement sur le territoire de la Ville d'Esch ? (Les 16 postes auxquels l'effectif sera ramené en 2014, ne servent-ils pas en réalité à décaler la fermeture définitive pour éviter les frais de remise en état du site obligatoire après la cessation d'activité.)
 - Quelles précautions le gouvernement entend il prendre pour s'assurer que les frais d'assainissement définitive ne seront pas à charge de la collectivité et sous quelle forme le gouvernement entend il organiser le transfert des terrains à la collectivité nationale?
 - Comment le terrain pourra-t-il le cas échéant être réaffecté en collaboration directe avec la Ville d'Esch dans une optique de revalorisation industrielle et/ou d'urbanisation?
 - Comment s'expliquent les suppressions d'emplois sur le site de Belval alors qu'il a été déclaré florissant et compétitif ?
 - Les activités de recherche et de développement n'incluent-elles pas le développement de nouveaux produits à haute valeur ajoutée pour des secteurs autres que la construction? Les procédés de fabrication, incluent-ils des technologies innovantes et Lesquelles ?
 - Quelles sont exactement les mesures de modernisation qui sont prévues sur le site de Belval et dans quelle optique stratégique ce site pourra-t-il se développer?
 - Quelles pistes sont envisagées par le gouvernement en cas d'un nouveau non-respect des engagements d'Arcelor-Mittal?
- demande au Collège des Bourgmestre et Echevins
- d'organiser, ensemble avec tous les acteurs concernés (ministres, dépu-

tés, maires des communes-sites concernées de la Grande Région), une réunion commune afin d'élaborer une stratégie commune concernant le futur industriel de la région.

Buergermeeschter Lydia Mutsch (LSAP): „Selbstverständlich därf jiddweree sech...“

Daniel Codello (LSAP): „Här Bernard, ech wéilt awer d'Enthalung vu menger Fraktioun begrënnen. Dat ass op zwou Ursachen hin. Éischtens feelt eis de Volet eben d'Groussregioun an Ärer Motioun, deen awer fir eis indispensabel ass, dass op deem Niveau soll Aktiounen stattfanen a konkret politesch diskutéiert an och agéiert ginn.“

An en zweete Volet ass, dass an Ärer Demande un de Schäfferot der scho vill ze vill konkret gi sidd a mir wënschen eis do awer nach fir deen een oder anere Punkt, zemoos d'Taxatioun, fuerdere mer awer nach Diskussiounen an den zoustännege Kommissiounen an an de Fraktiounen. A le moment venu sidd Dir jo als Conseiller, hutt Dir jo d'Recht dat doten nach eng Kéier op den Ordre du jour ze setzen, mä dofir eis Abstentioun als LSAP an als, mengen ech als Gréng Fraktioun och. Merci.“

Buergermeeschter Lydia Mutsch (LSAP): „Merci, Här Codello an och nach eng Kéier dem Interpellant. Ech muss eng kleng Diskussioun mat lech féieren iwwert den Timing. Bon, ech ginn dovunner aus, dass den Här Baum säi Punkt haut wéllt diskutéieren. Ech menge mir sinn och Demandeur, dass mer do eng Positioun vum Gemengerot hunn, mir wäerten allerdéngs dann net méi dozou kommen, a mer mussen iwwert eis Zäit vun eng Auer goe wa mer deen dote Punkt huelen. Ech wéilt gär dofir Ären Accord a mir wäerten eis dann awer limitéieren drop fir d'Personalfroen ze huelen an d'Règlement de la circulation an déi aner Punkten an enger nächster Gemengerotssetzung, an d'Mobilitéit an dann déi aner Punkten an enger nächster Gemengerotssetzung.“

(Ënnerbriechung vum Här Knaff)
Also elo all déi Punkten déi elo keng Urgence hunn, géing ech proposéieren ob déi nächst Sétzung ze huelen.

(Ënnerbriechung vum Här Knaff)
Also, elo en attendant gi mer dem Här Baum d'Wuert. Sidd Dir domatter d'accord? Mir iwwerschneiden dann eis Zäit. Gutt.“

9. Gestion et tarification de l'eau: motion; décision (point mis à l'ordre du jour par Monsieur le Conseiller Communal Marc Baum)

Marc Baum (DÉI LÉNK): „Madame Buergermeeschter, Merci fir d'Wuert. Déi Motioun an dee Punkt op den Ordre du jour hu mer gesat, well eng aktuell Debatt leeft iwwert de Waasserpräis. De Waasserpräis dee jo schonn an deene leschte 5 Joer ëmmer erëm Sujet war an et ass eng Aktualitéit dobäi komm, dass den Inneminister Halsdorf den 20. Dezember d'Gemengen a virun allem d'Buergermeeschteren an d'Deputéierten opgefuerdert huet, fir Stellung ze huelen zu enger Propos vun engem eenheetleche Waasserpräis. Dat Dokument wat hien entwéckelt huet, dat huet 5 Pisten. Am Fong besteet et aus 5 Variante wéi ee kéint zu engem eenheetleche Waasserpräis kommen. Alle 5 besti se doranner, dass een eng national Struktur géif schafen. Verschidder géife ganz kloer bedeiten, dass et zu enger Expropriation, dass ass d'Wuert selwer, vun de Gemenge géif kommen an d'Opléisung an eng eenheetlech national Struktur. An der Vergaangenheet hu schonn eng ganz Rëtsch, also an deene leschte Wochen hunn eng ganz Rëtsch Gemengeréit doriwwer deliberéiert an eng Haltung dozou ageholl. Déi Haltung war duerchweegs negativ. Als Lénk hu mir duerfir eng Motioun eraginn, an deene Gemenge wou mer vertrauede sinn, an déi och an déi Richtung geet, déi nämlech fuerdert dass de Schäfferot vun der jeeweileger Gemeng seet Nee zu engem eenheetleche Waasserpräis verbonne mat dem Opruff fir eng europäesch Initiativ a Form vun enger Petitioun ze ënnerstëtzen.“

D'Waasserwierker sinn en Deel vun der Gemengenautonomie an d'Waasserwierker si fir déi meeschte Gemengen déi lescht industriell Tätigkeet déi d'Gemenge selwer hunn. Esch ass do eng Ausnam. Esch huet och nach en Elektrizitéitswierk. Esch geréiert de Müll och nach selwer. An aner Gemengen ass et net esou. Duerfir ass déi Fro vun der Gemengenautonomie hei eng aner wéi just, soen ech elo mol, esou wéi se oft an der Öffentlechkeet duergestallt gëtt, als e Fetisch vu Gemengemammen oder Gemengepäpp, mä et ass eppes wat déi demokratesch Handhab an déi demokratesch Souveränitéit vun de gewielte Verrieder an de Gemenge selwer betrëfft.“

D'Gemenge sinn och déi déi bis elo d'Waasserversuergung selwer organiséiert hunn an dat mat relativ grousser Suc-

cès. D'Proximitéit ass en Argument, d'Proximitéit zum Réseau, d'Proximitéit zu de Quellen, zum Erschleisse vu Waasser ass eppes wat d'Gemenge méi habilitéiert wéi eng grouss national Struktur mat engem groussen administrative Waasserkapp. Et ass awer och esou, dass déi Propos vun engem eenheetleche Waasserpräis, egal a wéi enger vun deene 5 Variante virgeschloe ginn ass, géif dozou féieren, dass 89% vun der Populatioun hei zu Lëtzebuerg méi en héije Waasserpräis géif bezuelen. Zu Esch wier et eng Steigerung vu ronn 50%. Dat ass an eisen Aen inakzeptabel. An et huet déi grouss Gefor a sech, dass wann een e gutt ënnerhalent Netz zesumme féiert wat bis elo kommunal geréiert ass, zesumme féiert zu engem groussen Netz, dann ass déi grouss Gefor, dass dat Netz iergendwann eng Kéier kommerziellen Interêten ënnerläit a kéint liberaliséiert ginn, wat esou an där heiter Form wéi et am Moment de Fall ass, net ka geschéien.“

Souguer dat Pabeier wat de Minister bei seng Explikatiounen geluecht huet, kënn selwer zur Konkusioun: 's'y ajoute', ech zitieren, 's'y ajoute le risque d'une reprise de cet opérateur', also déi national Instanz, 'une reprise de cet opérateur par une multinationale, ce qui placerait l'Etat en tant qu'autorité de contrôle dans une situation peu confortable'. Also d'Regierung selwer gesäit d'Gefor vun enger eventueller Liberaliséierung, gesäit se selwer vir. Duerfir mengen ech, dass ee muss ganz kloer Nee soen, Nee zu där doter Aart a Weis fir en eenheetleche Waasserpräis ze kréien.“

Déi ganz Diskussioun ass awer eréischt entstanen duerch d'Aféierung vun deem faméise Käschendeckungsprinzip an der Waasserwirtschaft. Dee Käschendeckungsprinzip deen op anere Beräicher schonn applizéiert gëtt, ass e klasscheschen Trick aus der wirtschaftsliberaler Mottenkiste deen ëmmer erëm erausgeholl gëtt fir eng éischt Stuf ze maache vun enger Kommerzialiséierung vu verschidder Servicer déi virdrun d'öffentlech Hand ugebueden huet. Dat ass an eisen Aen eng grouss Gefor. A Lëtzebuerg huet an der Ëmsetzung vun deem Gesetz, vun där Direktiv, vun der Kaderdirektiv vun 2000, ass Lëtzebuerg am Gesetz vun 2008 souguer nach méi wäit gaange wéi d'Direktiv an huet nieft dem Prinzip vum Pollueur payeur, dee mer jo aus der Industrie kennen, wou et drëm geet dass deen deen eng industriell Verschmutzung herstellt, dass deen och responsabel ass fir herno den Assainissement, huet d'Regierung eng nei Kategorie dobäi erfionnt an dat ass den Utilisateur payeur. Dovunner

stoung an där ursprüngelecher Direktiv guer näischt dran. De Käschendeckungsprinzip huet iwverall dozou gefouert, datt d'Präisser an d'Luucht gaange sinn. Huet iwverall dozou gefouert, datt doduerch datt jiddwereen dee selwechte Präis bezilt, besonnesch déi sozial schwach relativ zu hirem Akommes dee méi héije Präis dofir bezuelt hunn, woubäi et fir déi iewescht Akommeschichten dann awer nach ëmmer éischter e Klacks war. Duerfir ass an der Vergaangenheet och ganz oft iwwert d'Aféierung vun engem méi gerechten a méi ökologesche Waasserpräis diskutéiert ginn. E Waasserpräis, dee souwuel a sech selwer sozial Critèren dran huet, wéi eng Dimensioun vu wat ass effektiv de Prix de revient. Wéi awer och en ökologesche Lenkungsmechanismus. An där Aart a Weis wéi am Moment an deene meeschte Gemengen de Waasserpräis berechent gëtt, gëtt et zum Beispill dësen ökologesche Lenkungsmechanismus, datt wierklech d'Verbëtze bestrooft gëtt, iwverhaupt net. Dëst ass awer och ze gesinn am Kader vun enger weiderer europäescher Direktiv déi um Instanzewee ass, déi viru 4 Wochen an der europäescher Parlamentskommissioun duerchgewonk ginn ass, mat der Oppositioun zwar vun de Grénge, vun de Lénken a vun engem Deel vun der Sozialdemokratie, déi Service Richtlinien ... (Zwëscheriff)

D'Sozialdemokratie war op deem Punkt ellen, elle gespléckt wéi dat och op anere Punkten heiandsdo de Fall soll sinn – ass se duerchgewénkt ginn an dat ass eng Service-Direktiv déi besonnesch fir Gemengen immens geféierlech ass. Grad däitsch an éisträichesche Gemenge lafe Stuerme, well si mat där doter Richtlinn riskéieren hir kommunal Wasserwerke mussen ze privatiséieren. An de Geescht vun där Direktiv ass eendeiteg, e geet an eng weider Liberaliséierung vun engem vun deenen zentrale Beräicher vun dem alldeeglechem Liewen, wat an eisen Ae komplett inakzeptabel ass an all déi Beweiser, all déi Beispiller déi et ginn, ob et Berlin, London ass, iwverall do wou liberaliséiert ginn ass, sinn d'Fuiten an d'Luucht gaangen, de Präis ass an d'Luucht gaangen. Awer natierlech och de Gewinn fir e puer wéiniger. An déi meeschte Leit hunn einfach misste wesentlech méi Sue bezuelen. Et ass eng sozial Katastroph gewiescht, déi Liberaliséierung, an eng ökologesche do wou se duerchgefouert ginn ass, wou mat ganz ville Suen erëm probéiert gëtt ze rekommunaliséieren. Duerfir dës Motioun där hiren Inhalt ech elo méi oder manner komplett erëmginn

hunn. Ech hunn awer gesinn, datt d'Majoritéitsparteien oder d'LSAP, d'Majoritéitsparteien eng aner Motioun proposéiert hunn, déi ech geliest hunn an déi ech besser fanne wéi meng eegen, well an där Motioun ebe justement dra steet, datt Piste sollen elaboréiert gi fir e Staffelsystem anzeféiere wat eng fundamental Fuerderung ass déi an eiser ursprüngelecher Motioun net dra war an et ass, wat ech och eng ganz wesentlech Verbesserung zu menger eegener Motioun fanne, et steet dran, datt Waasser, d'Grundrecht op Waasser eppes ass, wat am Kader vun der Diskussioun ëm d'Konstitutioun misst an d'Konstitutioun ageschriwwen ginn. Dëst ass eng formidabel Motioun an duerfir géif ech meng zréckzéien an duerfir plädéieren d'Motioun vun der LSAP ze votéieren."

Buergermeeschter Lydia Mutsch (LSAP):

„Merci, Här Baum. Au vote!

(Zwëscheruff)

Dir wollt d'Remerciementen entgéint huelen. Déi Häre Codello, Maroldt a Kox wann ech gelift."

Daniel Codello (LSAP):

„Merci, Madame Buergermeeschter. Fir d'alleréischte, net nëmme Remerciementen entgéint huelen, mä ech mengen dass dat heite grad esou wéi déi Interpellatioun vum Kolleg Bernard, grad esou wichtig, wann net nach méi wichtig ass. An duerfir begrësse mer och d'Initiativ vun der Lénker Fraktioun, dass se dat haut op den Ordre du jour gesat hunn an ech mengen den Här Baum huet et gesot, wann ee sech an der leschter Zäit esou an den Dageszeitungen d'Sitzungsberichte aus den eenzelne Gemengeréit am Land ugekuckt huet, an ech hu mer se och gehalen, fir mech haut e bëssen ze preparéieren, da konnt een esou e Querschnëtt duerch d'Land maachen. Den Norden an d'ländlech Gemengen déi jo do, ech ka mech un déi eng oder aner Titelen, bon, déi zwou Zeitungen déi ech mer gehalen hunn, déi sëtzen och elo nach hei vertrueden, datt dann do vu Solidaritéit vun de Südgemenge gefuerdert gëtt an den Nordgemengen, dass dach awer deen eenheetleche Waasserpräis soll kommen. An ech hunn d'éinescht jo beim Abrisud gesot, majo mir fuerderen awer déi selwecht Solidaritéit dann awer och erëm zréck an den Norden wann et mol ëm Sozialstrukture geet. Et kann een net elo nëmme an deem heite Kontext e President, en Député maire, dee President vun engem Waassersyndikat do uewen ass fir en net wellen ze nennen, mä deen dee gréisste Verfechter vun deem eenheetleche Waasserpräis ass,

dee schonn op engem éischte Syvicolskongress senger Zäit vun de Südgemengen, ech géing soe gebeetscht ginn ass wéi hie mat där Fuerderung do komm ass an ech denke wa mer vu Solidaritéit schwätzen, dat sinn awer zwee Feiler déi an déi selwecht Richtung weisen. Mir si gäre solidaresch mat den Nordgemengen, esou laang si hir Solidaritéit och mat eis ausschwätzen an och beweise mol wat se do vu Responsabilitéit an deem Domaine iwverhuelen.

Här Baum, e puer Wuert zu der Entstehung vun eiser Motioun. Ech muss lech riicht eraus soen, d'Majoritéitsverrieder hunn ënnerenee geschwat an hu gesot, majo eigentlech déi Motioun ass eis och sympathesch, mä si huet eis ze vill komplizéiert geschéngt. Se war, d'Tirete waren, c'était du lourd, an do hu mer geduecht, komm mir schreien dach e bëssen ..."

Schäffen Henri Hinterscheid (LSAP):

"Also, wanns du lo färdeg bass, da stëmmt en se net!"

(Gelaachs)

Daniel Codello (LSAP):

„Nee, nee! Kommt, mir schreien dach déi Grundgedanken, wou mer eis jo eens sinn, komm mir schreien dat op e bësse méi eng digeste Aart a Weis. An dann, Dir wësst jo wéi dat geet, wa bis eng Diskussioun op eemol un d'Rulle kënn, da kommen Ideeën. An do koum dann d'Idee vun engem Kolleg, ech nennen hien, den Hinterscheids Heng huet dunn op eemol gesot, majo da komm mir gi méi wäit wéi all déi aner Gemengeréit déi bis elo driwwer diskutéiert an ofgestëmmt hunn. A wa mer schonn am Kader si vun enger Verfassungsreform, a jiddweree seet, dat ass eng ganz wichtig Diskussioun, a Waasser ass jo e Grundrecht, ma da komm mir proposéieren als Escher Gemengerot, dass mer méi wäit ginn an der Motioun a soen, d'ass gutt, den Accès zum Waasser ass e Grundrecht wat an der Verfassung muss verankert ginn. An dat ass eben, ech mengen, awer keng onwesentlech Differenz zu all deenen anere Motiounen déi landeswäit bis elo gestëmmt gi sinn an ech si frou, datt Dir, ech hu mer awer virgestallt, datt mer do awer an Ärem Sënn géingen dat an d'Motioun schreien.

Fir de Rescht sinn ech mat alles wat Dir gesot hutt zu där Proposition de directive, ech hunn e bëssen zynesch an der Finanzkommissioun gesot, et muss ee scho bal dem Här Barnier Merci soen, datt hien déi Proposition de directive op den Dësch bruecht hätt, well soss hätte mer vläicht awer nach net déi doten uge-

reegten Diskussioun hei am Land zu deem ganz wichtege Punkt wat awer d'Waasserpolitik ass hei kritt. An ech soen lech Merci, datt Dir déi dote Motioun ënnerstëtzt an dass mer dann och an deem Sënn kënnen elo weisen a kucken op jidde Fall wéi d'Nationalpolitik dorop- per reagéiert am Kader vun der Verfas- sungsreform. Merci."

Buergermeeschter Lydia Mutsch (LSAP): „Merci, Här Codello. Et wier dann um Här Maroldt an duerno um Här Kox."

Frunnes Maroldt (CSV): „De Virdeel, wann den Här Maroldt schwätzt, da gëtt et ganz kuerz. Wa mer haut déi aus- schweifend an déi wäit aushuelend Inter- ventiounen déi mer haut haten, wann ech elo déi wëll schnell vergiessen, quitte dass wäertvoll Elementer dobäi vläicht waren, mä, in der Kürze liegt die Würze, ganz oft.

Wat elo den Ausléiser hei fir déi Motioun hei, eng Motioun fir de Waasserpräis, ech mengen dat ass, loosse mer eis do näischt virmaachen, dat berout op engem vun den Optrëtter vun engem Buerger- meeschter vun enger Nopeschgemeng, deen a mengen Ae populistesch do vir- gaangen ass, dass hie gesot huet, hei esou vill Liter Waasser huet jiddweree gratis ze gutt. An ech fannen, just domat- ter, quitte dass ech vläicht – do gëtt d'Madame Sozialschäffin mer wahr- scheinlech Recht – dass et effektiv Leit sinn, dass et en Element ass wat zum Liewe gehéiert, wat een och brauch, mä wann een et esou presentéiert, fannen ech ass et dat falscht Zeechen. Well domatter iergendwéi, do verleet een d'Leit jo derzou fir de Krunn opzedréinen an eben, dat ass, also ech brauch net drop opzepassen, dat ass jo mäi gutt Recht fir esou vill Liter gratis den Dag ze hunn an da kann ech et och verbëtzen. An dat fannen ech ass e falscht Zeechen. Also, ech fannen hei an dëser Diskus- sioun, an ech géif och soen, do deelen déi meescht vun lech deelen do meng Meenung, wa mer hei eng Diskussioun iwwert d'Waasser hei féieren, ass et och wichtig, dass ee seet, wéi gesot d'Waas- ser ass esou wäertvoll, dass mer et net kënne méi verbëtzen. Et gëtt vu Peak Oil geschwat. Ech menge mer kënnen ouni Ueleg kéinte mer fonctionnéieren als Mënschen, ouni näischt. Also wa mer eisen Auto méi oft géife stoe loosse, mä Waasser brauch all Mënsch, esou vill Liter Waasser brauch de Mënsch am Dag fir ... (Zwëscheruff)

Den Dokter hei niewent mer dee kann lech do méi Präzisiounen ginn, mä op jid- de Fall et brauch een awer Waasser fir ze

liewen. Wann dat Element esou wichtig ass, dann ass et a mengen Aen ass et eis Missioun och fir do weider Sensibilisa- tioun ze maachen, dass dat Waasser soll versuergt ginn, dass et net verbëtzt soll ginn. An dann, wat och als Gemengever- trieder, wat eis Uleies an eis Suerg soll sinn, dat ass, dass d'Waasser och d'Quali- téit vum Waasser dass dat hei zu Esch stëmmt. Quitte, dass mer do net méi 100%teg vun eisen eegene Quellen ofhänken. Also mir importéieren och hei Waasser, mä ech mengen, dat wat op eisem Terrain ass, dat ass eben dat Waas- ser wat mir den Escher Bierger ubidden, dat soll eng gutt Qualitéit hunn. Dat ass leider net ëmmer de Fall an do ginn et och eng Rei vun Ursachen. Ech mengen, déi déi scho méi laang hei dobäi sinn, wëssen dass mer och schonn déi eng oder aner Kéier op eise Reseau drop higewisen hunn, eise Reseau dee pla- zeweis veraalt ass, dee muss erneiert ginn. E gëtt op Plazen erneiert, dat gesäit ee wann déi blo Réier kommen an et kommen net eng aner Faarf Réier an de Buedem eran, da wësse mer, do gëtt eng nei Waasserleitung geluecht. Ech mengen, dat ass enorm wichtig an dat soll eis Suerg och sinn.

Dat gesot, alles wat an déi Richtung geet fir, ech menge virdrun och déi wat d'Aarbechtsplazen hei um Territoire vun der Escher Gemeng ubelaangt, esou wéi och déi heite Motioun, wäert ech mat menger Fraktioun wäerte mer déi stëm- men. Elo kucke mer wien am propperste formuléiert ass an déi iwwerhuele mer dann. Ech soen lech Merci."

Daniel Codello (LSAP): „Ech hat ver- giess, fir dass mer d'Unanimitéit bei där Motioun kréien, a well ech ze vill fréi geschoss hat, dat muss ech éierlech soen, wéilt ech gären de leschten Tired vun de Considéeranten eraushuelen, datt den Inneminister ze spéit op déi Journée de l'eau vum nächste Méindeg invitéiert huet. Ech hunn dat schonn dra gesat gehat an dunn hunn ech awer d'offiziell Reaktioun vum Minister, déi eis awer alicht, déi eis awer alicht wann Dir déi liest an et beweist jo, datt hien 3x gesot huet an Interviewen, an offiziellen Inter- viewen, den 11. März ass d'Journée de l'eau vun de Gemengen, an dass de Syvicol eréischt d'Invitatioun d'lescht Woch erausgeschéckt huet. Duerfir géing ech proposéiere fir dass mer d'Unanimitéit da kréien, dee 'regrettant' do erauszuhuelen, well et eigentlech net stëmmt. Den Inne- minister huet net ze spéit invitéiert. Dat war e Mëssel téschent Syvicol an Innemi- nistère. Duerfir géing ech dat proposéie- ren deen Tired erauszuhuelen."

Buergermeeschter Lydia Mutsch (LSAP): „Gutt. Merci, fir déi Ajoute. Dann ass et elo um Här Kox."

Martin Kox (DÉI GRÉNG): „Merci, Madame Buergermeeschter. Et bleiwen awer nach e puer Wuert ze soen. Et ass vläicht e bësse méi laang wéi mäin Noper. Mä déi Gréng si géint de Waasser- eenheetspräis. Fir d'Gestaltung vum Waasserpräis sinn eleng d'Gemengen zoustänneg. Offensichtlech steet dat schonn an der Verfassung dran. D'Ges- tioun vum Waasser als Autonomie com- munale, en nationalen eenheetleche Waasserpräis, féiert zu onerwënschte Ver- loscht vun der kommunaler Verantwor- tung a verhënnert eng effizient Waasser- versuergung. D'Zil muss sinn, propper Waasser an effizienten Émgang mat dem Ressourcewaasser. Et kann ee scho Ver- ständnis hunn, wann dee Buerger- meeschter do uewen oprëtt a seet, ok mir hunn ze héich Reseaukäschten an en zimlech héije Waasserpräis, wou fänkt d'Solidaritéit un? Dat ass ugesprach ginn. Ech mengen d'Solidaritéit sprécht och un an der Diskussioun déi mer virdrun haten, wat Arcelor ubelaangt, wat eis héich Aar- bechtslosegkeet hei zu Esch ubelaangt. Wou ass do d'Solidaritéit? An ech menge wann een an der Landgemeng wunnt, dann huet een eng méi héich Liewens- qualitéit wéi hei, manner Bauterrains- präisser an esou weider. Och kann ee sech froen, wéini dann zum Beispill eng eenheetlech Taxe fir den Offall kënt?

D'Hauptuleies ass eng héich Drénkwaas- serqualitéit an eiser Gemeng ze garan- téieren, zum Schutz vun de Gewässer an zur Ofsécherung vun de lokalen Drénk- waasserquelle bäizedroen. Do ass eng Privatiséierung, Liberaliséierung, an der EU gëtt se genannt, komplett ausze- schlëssen, déi nëmmen op de Gewinn aus ass. Dat soll et net sinn. Bei 50% eegenem Waasser aus lokale Quellen a lafendem Invest an d'Waassernetz mat nidderegem Verloscht am Reseau an Instandhaltung vun eisem Ofwaasserent- suergung si mir als Gemeng insgesamt ganz gutt gestallt.

Ech ginn dann awer op de Punkt vum Här Baum an. Mir hunn hei zu Esch de käschtedeckende Waasserpräis. De Prin- zip ass awer net nei, mä huet nach ëmmer bestanen. D'Gemeng an domat de Bierger huet iwwert de Budget nach ëmmer missten de reelle Präis bezuelen. Nëmmen, dass elo de Verbraucher bezillt nom Prinzip, sief et Utilisateur payant oder Pollueur payant. Domat gëtt de Bierger ugehalen, verantwortungsvoll mam Waasser ëmzegoen. D'Präispolitik soll och gerecht, Verbraucherpräisser si

mat gezieltem sozialen Ausgleich. Méi héich Präisser ginn duerch d'Hëllef fir Haushalter kompenséiert déi finanziell schlechter gestallt sinn iwwert d'bestehend Prime de location de vie chère.

Dann nach eng Kéier kuerz op d'gratis Vergab vun Drénkwaasser, ass komplett e falscht Signal, weder sozial nach ökologesch. En hëlleft kengeswees zu Lëtzebuerg mam Waasser spuersam ëmzegoen. Als sozial Moosnam kann 20 Liter Drénkwaasser pro Persoun kaum bezeechent ginn. Dovu profitéiert de beschte Verdénger genau esou gutt wéi den RMG-Bezéier. Keng Sozialpolitik mat Taxe maachen, mä gezielt finanziell Kompenséierung fir akommesswaach Haushalter. En plus ass de Waasserpräis absolut net ausschlaggebend fir d'finanziell Problemer. Grouss finanziell Belaaschtunge sinn de Loyer, ass Hëtzes, ass Telekommunikatioun. A Besuch op d'Wunnkäschte mécht d'Waasserausgab nëmmen 1,18% aus.

Propper Waasser ass e Liewensmëttel vu Qualitéit, dat e korrekte Präis huet fir och d'Verschwendung vun der natierlecher Ressource ze evitéieren. D'Regierung amplaz vun ëmmer nees anere Modeller vu Waasserpräisgestaltung ze proposéieren, ass gefuerdert endlech de Käschtendeckungsprinzip op Gemengenebenen ze fördern an am Drénkwaasserschutz eng gemeinsam Responsabilitéit vun der Regierung endlech an där Beziéung aktiv ze ginn. Mir hunn ëmmer nach keng Waasserschutzgebidd. Dat eenzegt ass do uewen ëm den SES. Och do ass et veraalt. Mir hunn, an dat ass e ganz grouse Problem, 60% vum Waasser kënn aus dem Grondwaasser a 60% vum Lëtzebuerg Drénkwaasser hu Spuere vu Pestiziden. Nei Erausforderung fir d'Regierung an d'Gemenge si kostendeckend Präisser, dat ass eis Meenung, fir propper a gesond Drénkwaasser an de Recht zum Zougang zu Drénkwaasser an der Konstitutioun ze verankeren. Ech soen lech Merci."

Buergermeeschter Lydia Mutsch (LSAP): „Gutt, Merci, Här Kox. Mir géingen dann, esou wéi ech dat vläicht schonn no der Presentatioun vum Interpellant kënnen maachen, awer vergiess hat, dem Infrastrukturshäffen, dem Här Hinterscheid d'Wuert ginn.“

Schäffen Henri Hinterscheid (LSAP): „Merci. Eigentlech ass net méi ganz vill vun all deem duerch all dat wat gesot ginn ass, zou ze fügen. Ech mengen, et ass einfach wichteg, dass mer eis der Wichtigkeet vum Waasser bewusst sinn. Biologesch kënnen mer net ouni Waasser

existéieren. Dräi Deeg, mengen ech, packt een et. Ouni lesse kann ee vill laang auskommen. Also, dofir ass d'Waasser esou wichteg fir de Mënsch wéi kaum eppes anescht. D'Waasser ass wichteg, dass eis Biologie funktionéiert. Waasser ass awer och wichteg, dass mer déi Hygiène déi mer haut hunn, déi dozou gefouert huet, dass grouss Seuchen a grouss Krankheeten éradiquéiert gi sinn, dass déi Hygiène déi mer haut kennen, dass mer déi kënnen maachen. Dofir, d'Waasser ass wichteg fir eis eng Kéier wann et uewen erakënn an eng Kéier wann et ënnen erausgeet a mir hunn eng duebel Verantwortung. Mir hunn eng duebel Verantwortung als Gemeng. Mir sinn dofir zoustänneg, dass mer héich qualitativ Waasser zur Verfügung stellen, wat mer kënnen konsuméieren a mir si genau esou zoustänneg derfir, dass d'Waasser erëm eng Kéier ënner korrekten hygiënesche Konditiounen ofgefouert gëtt an duerno erëm an en Zoustand bruecht gëtt, dass net eis Baachen an eis Flëss futti ginn, an dass mer domat lues awer sécher eis eegen Existenzgrondlag vernichten.

Ech wëll just eppes soen an dann ofschléissen. Wa mer Entwécklungsprojete maachen, woumat fänke mer un? Wa mer an den Tiers monde ginn oder an de Quart monde? Fir d'éischt fänke mer mol un dass Pëtze gegruewe ginn, an dass duerno d'Ofwaasser korrekt behandelt gëtt, fir dass op déi eng Manéier propert Waasser zur Verfügung gestallt gëtt an op déi aner Manéier d'Waasser herno, net gebrauchtend Waasser e Krankheitsrisiko duerstellt.

Wa mer esou en Entwécklungsprojet maachen als Europäer, dann insistéiere mer ëmmer, dass d'Waasserversuergung an d'Entsuergung ënnert der Kontroll vun der Collectivité locale ass. Dann insistéiere mir ëmmer als Europäer op anere Kontinenter, dass d'Waasser fir jiddweree muss accessibel sinn. Dofir ass et scho bal eng Hérésie wa mir esou Diskussiounen hei op eisem Kontinent an an eisem Land musse féieren. Ech wollt dat einfach eng Kéier rappéléieren, dass mer eis ëmmer erëm drun erënnere wat mir dobausse priedegen. An da solle mer hei wann ech gelift dat selwecht maachen a mer fänken do un.

Et ass richtig think global but act local, an hei fänke mer domat un. An ech mengen souguer eisen Inneminister läit mat eis op enger Linn, well ech hunn an der Revue säin Interview geliest, ech mengen hien hat virdu schonn e Préavis oder e Virabzuch vun eiser Motioun gesinn, well hie seet quasi dat selwecht wat hei an dëser Motioun steet."

Buergermeeschter Lydia Mutsch (LSAP): „Merci eisem Ressortschäffen. Den Interpellant huet natierlech zum Schluss d'Wuert.“

Marc Baum (DÉI LÉNK): „Jo, Merci, Madame Buergermeeschter. Ech ka mech deene staatsdroende Wieder vum Ressortschäffe just uschléissen. Dat hei ass e ganz wichtige Vote dee mer ouni Géigestëmm huelen, deen eis eege Souveränitéit, eis demokratesch Souveränitéit verstärkt an e ganz kloert Zeechen, och no Tendenzen hi weist déi an aner Richtunge ginn op verschidden anere Pläng.

Dräi Remarquë just. Ech ginn dem Här Codello komplett Recht, wann ee vu Solidaritéit schwätzt, dann ass dat eppes wat net nëmmen an eng Richtung ka goen an et huet ee sech just missten unhéiere wéi d'Madame Spautz de Rapport gemaach huet, wat am Abrisud lass ass, do géife mer och Solidaritéit brauchen. Et gëtt am Norde keng Struktur wéi Abrisud. Dat muss ee wierklech ëmmer erëm betounen.

Dat zweet ass wat den Här Kox gesot huet, mat de Schutzmoosnamen. Do hutt Dir komplett Recht an ech sinn 100%teg mat lech averstanen. Ech mengen, datt dat eng vun deene ganz, ganz grouse Verfeelungen, vun deem Waassergesetz ass, datt am Fong de Kär, nämlech de Schutz vum Waasser an deem Gesetz guer net déi Bedeitung huet oder déi Ëmsetzung fënnt déi se am Fong vun der Direktiv misst hunn. Wat menger Meenung no awer och ganz vill Saache seet. An och iwwert de Käschtendeckungsprinzip. Et misst nämlech dra-stoen, wéi vill Waasser soll da gespuert ginn? Et misste jo Ziler definéiert ginn. Wat sinn eis Ressourcen? Wou wëlle mer hikommen? Wat ass den duerchschnëttleche Konsum dee mer durablement kënnen ustriewen? Alles dat feelt. Duerfir mengen ech, datt hannert där Käschtendeckung awer och nach e bësse méi eppes tricky-es verstoppt ass. Mir votéieren hei jo, datt eng Staffelung soll agefuert ginn. Mir hunn nach net driwwer geschwat wéi dat da soll ausgesinn. Dat si wahrscheinlech och ganz spannend Debatten. Ech wollt just dat hei dozou soen: En universaalt Recht an en universaalt Mënscherecht, dat gëllt fir jiddwereen. Esou wéi een näischt muss bezuele wann een an d'Schoul geet, egal ob ee Fils vun engem Dokter ass, oder ee Fils vun engem Aarbechter ass oder Fille, Weltfraendag ass jo haut. Esou mengen ech och, datt dee Waasserpräis an déi Staffelung een Element muss hunn, datt deem universale Recht gerecht gëtt. Dëst gesot, freeën ech mech iwwert de grouss-

se Konsens iwwert déi heite Motioun. Merci.“

Buergermeeschter Lydia Mutsch (LSAP):
„Ma da kéime mer zur Ofstëmmung vun där Motioun.“

Conseillers présents:

M. Marc Baum – M. Daniel Codello – M. Mike Hansen – M. Henri Hinterscheid – M. Théid Johanns – M. Martin Kox – M. Frunnes Maroldt – Mme Lydia Mutsch – Mme Vera Spautz – M. André Zwally

Le Conseil Communal approuve à l'unanimité la motion de la majorité.

Texte de la motion:

Le Conseil communal de la Ville d'Esch-sur-Alzette,

- considérant le débat sur le projet de directive concernant l'attribution de contrats de concessions en matière d'eau au niveau européen;

- tenant compte des réflexions et questions soulevées par le Ministre de l'Intérieur aux Bourgmestres pour avis;

- considérant l'initiative citoyenne au niveau européen "right2water"; demande au Collège des Bourgmestres et Echevins d'intervenir auprès des instances nationales

- que l'eau potable constitue un bien commun et non pas un bien commercial;

- que les missions fondamentales, telles que distribution en eau potable, le contrôle de la qualité d'eau, l'assainissement des eaux usées et l'accès à l'eau en tenant compte des exigences sociales résultant de l'application des tarifs de l'eau doivent être assurées par le secteur communal;

- de s'opposer à toute tentative de privatisation de l'utilisation des eaux;

- de s'opposer à toute tentative de création d'une structure unique et nationale en matière de gestion de l'eau;

- à refuser l'introduction d'une tarification unitaire pour la distribution d'eau potable et le traitement des eaux usées; et de soutenir l'élaboration d'un système de tarification échelonnée;

- à inscrire le droit à l'accès à l'eau potable dans la Constitution;

- à inviter les citoyens eschois de participer à l'initiative citoyenne européenne "right2water" par une campagne adéquate.

Buergermeeschter Lydia Mutsch (LSAP):
„Sou, wann ech richteg verstanen hunn, ass dann d'Propose fir d'Punkten 12, 13 an 21 nach ze huelen an ech géing dann am Remplacement vum Personalschäffen dem Här Hinterscheid d'Wuert gi fir d'Punkten 12 an 13 wann ech gelift. Oder mir kënnen och de ganzen Ordre du jour evacuëiere wann Dir mengt, dass kee Punkt elo wier wou Dir nach besonesch laang wëllt dozou d'Wuert huelen? Ma da kommt mer huele se all.“

10. Avenants aux conventions de construction de Maisons relais pour enfants; décision

Buergermeeschter Lydia Mutsch (LSAP):
„Da fuere mer weider mam Punkt 10, d'Avenanten zu de Konventioun mat de Maisons Relais. Dat sinn déi nämlecht Konventioun wéi mer se all Joer mat der zoustänneger Instanz maachen. Au vote.“

Conseillers présents:

M. Marc Baum – M. Daniel Codello – M. Mike Hansen – M. Henri Hinterscheid – M. Théid Johanns – M. Martin Kox – M. Frunnes Maroldt – Mme Lydia Mutsch – Mme Vera Spautz – M. André Zwally

Le Conseil Communal approuve à l'unanimité les conventions de construction de Maisons relais.

11. SIGI: adhésion de la commune de Tuntange; décision

Buergermeeschter Lydia Mutsch (LSAP):
„Beim Punkt 11 geet et drëm fir wéi déi aner Gemengen och déi Member sinn am SIGI hiren Accord ze ginn, dass Tënten ka Member ginn. Au vote.“

Conseillers présents:

M. Marc Baum – M. Daniel Codello – M. Mike Hansen – M. Henri Hinterscheid – M. Théid Johanns – M. Martin Kox – M. Frunnes Maroldt – Mme Lydia Mutsch – Mme Vera Spautz – M. André Zwally

Le Conseil Communal décide à l'unanimité de se prononcer pour l'adhésion de la commune de Tuntange au syndicat intercommunal de gestion informatique S.I.G.I.

12 Questions de personnel; décision

Buergermeeschter Lydia Mutsch (LSAP):
„Bon, da kéime mer bei déi Punkten 12 an 13. Här Hinterscheid.“

Schäffen Henri Hinterscheid (LSAP):
„Punkt 12. Als éischt hu mer eng Création de poste, e Posten als Redakter am Sekretariat vun der Direktioun vun den Travaux an dann d'Suppression vum deem administrativen Expeditionnaire op där selwechter Plaz. Dir kënt lech drun erënneren, dass den Här Grober seng Demission gefrot huet a mer deen da musse remplacéieren.“

Dann hu mer an der Circulatioun eng Kreatioun an eng Suppression vum engem Posten. Mir haten do duerch den Dout vum Här Alain Peiffer, deen ze fréi gestuerwen ass, hate mer, dee Posten dee vun him besat war dat war e Salariéposten. Hee war responsabel fir d'Organisatioun vun den Agents municipaux. Mir proposéieren dee Salariéposten elo ze suppriméieren an dee Posten ze remplacéieren duerch en Agent municipal. Den Här Peiffer dat war eng Situatioun déi virdu bestanen huet an den Här Peiffer konnt herno net méi eraus Kontrolle maache goen, well hien als Salarié net assermentéiert war. Also et gëtt kee Poste weider.

An da proposéiere mer 3 Posten ze créiere fir déi zousätzlech Quartieren déi elo scho bäikomm sinn. Déi Extenssioun vun den Zäiten an déi zousätzlech Zone Belval/Homecht. A mir wäerten eis an deene weideren Diskussiounen elo nach eng Kéier en Outil gi fir ze kucken, wéi vill Agenten dass mer definitiv brauchen, wa mer nach eng Kéier Extenssioun maachen. Well wat de Pool méi grouss gëtt, wat ee manner Remplacementskapazität awer brauch, well dann et méi einfach ze organiséieren ass.

An dann hu mer am Garage municipal e Poste vun engem Chauffeur ënnert dem Regime vum Salarié. Mir hu Belval bäikritt. Mir hunn eng Kiermaschinn bäikritt a wéi mer de Moien diskutéiert hunn, den Entretien fänkt u bei eis ze leien, also dat ass de Revers vun der Medail.

Dann hu mer ënnert dem Personnel vum Employé communal eng Augmentation temporaire vun der Tâche vun der Madame Fabienne Niggel. Dat ass op 40/40tel. Dat ass fir e Remplacement ze maachen am Service vun engem Congé parental an engem Congé de maternité. Dann hu mer eng Modifikatioun vum Kontrakt vun der Madame Josiane Fiorese déi elo op 30/40tel gehuewe gëtt a vun

der Madame Vicky Schuller-Steich, déi op 35/40tel gehuewe gëtt.

An als Lescht hu mer d'Allocatioun vun enger Prime wéi se am Kollektivvertrag vum SAS virgesinn ass fir d'Responsabel vun der Crèche, d'Madame Siri Peiffer."

Buergermeeschter Lydia Mutsch (LSAP): „Den Här Zwally."

André Zwally (CSV): „Merci, Madame Buergermeeschter. Ech wëll awer ganz kuerz bleiwen. Ech sinn awer de Kollegen aus der Kommissioun dat dote schëlleg. Ech menge mir hunn Diskussiounen gefouert gehat a mir wäeren och frou um Niveau vun der Kommissioun wa mer kéinten, wann e Changement kéint an enger Fonctioun, dass een eng Description de fonction krit. Wann de Secrétaire technique ass deen herno als administrativen oder als Redakter agestellt gëtt, ass et wichteg, och eng Description ze kréie fir dann en toute connaissance de cause kënnen en Avis och deementsprechend auszeginn. Dat wollt ech just soen."

Buergermeeschter Lydia Mutsch (LSAP): „Zesammen? Jo."

Conseillers présents:

M. Marc Baum – M. Daniel Codello – M. Mike Hansen – M. Henri Hinterscheid – M. Théid Johanns – M. Martin Kox – M. Frunnes Maroldt – Mme Lydia Mutsch – Mme Vera Spautz – M. André Zwally

Le Conseil Communal approuve à l'unanimité les questions de personnel.

13. Promotion de la mobilité du personnel de la Ville: règlement-taxe; décision

Schäffen Henri Hinterscheid (LSAP): „Nächste Punkt ass e Punkt dee mer drop gesat hunn, eigentlech géing en och ënner Personal froe gehéieren. Mir hunn Diskussiounen mat eiser Delegatioun gehat, mat eisen Delegatiounen gehat déi gefrot hunn, dass d'Personal kéint de City-Bus-Réseau benotzen, gratis benotzen. Mir haten do Diskussiounen mam TICE, dat ass net esou einfach méiglech. Dat géing wuel op de Linnen 11 an 12 goen, mä dat wier awer relativ beschränkt, wann ee kuckt dass déi aner Operateuren, déi aner regional TICE-Linnen, déi aner RGTR-Linnen, CFL, dass déi dann net kéinte genotzt ginn. Dofir hu mer en Titre de transport créiert, eng Joereskaart fir de City-Bus an eist Personal hat eigentlech gefrot fir et gratis ze

benotzen. Mir proposéieren elo dat fir e Präis vu 5 €, dat sinn d'Konfektionskäschtchen an d'Administrationskäschtchen vun deem Titre de transport. Wat natierlech, et soll een dat och als dat gesi wat et ass, wat als Revers vun der Medail och eng Diskussioun huet, wéi wäit, dass mer nach Déngschtfaarte mam individual Auto um Territoire vun der Stad Esch an Zukunft wäerten indemniséieren. Well wann een de City-Bus-Réseau huet hei zu Esch, mengen ech kann een all Chantier an alles mam öffentlechen Transport kucke goen. Dat wäert de Revers da vun der Medail sinn, dass dat e bësse méi restriktiv gëtt, esou dass et dann éischter eng positiv finanziell Operatioun fir d'Gemeng ass. An ech mengen dat ass och am Sënn vun den Delegatiounen déi och mat Promoteur si vun der Mobilitéit intraurbaine iwwert den Transport en commun.

Ech hu gesinn an dem Rapport vun der Finanzkommissioun ass drop higewise ginn ob mir net kéinten och mat Promoteur si bei aneren Employeuren? Dach, dach, mä ech mengen da muss ee mam gudden Beispill virgoen. Dat maache mer hei. An esou wéi aner Employeuren och kënnen hirer Belegschaft, hire Mataarbechter, M-Päss zur Verfügung stelle wou se mat subventionéieren, mengen ech kann een och dat hei maachen.

Well awer ganz vill vun der Mobilitéit vun den Arbeitnehmerinnen an Arbeitnehmer hei zu Esch net eng reng Escher Mobilitéit ass, mengen ech, sollte mer iwwert dee Wee och mat hëllefen den M-Pass ze promovéieren a wa se den M-Pass hunn, dann hu se souwisou d'Gratuitéit op eisem City-Bus-Réseau. Also an deem Sënn ass dat do och ee Bäitrag zur Förderung vun der Mobilitéit intraurbaine iwwert den öffentlechen Transport."

Buergermeeschter Lydia Mutsch (LSAP): „Den Här Codello, wann ech gelift."

Daniel Codello (LSAP): „Ech soen dem Här Hinterscheid Merci fir d'Presentatioun vum dem Punkt an och dass hien op den Avis vun der Finanzkommissioun agaan ass. Deen ech awer wëll soen, den Avis ass positiv an et ass ganz kloer gesot gesinn, d'Escher Gemeng soll als Patron mam gudden Beispill virgoen.

